

- à lui soumettre un projet de loi d'approbation concernant l'accord de réadmission avec la Yougoslavie;
- à renoncer à toute mesure qui pourrait découler de cet accord avant son approbation par le parlement, notamment celle d'expulser les personnes demandeuses d'asile en fin de droits.

(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Lucien Lux gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Den Här Lux huet d'Wuert.

4. Dépôt d'une proposition de loi

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, ech wollt eng Proposition de loi bei Iech deponéieren, déi zum Zil huet, de soziale Mindestloun den 1. Januar 2003 ëm siwe Prozent ze erhéijen.

– Proposition de loi 4995 portant modification de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

(Brouhaha général)

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vun där Proposition de loi.

Den Här Ben Fayot freet nach d'Wuert.

5. Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés – N° 4994 (Suite)

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, et handelt sech ëm eng Modifikatioun vum Règlement an do muss jo d'Reglementskommissioun zesummekommen. Ech wollt froe wéini dat géif geschéien, ob dat nach mar geschitt? Wéini huele mer déi Dispositioun dann elo definitiv un?

M. le Président.- Den Här Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech mengen, Här President, um véier Auer ass eng Conférence des Présidents. Déi kënnt elo zesummen an hält Akt vun där Modifikatioun an duerno soll dann d'Reglementskommissioun convoquéiert ginn. Mir hate geduecht, dass mer dat elo während der Sëtzung kënnte maachen, de Mëtteg oder eventuell mar de Moien.

Mä ech mengen, vu dass deen Text awer den Accord vu sämtleche Fraktiounen dréit, muss ee wahrscheinlech net méi allze vill iwwert déi Modifikatiounen diskutéieren. Mir sinn awer selbstverständlech bereet dat an der Reglementskommissioun ze maachen, mä mir maachen dat entweder, wann déi Leit d'accord sinn a si sinn hei, de Mëtteg oder eventuell mar de Moien dann.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker freet d'Wuert.

6. Motion concernant l'accord de réadmission entre le Benelux et la République fédérale de Yougoslavie (Suite)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Här President, ech entschëllege mech, well et ass relativ ongewéinlech, dass d'Regierung an d'Dagesuerdung vun der Chamber intervenéiert, mä ech héieren elo, dass eise Kolleg, den Här Bausch, eng Motioun abréngt am Zesummenhank mam Accord de réadmission Benelux Jugoslawien. D'Regierung ass Demandeur, dass déi Motioun haut nach diskutéiert gëtt, an zwar direkt.

M. le Président.- Gutt, mir huelen den éischte Punkt vun eisem Ordre du jour nach duerch an da komme mer zu där Motioun, wann d'Chamber domat d'accord ass.

Ass d'Chamber d'accord mat der Proposition vum Här Statsminister?

(Assentiment)

Des voix.- D'Motioun muss awer nach ausgedeelt ginn.

M. le Président.- Jo, si gëtt nach ausgedeelt.

7. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. Déi eelefjährest Sessioun vun der parlamentarescher Versammlung vun der OSZE huet vum 6. bis zum 10. Juli 2002 zu Berlin stattfonnt. D'Chamber war vertrueden duerch hire President an déi Hären: Ady Jung, Alexandre Krieps, Lucien Lux a Jacques-Yves Henckes.
2. Vum 5. bis den 9. Juli 2002 sinn zu Bern de Büro an déi parlamentaresch Versammlung vun der Assemblée parlementaire de la Francophonie zesumme-komm. D'Chamber war duerch den Här Jos Scheuer vertrueden.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi, deen d'Nummere 4971, 4972 a 4973 dréit, iwwert d'Förderungsmaassnahmen zugonschte vum Wunnengsmaart. Als Riedner sinn agedroen déi Hären: Halsdorf, Di Bartolomeo, Graas, Rippinger, Garcia, Urbany a Krecké.

Mir fänken u mat där Debatt a soubal d'Motioun ausgedeelt ass, da géinge mer ee Moment ënnerbriechen, fir déi Motioun hei virzehuelen an doriwwer ofzestëmmen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupt.

8. Projet de loi 4971, 4972, 4973 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition

de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation, et portant modification:

1. de la loi modifiée du 29 mai 1906 sur les habitations à bon marché;
2. de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs;
3. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
4. de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
5. de la loi du 6 décembre 1990 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), *co-rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Dezember vum leschte Joer huet de Wunnengsbauminister Fernand Boden e Programme d'action iwwert de Wunnengsbau virgeluegt, deen zéng Achsen an drësseg Mesurë begräift.

A senger Ried zur Lag vun der Natioun huet de Statsminister Jean-Claude Juncker eng vun deenen Achsen, dat heescht déi, déi d'Fiskalitéit betrëfft, hei erläutert a kommentéiert. Den Objet vun dësem Projet de loi ass et, fir déi Mesuren elo an eist Gesetz ze iwwerhuelen.

Initialement waren am Fong geholl dräi Projets de loi virgesinn: een, wat déi direkt Besteuerung ubelaangt, en aneren, wat de Volet TVA an en drëtten Projet, wat de Volet Droits d'enregistrement ubelaangt. De Statsrot huet awer gemengt, et soll een déi sämtlech Mesuren, déi jo een Objet hunn, dat heescht, de Wunnengsbau ze fördern, an engem eenzege Projet zesumme faassen an en huet deementsprechend en Text proposéiert.

D'Finanzkommissioun war der Meenung, et soll een op deem Text schaffen. Si hunn also en eenheetleche Projet diskutéiert, mä well awer zwee Rapporteurs virgesi waren, dat heescht de Kollege Lucien Clement fir de Volet TVA an Droits d'enregistrement an ech selwer fir de Volet direkt Besteuerung, huet d'Kommissioun decidéiert, datt mer dee Projet sollen als Co-Rapporteur virbréngen.

Här President, de Problem vum Wunnengsbau situéiert sech op zwee verschidden Niveauen. Deen éischten Niveau ass dee vun der Deierécht vum Eegenheem, déi besonnesch bedingt ass duerch d'Deierécht vun de Bau-

terrainen. Deen zweeten Niveau ass dee vun der Wunnengsnout am Beräich vun dem lokative Wunnengsbau, dee besonnesch drop zrëckzeféieren ass op e Manktum u Rentabilitéit, wat de lokative Wunnengsbau ubelaangt.

D'Deierécht vum Eegenheem a besonnesch d'Deierécht vum Bauterrain ass dorop zrëckzeféieren, datt mer op där enger Säit eng relativ héich Demande un Terrainen hunn, well eis Populatioun jo konstant gestigen ass a well och de Pouvoir d'achat vun de Leit an d'Luucht gaangen ass. D'Leit sinn also bereet, fir méi an de Wunnengsbau ze investéieren. Also d'Demande ass an d'Luucht gaangen an d'Offer ass net deem nogezunn, doduerch sinn d'Präisser dann an d'Luucht gaangen.

Dat Schlëmmst an deem ganze Marché ass, dass d'Offer net zouhëlt obwuel d'Präisser an d'Luucht ginn. Dat ass net de Fall aus zwou verschiddenen Ursachen:

1. well den Terrain, deen disponibel ass, einfach net ka vergréissert ginn,
2. well et nach Leit gëtt, déi sech soen: "All Dag gëtt mäin Terrain jo méi deier. Firwat soll ech e verkafen. Ech waarden nach e puer Joer, dann ass de Präis nach méi héich."

De Statsminister huet a senger Deklaratioun zum Etat de la Nation gesot, dass et zwou Mesurë gëtt, déi mer treffe kënnen. Déi eng ass méi eng bestrofend Mesurë, dat heescht, datt een higeet a bei deene Leit, déi den Terrain zrëckbehalen, den Impôt foncier, dee jo ridiculement niddreg ass, an der Zukunft vu Joer zu Joer klamme léisst. Mir maachen also eng progressiv Besteuerung vun engem Joer zum aneren op den Terrainen, déi zrëckbehalen gi sinn. Et gëtt och nach eng aner Méiglechkeet, andeems mer kucken, datt mer d'Besteuerung vun der Plus-value, déi beim Verkaf vun engem Terrain getätegt gëtt, erof setzen, also d'Leit encouragéieren, fir vun där Mesurë ze profitéieren an hir Terrainen ze verkafen, datt mer doduerch d'Offer kënnen an d'Luucht setzen an dann eventuell eng Baisse vun den Terrainspräisser oder wéinstens eng Stabilisatioun vun de Präisser kënnen bewierken.

Duerfir déi Mesurë, déi d'Besteuerung vun der Plus-valueën ubelaangt. Et ass eng Mesurë temporaire, déi also op dräi Steuerjoer limitéiert gëtt, dat heescht d'Steuerjoer 2002, d'Steuerjoer 2003 an d'Steuerjoer 2004. Bei der Besteuerung vun der Plus-valueë muss een zwee Fäll ausereenhalen. Den éischten Fall ass dee vun der Besteuerung vun enger Plus-value vun engem Terrain oder engem Immeuble, also an dësem Fall sinn d'Haiser mat abegraff, Immeublen, déi am Privatbesëtz vun enger Persoun dra sinn. Deen zweeten Fall ass deen, wou den Terrain net méi am Privatbesëtz ass, mä wou en an enger Entreprise de lotissement dran ass.

Fir d'éischten Fall vun der Besteuerung vun enger Plus-value vun engem Immeuble, deen am Privatverméige vun engem Contribuable dran ass. Do gesäit de Moment d'Steiergesetz erëm eng Kéier zwee verschidden Fäll vir.

Den éischte Fall ass deen, wou een en Terrain oder en Haus bannen zwee Joer verkeeft, nodeem datt een et akaaft huet. Da gëtt déi Plus-value, déi dorop realiséiert gëtt, als e Bénéfice de spéculation considéiert an als solche besteiert. Dat heescht op dem Benefiss vun enger Spekulation ass et net méiglech en Abattement ofzesetzen. De Benefiss gëtt zum vollen Taux, dat heescht, wann een op der Spëtzt vu sengem Akommes den Taux vun 38% erreecht huet, da gëtt dee Benefiss zum vollen Taux vun 38% besteiert.

Am zweete Fall, dat heescht, wou een den Terrain oder dat Haus méi wéi zwee Joer a sengem Privatbesëtz huet, ass et kee Bénéfice de spéculation méi, mä et ass einfach eng Besteuerung vun enger normaler Plus-value. Do gesäit am Moment d'Steiergesetz Folgendes vir: Et kann ee fir d'éischt en Abattement vu 50.000 Euro pro Contribuable ofsetzen. Wann de Contribuable bestuet ass, da kann een 100.000 Euro ofsetzen. D'Differenz, déi dann nach besteet, gëtt net zum vollen Taux marginal besteiert, mä si gëtt besteiert zu der Halschent vum Taux moyen.

Wat gesäit elo de Projet de loi vir? De Projet de loi gesäit vir, dass an deenen zwee Fäll, während der Période transitoire vun dräi Joer, déiselwecht Steuer ufällt, dat heescht, an deenen zwee Fäll kann een den Abattement vu 50.000 respektiv 100.000 Euro applizéieren an d'Besteuerung geschitt net no dem vollen Taux marginal an och net zur Hallschecht vum Taux moyen, mä an deenen zwee Fäll gëtt d'Besteuerung zu engem Véirel vum Taux moyen virgeholl.

Ech géif lech vläicht un Hand vun engem Beispill soen, wat dat vu Steuererspuernis ausmécht, wa mer dovun ausginn, datt mer eng bestuete Koppel hunn, déi keng Kanner méi à charge huet an déi e Revenu imposable vun 90.000 Euro huet. Ech hunn 90.000 Euro gewielt, well dat d'Limite ass, wou den Taux marginal vun 38% applizéiert gëtt. Loosse mer unhuelen, déi Leit géifen elo en Terrain oder en Immeuble verkafen, wou se eng Plus-value vun 150.000 Euro géife realiséieren. Am Fall vun dem Bénéfice de spéculation gëtt de Moment esou gehandelt: 150.000 Euro, keen Abattement, déi 150.000 Euro ginn zu 38% besteiert, dat heescht, dass dat eng Steuer vu 57.000 Euro ausmécht. Am Fall, wou et kee Bénéfice de spéculation ass, mä einfach eng Besteuerung vun enger Plus-value, dat heescht, wann ech den Terrain méi wéi zwee Joer a mengem Besëtz hat, da gëtt vun deenen 150.000 Euro fir d'éischt den Abattement vun 100.000 Euro ofgesat, an dat, wat iwwreg bleift, dat heescht 50.000 Euro, déi ginn zur Halschecht mam Taux moyen besteiert. Den Taux moyen op deem Revenu vun 90.000 Euro ass eppes ëm déi 27%, déi 50.000 ginn also zur Halschecht dovunner, dat heescht zu 13,5% besteiert. Dann hunn ech nach 6.755 Euro Steieren ze bezuelen.

No dem Projet de loi gëtt also an deenen zwee Fäll den Abattement ofgezielt an et gëtt zu engem Véirel vum Taux moyen besteiert, dat heescht net méi zu 13,5%, mä zu 6,75%, also an deenen zwee Fäll brauch een nëmmen

nach 3.375 Euro Steieren ze bezuelen. Vis-à-vis vun der Besteuerung vum Bénéfice de spéculation mécht dat e Steiergewënn vun iwwer 50.000 Euro aus a bei der Besteuerung vun der Plus-value mécht et e Gain op de Steiere vun 3.375 Euro aus.

Et muss een awer préciséieren: Den Abattement vu 50.000 respektiv 100.000 Euro ass en Abattement décennal, dat heescht, et kann een e während zéng Joer nëmmen eng Kéier gebraucht hunn. Ech kann en also net méi geltend maachen, wann ech en eng Kéier gebraucht hunn. An deem Fall gëtt d'Besteuerung jo selbstverständlech och nach méi héich.

Wat een och nach hei soe muss, dat ass, dass déi meescht Leit jo net bannent zwee Joer verkafen, also si si jo net sou naiv fir ze soen: Ech si lo bereet fir 50.000 Euro Steieren ze bezuelen, wa se der herno och nëmme brauche 6.000 oder respektiv no der Reform 3.000 Euro ze bezuelen.

Voilà, dat ass, wat d'Besteuerung vun de Plus-valuen ubelaangt, am Fall, wou et sech ëm Immeublen handelt, déi am Privatverméige vun enger Persoun dra sinn.

Mir kommen dann op den zweete Fall, d'Besteuerung vun de Plusvaluë op den Terrainen, déi an engem Lotissement dra sinn. Do handelt et sech nëmmen ëm Terrainen net ëm Haiser. Do hu mer erëm eng Kéier zwee Fäll: De Fall vun der Privatpersoun, déi en Terrain an e Lotissement eragëtt; an de Fall vun enger Kapitalgesellschaft, déi en Terrain an engem Lotissement dran huet.

Huele mer de Fall vun enger Privatpersoun. Wat seet d'Steiergesetz de Moment, also dat Gesetz, dat elo nach ëmmer gëllt? Et seet folgendes: Wann ech en Terrain, deen a mengem Privatverméigen ass, an e Lotissement mat eraginn, dann ass dat en Apport an déi Société de lotissement. D'Société de lotissement ass emol eng Société commerciale - ech kommen nach eng Kéier dorop zrëck. Deen Apport gëtt évaluéiert zum Prix d'acquisition a réévaluéiert mat deem Coefficient, deen am Steiergesetz virgesinn ass, et ass also e Präis, dee relativ niddreg ass. Da gëtt jo deen Terrain do lotisséiert an et falen och nach Fraisen un. Da verkafen ech deen Terrain, oder ech huelen e fir mech perséinlech eraus oder ech verschenken en.

Wéi d'Steiergesetz et de Moment virschreift, gëtt am Fall vun engem Verkaf, vun enger Donatioun oder engem Prélèvement a mäi Privatverméigen ëmmer eng Plus-value realiséiert. Déi Plus-value ass d'Differenz tëscht dem Verkaafspräis, deen um Marché verhandelt gëtt, an dem Prix d'apport vum Terrain an déi Gesellschaft. De Bénéfice, deen do realiséiert gouf, well e jo vun enger Entreprise commerciale realiséiert gëtt, ënnerläit mol éischters der Gewerbesteier. Mat dem heitegen Taux a mat dem Taux d'application vun de Gemenge mécht dat 7,5% aus. Dat, wat nach iwwreg bleift, wann ech d'Gewerbesteier ofgezunn hunn, gëtt nach am Kader vum Impôt sur le revenu vun där Persoun zum vollen Taux vun 38%, wa se mat hirem Akommes uewen un der Spëtzt läit, besteiert.

Wat gesäit de Projet de loi lo fir déi Privatpersounen vir? De Projet de loi gesäit folgendes vir: Eng Konditioun muss vun Ufank un erfëllt sinn an zwar déi, dass den Terrain weinstens zéng Joer am Privatbesëtz vun enger Privatpersoun war, ier en an d'Lotissement erakënnt. Dann hu mer dräi Fäll, déi sech präsentéiere kënnen. Entweder verkafen ech deen Terrain, oder ech schenken en engem vu menge Kanner oder Kandskanner oder och mengem Noper, wann et muss sinn, an déi drëtt Méiglechkeet ass, ech zéien den Terrain aus der Gesellschaft eraus a wëll selwer drop bauen.

Am Fall, wou ech den Terrain engem vu menge Kanner schenke wëll, da gëtt dat esou considéiert, dass ech den Terrain aus der Société de Lotissement eraushuelen, an da fënnt keng Besteuerung statt. Ech hunn en also am Privatverméigen an dann ass et wéi wann et e Privatterrain wier, deen ech verschenke kann, ouni datt ech dorop eng Plus-value realiséieren, ouni datt ech also dorop besteiert ginn. Dat ass, wat de Projet virgesäit fir de Fall vun enger Donatioun, mä de Projet limitéiert dat op eng Schenkung pro Bénéficiaire. Also, ech kann net higoen an zéng Terraine mengem Kand oder mengem Kandskand schenken.

Den zweete Fall ass deen, wou ech en Terrain eraushuelen an e Prélèvement maachen a mäi Privatverméige fir selwer drop ze bauen. Do seet de Projet folgendes: Ech kann dat maachen, och ouni datt iergendwéi eng Besteuerung stattfënnt, awer ënnert enger Konditioun, datt ech bannent dräi Joer op deen Terrain en Immeuble opgericht hunn, en Immeuble, wou mindestens 50% fir de Wunnensbau reservéiert sinn. Also, ech kann net einfach higoen an do Büroen bauen, da kréien ech déi Vergéischtegung net.

Am drëtte Fall, wou ech den Terrain verkafen, do huelen ech en och aus dem Lotissement eraus a mäi Privatverméigen an da gëtt en esou besteiert wéi ech am éischte Fall erkläert hunn, dat heescht, bei engem Terrain, deen ech a mengem Privatverméigen hunn, kann ech den Abatement vu 50.000 respektiv 100.000 Euro geltend maachen, an da gëtt e besteiert zu engem Véirel vum Taux moyen.

Wann ech do erëm eng Kéier e Beispill huelen, erëm eng Kéier deeselwechte Fall vun enger bestuete Koppel mat 90.000 Euro Akommes, also eng Besteuerung um Taux marginal vun 38% an eng Plus-value vun 150.000 Euro. No dem heitege System gëtt fir d'éischt den Impôt commercial vu 7,5% gerechent op 150.000 wéiniger den Abatement, dee beim Impôt commercial virgesinn ass, 40.000 Euro zu dem Taux vum Impôt commercial vu 7,5%, da kommen ech op en Impôt commercial schonn eleng vun 8.250 Euro. Dann ënnerläit d'Differenz nach eng Kéier dem Impôt sur le revenu vun 38%. Do kommen ech op 53.865 Euro mat dem Resultat, datt ech momentan enger Besteuerung vun iwwer 62.000 Euro ënnerleien. No dem Projet brauch ech keng 62.000 Euro

ze bezuelen, mä wéi am Fall virdu nëmmen 3.375 Euro Steieren.

Dat ass geduecht, fir déi Leit, déi en Terrain an hirem Besëtz hunn, ze incitéieren an deenen nächsten dräi Joer ze verkafen. Am Fall, wou ech eng Kapitalgesellschaft hunn, kënnen déi Mesuren hei selbstverständlech net spillen, well et do jo am Fong geholl méi eng kommerziell Aktivitéit ass, mä fir awer och déi Gesellschaften ze incitéieren, fir hir Terrainen ze verkafen, gesäit d'Gesetz vir, datt een hinnen op hirem Bénéfice de réalisation - wann ee sou ka soen, et ass jo net ëmmer eng Spéculation - eng Exemptioun vu 25% ka maachen, déi net de Steieren ënnerläit. Dat heescht, wann ech eng Plus-value vun 150.000 Euro gemaach hunn, da kann ech 25%, also 37.500 Euro manner besteiert kréien.

(Interruption)

Neen, et si manner.... Neen, et sinn der 37.500. Ech hat scho richtig gerechent. Voilà!

(Interruption)

Maacht mech net duercheneen am Rechnen, besonnesch wou ech hei een hunn, dee mech kontrolléiert, e fréiere Mathematikprofessor. Ech sinn dann ëmmer e weineg onsécher.

(Interruption)

Déi Exemptioun vu 25% gëllt och fir déi Privatleit, déi den Terrain an e Lotissement eraginn, an déi d'Konditiounen, déi ech virdrun opgezielt hunn, net erfëllen, dat heescht de Besëtz vu manner wéi zéng Joer, oder déi méi wéi een Terrain hire Kanner verschenken. Och wa se déi Konditiounen net erfëllen, dann ass awer trotzdeem déi Mesure vun der Exemptioun vu 25% fir si applikabel.

Voilà! Dat sinn déi Mesuren, déi getraff ginn, fir de Präis vun den Terrainen eventuell ze stabiliséieren oder erofzedrécken. Ech mengen, den zweete Problem, dee mer de Moment um Wunnensmaart hunn, ass dee vun engem Manko u Mietswunnengen aus där einfacher Ursach, well den Investissement an Immeubles locatifs net rentabel genuch schéngt vis-à-vis vun engem Investissement, deen an Aktien oder soss Wäertpabeiere gemaach gëtt. De Rendement vun engem Investissement immobilier hänkt jo am Fong geholl vun zwee Facteuren of: éischstens dem Loyer, deen ech encaisséiere kann, zweetens déi Aart a Weis, wéi de Loyer besteiert gëtt.

De Loyer vun den normale Mietswunnengen ass jo iwwert d'Gesetz vum Bail à loyer op 5% vun dem Investissement limitéiert. D'Regierung ass och de Moment net gewëllt, fir deen Taux elo an d'Luucht ze setzen aus der einfacher Ursach, well déi Leit, déi wunne ginn, meeschtens Leit mat modeste Revenue sinn, a fir deenen hir Kafkraaft net nach ze reduzéieren, ass de Stat net bereet, fir deen Taux an d'Luucht ze setzen.

Da gëtt et nëmmen nach eng zweet Méiglechkeet, dat ass d'Besteuerung ze reduzéieren. Déi Besteuerung kann

ee reduzéieren, andeem een einfach d'Onkäschten, déi een ofsetze kann, augmentéiert. Eng Méiglechkeet besteet doran, fir den Amortissement ze erhéijen. De Moment gesäit d'Gesetz vir, datt en Taux d'amortissement accélééré vu 4% während deenen éischte véier Joer vun engem Immeubel kann applizéiert ginn. De Projet gesäit vir, datt deen Taux d'amortissement accélééré op 6% eropgesat an op sechs Joer ausgedehnt gëtt, dat heescht während sechs Joer kann ech elo en Amortissement vu 6% applizéieren an net méi ee vu 4% op véier Joer, wat also och d'Leit incitéiere soll, fir an de Logement locatif ze investéieren.

D'Steierverwaltung huet an engems profitéiert vun deene Mesuren hei, wat Mesures en faveur vum Wunnengsbau sinn, fir iergendwéi eng Ongereimtheet am Gesetz ze berengegen, dat heescht, si huet profitéiert, fir den Datum vum Transfert vun engem Droit réel op engem Immeuble bei engem Verkauf ze fixéieren. Bis elo war deen Datum net am Steiergesetz fixéiert, e war iwwert d'Zivilgesetz festgeluegt. Dat huet oft zu villen Diskussiounen a Contestatiounen gefouert. Fir deenen aus dem Wee ze goen, huet d'Steierverwaltung proposéiert, deen Datum an de Projet anzuschreiwen. Deen Datum soll an Zukunft entweder den Datum vum notariellen Akt sinn, den Datum vun engem Gerichtsurteil oder den Datum vun engem administrativen Akt.

Zu deem Projet, deen hei virläit an zu deem Deel, deen ech hei lo présentéiert hunn, hunn dräi Beruffschamberen en Avis ofginn: d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Employés privés.

Déi dräi Chamberen hunn en Avis favorable zu deene Mesuren ofginn. D'Chambre des Métiers huet just drop higewisen, datt si der Meenung ass, datt déi Erhéijung vum Taux d'amortissement accélééré héchstwahrscheinlech an hiren An net dueergeet, fir den Investissement an den Immeuble locatif nach ze favoriséieren. Si sinn der Meenung, datt ee misst eng Kéier d'Gesetz iwwert de Bail à loyer revidéieren.

De Statsrot huet och säin Avis zu deem Projet hei ofginn. En huet en Avis favorable ausgesprach. De Statsrot war awer der Meenung, vu dass beim éischte Projet en Délai, wou een huet missen deen Terrain a sengem eegene Besëtz hunn, vu 15 Joer virgeschloe gi war, datt een deen nach kéint reduzéieren. D'Finanzkommissioun war der Meenung, dass den Effet spéculatif no zéng Joer ophält, well déi meescht Lotissementer jo awer an engem Délai vu manner wéi zéng Joer getäteg sinn. Duerfir huet d'Finanzkommissioun proposéiert, fir deen Délai vu 15 op 10 Joer erfzesetzen.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat war mäi Bäitrag zu deem Projet. Zu deenen zwee aneren Dealer wäert mäi Kolleg Lucien Clement schwätzen. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

M. Lucien Clement (CSV), co-rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeems de Co-Rapporteur, den Här Norbert Hauptert, op déi vun him gewinnten exzellent Manéier de Volet vum Fiskalitéitspak Logement, deen déi direkt Steiere betrëfft, ofgehandelt huet, wëll ech dann der Chamber duerleeën, wat dese Projet am Beräich vun den indirekte Steiere virgesäit.

All des Steiermesuren, zesumme mat aneren, déi nach komme wäerten, sollen dozou bäidroen, fir de Wunnengsmaart hei zu Lëtzebuerg besser un d'Rullen ze kréien. Et geet an deem Deel vum Projet am Wesentlechen ëm zwee Elementer: d'Enregistrementstaxen an den Taux super réduit vun der TVA.

Haut ass et esou, datt beim Kaf vun enger Immobilie, sief dat en Terrain, en Haus oder en Appartement, ongeféier siwe Prozent vum Kafpräis vun där Immobilie un Enregistrementstaxen ufalen. Dat ass vill, Här President. Wann een e klengt Appartement keeft vun 100.000 Euro zum Beispill, kascht dat nach eng Kéier 7.000 Euro un Enregistrement, a Frangen ausgedréckt wäeren dat bal 300.000 Frang. Natierlech gouf et, Här Gibéryen, bestëmmte Konditiounen a Critèren, fir de bëllegen Akt ze kréien, mä ech géif awer soen dat ännert näischt um Prinzip.

Fir d'Acquisitioun vu Wunnraum ze verbëllegen, gëtt elo e Steierkredit virgeschloe vun 20.000 Euro, deen op d'Enregistrementstaxen imputéiert ka ginn. All Mënsch, onofhängeg vu sengem finanziellen a sengem immobiliäre Besëtzstand, huet e Recht op dese Kredit. E Kredit, dee perséinlech an individuell ass, esou datt eng Koppel, déi zesumme wunnt, den dueble Kredit, also 40.000 Euro, kann an Usproch huelen, wa se sech eng Wunneng oder en Haus uschaaft.

De System vun deem Steierkredit huet mat Sécherheet de Mérite, datt e séier einfach ze verstoen an ze gérieren ass. All Mënsch huet eng bestëmmten Zomm ze gutt. All Kéier, wann en eng Immobilie keeft zu eegene Wunnzwecker, kann een en Deel vun deem Kredit notzen. Dat geet esou laang bis de Kredit vun 20.000 Euro ganz opgebraucht ass.

20.000 Euro Enregistrementstaxen entsprechen engem Kafpräis vun 286.000 Euro. Gutt 11½ Millioun aler Frange kënnen also pro Persoun fir Immobiliekeef ausgi ginn, ouni datt hei Enregistrementstaxen ufalen, ausser allerdéngs deenen 100 Euro vun der Basistax, déi all Kéier ze bezuelen ass. Bei enger Koppel sinn dat gutt 23 Milliounen al Frangen, déi beispillsweis hiert Haus kaschten därerf, ouni datt se mussen Enregistrement bezuelen.

Ass de Präis vun enger Immobilie méi héich wéi d'Fräigrenzen, da muss just dat un Enregistrementstaxe bezuelt ginn, wat iwwert dem Betrag vum Steierkredit vun

20.000 Euro op de Kapp ufält. Selbstverständlech kann een de Kredit opgedeelt notzen. Ech hu kuerz virdru vun engem klengen Appartement vun 100.000 Euro geschwat, déi 7.000 Euro, déi do géifen un Enregistrement ufalen, gi vum Keefer an Zukunft agespuert. Op sengem Kont bleiwen dann nach 13.000 Euro u Steierkredit iwwreg, déi en da bei enger spéiderer Acquisitioun geltend maache kann.

D'Notzung vun dësem Steierkredit am Ganzen oder deelweis ass un e puer Konditiounen gebonnen, déi d'Raison d'être vun deem Instrument reflektéieren. Zesumme mat deenen anere Moosnamen, déi mer de Mëtteg stëmmen, soll d'Aféierung vun engem Enregistrementssteierkredit den Accès zum Wunnraum méi einfach maachen. Et ass geduecht, fir méi Leit et ze erlaben, Besëtzer vun eegenem Wunnraum ze ginn. Et ass kloer, datt déi Immobilie, op där hiren Enregistrementswäert de Kredit soll imputéiert ginn, zu Wunnzwecker genotzt muss ginn an zu kengen aneren Zwecker gebraucht gëtt. Et ass awer grad esou kloer, datt de Keefer, deen de Kredit notzt, muss an deem Haus oder deem Appartement wunnen.

Et ass schliesslech virgesinn, datt de Bénéficiaire vum Steierkredit, ob fir Haus oder Appartement, eng gewëssen Zäit, dat heescht fënnef Joer, muss dra wunne bleiwen. No dësem Délai kann de Kredit, deen eventuell nach Rescht ass, fir en neien eegene Wunnraum genotzt ginn, ouni datt dat Haus oder dat Appartement, wat ee verléisst, muss verkaaft ginn. Och dat ass, Här President, eng wesentlech Ännerung géigeniwwer der Method vum bëllegen Akt, well do war eng vun de Konditiounen, oder besser gesot vun den Obligatiounen, fir de bëllegen Akt ze kréien, datt een net am Besëtzer vun enger anerer Immobilië huet däreifen ze sinn.

Dës Moosname si wichteg, well nëmmen esou sécher gestallt ass, datt de Crédit d'impôt ausschliesslech vu Leit profitéiert gëtt, déi e fir d'Acquisitioun vu privatem Wunnraum brauchen. Duerfir gesäit d'Gesetz folgend Konditiounen vir. Et muss ee selwer an dat Haus wunne goen, wat ee keeft. Ob een elo beispillsweis seng Eltere mat dohinner wunnen hält oder aner Familljemitglieder, ouni hinnen dofir e Loyer ze froen, spillt am Prinzip keng Roll. Wesentlech ass déi perséinlech Occupatioun, an dat just zu Wunnzwecker. Et muss ee bannent zwee Joer nom Acte d'achat an dat Haus wunne goen, dat ee kaaft huet. Et muss ee, wéi schonns gesot, da fënnef Joer dra wunnen. Véier Joer Zäit huet den Acquéreur, fir dra wunnen ze goen, wann de Kredit fir eng Bauplaz beusprocht ginn ass. Et soll also eng logesch Reiefolg vun Akte sinn, déi beweist, datt et sech ëm perséinlechen a benéidegte Wunnraum handelt.

Dat fänkt u bei der Formulatioun am Notairesakt. De Keefer, deen de Steierkredit notze wëllt, engagéiert sech dozou, datt all Konditiounen, déi e braucht, fir de Kredit ze kréien, erfëllt sinn. E muss selwer Besëtzer vum

Wunnraum huelen a während mindestens fënnef Joer dra wunne bleiwen. Den Direkter vum Enregistrement kann Dérogatiounen zu de Konditiounen vun deenen eenzelne Délaien accordéieren. Bei der Wunnzäit vu fënnef Joer kann en dat, wann et sech ëm e Cas de force majeure handelt. Bei der Obligatioun, bannent wéi vill Joer nom Kaf ee muss dra wunne goen, kann dérogéiert ginn, an dat sur demande écrite et dûment motivée.

De Keefer muss Résident zu Lëtzebuerg sinn oder op d'mannst muss en et wëlle ginn, wann en de Steierkredit fir sech beusproche wëllt. Anescht géing et jo och net: Eng vun den objektive Konditiounen, fir en ze kréien, ass jo fir selwer am gekaaftene Wunnraum ze liewen. All aner Iwwerleeungen zu der Residenzklausel sinn eiser Meenung no net fondéiert.

Wann een déi objektiv Konditiounen vun der effektiver perséinlecher Occupatioun wëllt erfëllen, muss een zumindest op Lëtzebuerg wunne kommen, wann dat net schonns de Fall ass. Wunnt een am Ausland, muss déi voll Enregistrementstax bezuelt ginn. E Remboursement vun där Tax ass virgesinn deen Dag, wann een an d'Haus wunne geet, an dat bannent zwee Joer. "La restitution du montant correspondant à l'abattement se fait que sur demande écrite, appuyée du certificat de résidence" seet de Gesetzestext. D'Konditiounen vun deem Steierkredit, dee mer hei aféieren, mussen natierlech an engem gewëssene Mooss iwwerwaacht ginn. Duerfir ass d'Enregistrementsverwaltung zoustänneg. Si huet schonn an der Finanzkommissioun verséichert, déi néideg informatesch Preparatiounen getraff ze hunn.

Vun all eenzel Keefer gëtt e Compte de crédit d'impôt vun der Verwaltung géréiert. Et kann also à tout moment gekuckt gi wéi vill Kredit un Enregistrementstaxen all Eenzelnen nach huet oder ëmgedréit wéi vill e schonns vu sengem Kredit opgebraucht huet. Et ass natierlech noutwendeg, datt d'Chamber am Bild driwwer ass a bleift, wéi eng Uwendung vum Kredit gemaach gëtt an op wat fir eng Manéier e vun de Leit genotzt gëtt, a wéi strikt d'Leit selwer sech un déi virgeschriwwene Konditiounen halen.

Duerfir soll d'Enregistrementsverwaltung der Chamber no engem Joer Rapport iwwert d'Gestioun vun deem neien Instrument maachen. No zwee Joer, wann esou lues déi direkt steierlech Mesuren, déi den Norbert Hauptert virgedroen huet, voll gräife sollen a schonns bal auslafen, soll e méi consolidéierte Rapport vun der Verwaltung virgeluegt ginn. Den Direkter vun der Enregistrementsverwaltung huet eis an der Finanzkommissioun gesot, datt dat ouni supplémentaire Personalastellung ouni Weideres méiglech däreft sinn.

Inhaltlech wëll ech nach folgend Prezisioun zum virleiende Gesetzesprojet maachen. De Steierkredit gëtt net applizéiert op d'Käschte vun deem Terrain, deen am Kader vun engem Bail emphytéotique zur Verfügung gestallt gëtt. Am Regelfall sinn déi Käschten immens

niddreg. Et si meeschtens keng 1.000 Euro pro Joer fir en Terrain vun enger raisonnabler Gréisst, also ass et net noutwendeg, datt dowéinst de Steierkredit soll ugepaakt ginn. E gëtt och net applizéiert op Schenkunge vun Terrainen innerhalb vun der Famill, well do d'Enregistrementstax, déi ufält, esou niddreg ass, datt se soll ausserhalb vum Mechanismus vum Steierkredit entriicht ginn. De Crédit d'impôt bleift duerfir integral zur Verfügung fir aner Acquisitiounen, déi de Bénéficiaire vun esou Schenkungen a sengem Liewe mécht.

Bleift nach ze soen, datt de Statsrot eng alternativ Systemlogik am Bezug op den Enregistrementskredit virgeschloen hat, eng Logik, déi u sech schlësseg war, mä vun der Kommissioun awer schlussendlech zrëckbehalen ginn ass. De Statsrot hat virgeschloen de Steierkredit net un d'Persoun vum Keefer, mä un den Akt vun der Acquisitioun ze bannen. Esou hätt e Keefer bei all Acquisitioun vu perséinlechem Wunnraum, déi en a sengem Liewe gemaach hätt, vun engem bestëmmte Fräibetrag profitéiere kënnen, och wann dee respektive Fräibetrag, wéi de Statsrot sech ausdréckt, manner kënnt si wéi 20.000 Euro.

An deem zrëckbehalenen a vun der Regierung esou proposéierte System ass de Gesamtkredit festgeluegt. Ass deen opgebraucht an et keeft ee weider Immobilien, da bezilt een den integralen Enregistrementstaux. De Montant vun 20.000 Euro kann iwwert d'Loi budgétaire adaptéiert ginn. Dat steet esou net expressis verbis am neien Text dran. Do huet de Statsrot gesot, datt dës Dispositioun, déi am alen Text stung, als superfétatoire unzugesi wier.

Dem Statsrot säi System ass aus verschidde Grënn net zrëckbehalen ginn, op déi ech elo net all am Detail agoe wëll. Ech wëll just soen, datt d'Kommissioun de System, dee mer der Chamber recommandéieren, méi einfach a méi pratiquabel fonnt huet. D'Kommissioun war der Meenung, datt dës Projet manner riskéiert zu Mëssbrauch ze féiere wéi vläicht dem Statsrot seng Alternativ. Et waren also zwou grondverschidden Approchen, déi an dësem Fall der Kommissioun virgeleeën hunn: De Statsrot wollt e plafonnéierte Fräibetrag op all Acquisitioun, de Regierungstext huet e Crédit d'impôt fir all Acquéreur virgesinn.

Aus deene virdu schonns opgezielte Grënn proposéiert d'Finanzkommissioun der Chamber beim Regierungstext ze bleiwen. Ze soe bleift nach, datt de Projet retroaktiv op de 7. Mee applizéiert gëtt. Deen Dag also, wou de Statsminister a senger Ried iwwert den Etat de la Nation dës Mesuren ugekënnegt huet. Déi virdu getäteg Acquisitiounen ënnerleie selbstverständlech deem ale System. D'Enregistrementsverwaltung seet sech prett, fir de Remboursement vun der Tax virzehuele fir déi Keef, déi nom 7. Mee getäteg gi sinn a wou de Montant dann op deen nei geschafene Crédit d'impôt imputéiert gëtt.

Voilà, Här President, dat ass deen ee Volet, deen ech haut der Chamber wollt duerleeën. Deen aneren, zu deem ech

als Rapporteur wëll e puer Explikatiounen ginn, betrëfft déi direkt Applikatioun vum superreduzierten TVA-Taux vun dräi Prozent.

Et ass haut jo esou, datt d'TVA, déi beim Bauen ufält, mat 15% vun de Betriber verrechent gëtt an d'Differenz tëschent deene 15 an deenen 3% vun der Enregistrementsverwaltung remboursséiert gëtt. D'Zrëckbezuele vun der TVA iwwert d'Enregistrementsverwaltung huet sech awer am Verlaf vun de Joren däraarteg an d'Längt gezunn, datt d'Leit haut dacks 2 1/2 Joer op de Remboursement waarde mussen. D'Leit, déi jo awer via Gesetz e Recht op dës Remboursement hunn an déi dee Montant an hire finanziellen Iwwerleeunge schonns weider verplangt hunn, kommen duerch esou e laange Retard herno vläicht a finanziell Schwieregkeeten oder kënnen eppes, wat se sech virgeholl hu mat deene Suen, déi se remboursséiert solle kréien, ze bauen, eventuell net méi bauen.

Déi Réckstänn, déi den Enregistrement an dëser Saach huet, erkläre sech zwar zum groussen Deel. Si sinn drop zrëckzeféieren, datt vill Dossierien einfach net komplett an net korrekt sinn, an datt zum Deel gefuddelt gëtt bei den Deklaratiounen, déi den Enregistrement erakritt. Do muss also ganz vill säitens der Verwaltung un deenen Dossiere verbessert a redresséiert ginn, bis se esou virleien, dass effektiv Réckzuelunge kënnen gemaach ginn.

Trotzdem, Här President, ware mer der Meenung, datt déi aktuell Délaien einfach ze laang sinn. D'Regierung proposéiert elo am virleiende Gesetzesprojet beim Émbau an Ausbau vu Wunnengen de kleng Saz vun dräi Prozent direkt op de Keefer ze applizéieren. Den Neibau vu Wunnengen, d'Liwwerunge vu Matériaux de construction an d'Aarbechten, wou de Montant vun der Rechnung manner wéi 3.000 Euro ausmécht, bleiwen awer dem System vum Remboursement weiderhin ënnerworfen. Et ass virgesinn, datt den Handwierksmann, deen Aarbechten an engem Bau virhëlt, an dësem Kader en Devis mécht, fir déi Aarbechten auszeféieren.

Ass de Client mat dësem Devis d'accord, da schéckt den Handwerker den Devis op d'Enregistrementsverwaltung. Hei gëtt den Devis formal gekuckt an e gëtt mat der Autorisatioun, fir herno op där Rechnung dierfen den Taux vun dräi Prozent ze applizéieren, zrëckgeschéckt. Dës Operatioun soll säitens der Verwaltung an engem, fir béid Säit vernünftegen Délai, oflafen. D'Verwaltung ass fir den 1. November, Datum, deen als Mise en vigueur vun dësem Gesetz proposéiert gëtt, prett. Well Ém- an Ausbau awer bei Wäitem d'Majoritéit vun den Dossierien ausmaachen, mat deenen den Enregistrement zwecks TVA-Réckerstattung befaasst gëtt, kënnen duerch eng direkt Applikatioun iwwert d'Betriber vum niddrege Saz vun dräi Prozent op de Keefer déi verbleiwend dach grouss Réckstänn beim Remboursement méi schnell opgeschafft ginn. E puer Méint no der Mise en vigueur vun dësem Gesetz missten eigentlech éischt Resultater, wat d'Délaien ubetrëfft, sichtbar ginn.

D'Betribler bezuelen hirersäits awer nach wie vor 15% TVA op de Produiten, déi se akafen, a bleiwen hirersäits dem Remboursementssystem iwwert hir TVA-Erklärung ënnerwerf. Si verrechnen nëmme méi dräi Prozent op de Client. Doduerch entsteet mat Sécherheet eng Créance, déi se op d'Verwaltung wäerten hunn. Ass d'TVA-Erklärung vun engem Betrib duerch d'Enregistrementsverwaltung akzeptéiert, kënn et hei zu engem Remboursement vun där Differenz.

Ech wëll nach eng Kéier drop insistéieren - an dat hunn ech och an deem schrëftleche Rapport gemaach -, datt d'Verwaltung soll versichen dës Remboursementer un d'Betribler esou séier wéi nëmme méiglech ofzewéckelen. Dësen neie Projet, Här President, dee mat Sécherheet en faveur vum Client ass, däerf allerdéngs net zu enger Défaveur fir de Betrib ausarten. De Projet däerf net zum Ausléiser gi vu finanziellen Engpäss fir de Betrib. Dat ass eng vun den Uregunge vun der Chambre des Métiers an hirem Avis zu dësem Gesetzesprojet. Et war iwwerregens deen eenzegen Avis vun enger Berufschamber, dee mer zu dësem Gesetzesprojet haten.

Här President, mat deenen zwou Moosnamen, déi ech elo hei erläutert hunn, an där, déi den Norbert Hauptert virgedroen huet, gëtt de Pak vun direkten an indirekte steierleche Mesuren, déi zugonschte vum Wunnengsmaart hei zu Lëtzebuerg agefouert ginn, ficeléiert.

Am Hierscht ass hei an der Chamber nach eng Orientierungsdebatte iwwert de Logement. Och de Gesetzesprojet 4977 iwwert d'Aide au logement an dem Kollege Mars Di Bartolomeo seng Proposition de loi stinn zur Diskussioun. Am Kader vun dësen Debatte wäerten nach weider Mesuren diskutéiert a kommentéiert ginn.

D'Verkrampfung um Lëtzeburger Wunnengsmaart muss mer léisen. Dës Moosnamen, déi mer haut hei stëmmen an déi incitéieren, fir um Wunnengsmaart aktiv ze ginn, wäerten hoffentlech e spierbare Bäitrag dozou leeschten. Ech géif lech ofschléissend alleguete bidden dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Steierpak, iwwert dee mer jo de Mëtteg hei extensiv schwätzen, an zu deem déi zwee Co-Rapporteurs, den Här Norbert Hauptert an den Här Lucien Clement, en exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport ofgeléiwert hunn, ass en éischte grouss Worf vun der Politik, fir de Wunnmaart ze entkrampfen. En éischte Worf, vun deem mer eis Signalwierkung erhoffen, mä et ass net deen eenzegen, dee wäert misse gemaach ginn, fir zu enger neier méi globaler a kohärenter Wunn-

raumpolitik ze kommen, déi mer mussen konzipéieren fir zu Lëtzebuerg am Beräich vum Logement erëm op den normalen Terrain ze kommen.

Villes ass zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Logementspolitik scho gemaach ginn. Datt de Stat all Joer bal sechs Milliarden al Frang u Bähëllefren ausbezuelen huet, fir de Bierger dobäi ze hëllef sech en Eegenheem kënnen ze leeschten, doriwwer schwätze mer net vill, mä dës Bähëllef sinn trotzdeem eng eenzegaarteg staatlech Stäip bei der Acquisitioun vu privatem Wunnraum, wéi se néirens ronderëm eist Land stattfannen.

Datt mer en extrem reduzéierten TVA-Saz vun dräi Prozent um Wunnen applizéieren, wa Leit bauen, ëmbauen oder ausbauen, gëtt net schrecklech dacks ervirgestrach. Zwar gëtt et iwwerdräiwe Längten am System vum Zréckbezuelen, mä trotzdeem sollt een ënnersträichen, datt op deene meeschten anere Plazen am Bauen déi regulär TVA bezuelen gëtt. Zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall.

Datt zu Lëtzebuerg iwwer 70% vun de Leit an hirem eegene Raum wunnen, sief dat an engem Haus oder an engem Appartement, an datt dës Prozentsaz vun Eegenheembesëtzer europawäit mat deen héchsten ass, gëtt dacks am Kontext vu Rieden an Ausloossungen iwwert de Logement vergiess. Dës Saz ass an de leschte Joren net erofgaangen. Mir stellen awer trotz dëser Realitéit fest, datt et bei eis am Land méi a méi schwéier gëtt, fir sech en Eegenheem ze leeschten. Et gëtt virun allem ëmmer méi deier. Ech géif soen ze deier, well d'Präisser vum Wunnmaart sech net méi a verstännegen Normen ophalen.

Fir dat ze änneren, mussen mer elo nei Weeër erschléissen an zousätzlech Moosnamen a Kraaft setzen, déi zu enger spierbarer Berouegung vun der Präislandschaft a Saache Logement mussen féieren. Iwwert d'Moosnamen vum deem Gesetz, wat mer haut de Mëtteg hei stëmmen, eraus, solle mer duerfir am Hierscht, am Kontext vun der Orientierungsdebatte iwwert de Logement, weider Moosnamen op de Wee schécken, déi de Steierpackage zugonschte vun der Zougänglechkeet vum eegene Wunnraum sou ze soen e Kader ginn. Zu deem Zäitpunkt hu mer da vläicht schonn éischt Donnéeën virleien, aus deene mer Réckschlëss op d'Wirkung vun deene steierlechen Faveuren kënnen zéien.

Mir hunn am Fong geholl hei zu Lëtzebuerg zwee Problemer um Wunnmaart. Deen éischte Problem ass en territorialen, respektiv e raimlechen. Mir mussen nämlech feststellen, dass op Grond vun eisem staarke Wuesstum an de leschte 15 Joer an deem domat verbonnene Steige vun der Populatioun net méi genuch Land zur Verfügung steet.

Mir kennen zwar d'Zuele vum Innenminister, déi besoen, datt innerhalb vum bestoene Perimeter ongeféier Plaz ass fir 800.000 Awunner, mä dat ass eng Tatsaach, mat där mer eis zwar net vill kafe kënnen, well ebe vill Propriétaires nun emol esou e bestëmmt Verhalen entwéckelt

hunn, dat ech géif mat spekulativer Zréckhalung vu Bauterraine qualifizéieren, déi hiert Bauland net méi zur Verfügung stellen, fir op de Marché ze bréngen, ob-schonn hir Terrainen an de Perimetre leien. Dat ass e Problem fir Leit, déi ebe wëllen en eegene Wunnraum bauen. Dës Visioun, dës Wëllen huet hei zu Lëtzebuerg bei villen Awunner eng virrangeg Stellung.

Des Weideren ass et esou, dass net genuch lokative Wunnraum do ass an net genuch doranner investéiert gëtt, sou dass mer also do och eng Problemstellung hunn.

D'Bewäertungsgesetz spillt heibäi grad esou eng Roll wéi d'Feele vun Instrumenter, déi géifen dozou ureegen an de Logement locatif ze investéieren. Dës féiert awer dozou, datt net genuch Wunnenge fir ze lounen zur Verfügung stinn, déi néideg wäeren, fir dass mer verstänneg Loyerpräisser krite, wat sengersäits natierlech zur Folleg hätt, datt manner Leit Wunnraum wëllte kafen. Och hei ass et wouer: E Liewe laang Lëtzebuerger Loyerer ze bezuelen ass vis-à-vis vum Kaf vun engem Appartement oder engem Haus net rentabel.

(M. Jean Asselborn prend la Présidence)

Deen zweete Problem, dee mer hunn, ass dee vun der vergaangener an der aktueller Demande. Well vill Acquéreuren eigentlech egal wéi vill Geld konnten op den Dësch leeën, fir sech Wunnraum ze schafen oder ze kafen, sinn d'Präisser op zimlech - géif ech soen - onappetitlech Manéier an d'Luucht gaangen, dës virun allem an a ronderëm d'Stad Lëtzebuerg. Dat Phenomeen gouf vun engem gewësse Moment un doduerch nach verstärkt, dass d'Propriétaire vu Land a vu Gebai-lechkeete gesinn hu wéi hir Gewënnméiglechkeeten amgaange waren an d'Luucht ze goen a lues a lues Wunnraum zréckgehalen hunn. Ee Problem huet den aneren erginn, respektiv mat erbaigefouert.

Enger Bank, zum Beispill, ass et dacks genuch egal gewiescht, ob se hei fir Wunnenge fir hir Leit oder fir hir eege Raimlechkeete grad esou vill bezuelt huet wéi zu Tokio. Dës Sachlag verleet mech zur Feststellung, datt d'Demande déi aktuell Problemer um Lëtzebuerger Bau-a Wunnmaart geschaf huet, an datt nëmmen d'Offer dës Problemer elo ka léisen. Mir mussen et also fäerdeg bréngen, datt quasi gläichzäiteg, also parallel, op jidde Fall kuerz openeen, éischters d'Propriétaire vu Bauland a Wunnraum, déi sech innerhalb vun de besteende Perimeter befannen, dës op de Maart bréngen, dass zweetens Ureegungen entstinn, fir an de lokative Wunnraum ze investéieren, an drëtters, Baulandreserven entstinn, fir datt an Zukunft momentan Verkrampfungen a Verstoppunge vum Maart kënnen esou opgefaange ginn, datt eng gläichméisseg Entwécklung vun dësem Maart méiglech gëtt.

Mat de Moosnamen, déi mer haut stëmmen, wëlle mer den éischte vun dësen dräi Goler, géif ech soen, schéissen. De Statsminister huet schonn ugekënnegt, datt an der

Hypothes, wou d'Steiererlichterungen am Fall vum Verkaf vu Bauland a Wunnraum net ausräichend Effekt géifen erzielen, eng Spekulationstaxe kéint agefouert ginn. De Problem heibäi ass just deen, datt mer eis zu dësem Moment Deadlinë ginn hunn, déi eventuell eréischt am Joer 2005 oder 2006 gräifen an eng spierbar Steigerung vun der Offer bréngen kéinten, wa während de Joren 2003 an 2004, déi elo kommen, déi steierlech Faveuren net genuch als Ureegung duerstellen.

Souguer wann um steierleche Wee, ob dat elo duerch Vertrauen oder duerch Sanktiounen geschitt, d'Offer wiisst, wiisst se wahrscheinlech net genuch. Net genuch fir e Fall, wou mer déi Zort vu wirtschaftlech a vun demographeschem Wuesstum kréien, déi mer hei zu Lëtzebuerg fir villes brauchen. Dës ass zwar eng Debatt, mä si spillt awer hei mat.

520.000 Awunner am Joer 2020. De Statsminister huet op esou eng méttelfristeg Projektioun verwisen. Dat sinn der am Fong geholl 75.000 méi wéi haut. Wa mer wëlle gläichzäiteg den aktuellen Awunner den Accès zum Wunnraum vereinfachen an Zéngtausende vu Leit weider ënner Daach bréngen wëllen, da brauche mer eng gréisser Offer um Wunnmaart wéi déi, déi mer erreechen, andeem mer déi aktuell gréisser Propriétaires zum Verkaf néidegen.

Erlaabt mer hei eng Klammer ze maachen, wou am Fong geholl och d'Gemeinde gefuerdert sinn, an zwar iwwert de sou genannten Impôt foncier. Dës kéint en interessant Steuerungsinstrument gi vun de Gemeinden, fir an esou enger Problematik mat ze wierken an dat wa méiglech no ëmweltgerechte Kriterien. Ech sinn iwwerzeegt, dass bei den Diskussiounen iwwert d'Gemeindekompetenzen am Hierscht dësen Aspekt an dës Problematik an d'Diskussiounen afléisse wäerten.

Am Fong geholl hu mer nämlech zwee Challenges, déi mer mussen unhuelen. D'Wunnen ass haut fir déi Leit, déi mer elo hei zu Lëtzebuerg hunn, a ville Fäll ze deier a mir wëllen et verbëllegen. Duerfir bräicht een, wann een ee Problem - wat een zwar nëmmen theoretesch ka maachen - völeg onwirtschaftlech kuckt, am Fong geholl net méi Wunnraum, mä just méi bëllege Wunnraum a gläicher Quantitéit.

Mir wëssen awer, datt een de Problem wirtschaftlech muss ugoen an datt mer eng Steigerung vun der Offer brauchen, well - sou léiert et eis eng Basisregel vun der Economie - alles, wat ze vill deier ass, ass och ze vill rar. Also mussen mer d'Offer an d'Luucht drécken, fir eisen heitegen Awunner bezuelbare Wunnraum méi no ze bréngen.

Den zweete Challenge ass dee vum Logéiere vun den zousätzlechen Awunner, an dat kënnen der eventuell ganz vill ginn. Hei brauche mer kloer, transparent a global Spillregelen.

Ouni eng detailléiert Rechnung opgestallt ze hunn, wëll ech lo just soen, datt ech mengen, datt nëmmen engem

vun dësen zwee Schëllege ka begéint ginn, ouni datt op enger Plaz oder op enger Partie Plazen iwwert d'Erweiderung vun de Perimeteren nogeduecht gëtt, ouni datt zousätzlech Fläche bebaubar gemaach ginn. Erreeche mer nämlech lo net ausreechend Sputt um Wunnmaart, fir en entspaant ze halen, da kréie mer déi nächst Kontraktioun a fënnef oder an zéng Joer, an dat musse mer verhënneren. Et kann allerdéngs nëmme verhënnert ginn, wa mer eis haut och am Logement op e puer Planfäll virbereeden, jee nodeem wéi sech eist Land effektiv iwwert déi nächst puer Joerzénge entwéckelt. Ass de Bevölkerungszouwuess nämlech net deen, dee mer haut als probabel unhuelen, dann hu mer kaum e Problem vun Deierécht um Wunnmaart. Ware Perimeteren erweidert ginn, da gëtt net all dee potenzielle bebaubare Raum zougebaut. Vill ass zwar dann net geschitt, d'Logementspräisser géife sech awer op d'mannst a sou enger Hypothese spierbar berouegen.

Mä wann de Bevölkerungszouwuess deen ass, dee mer an de leschte fofzég Joer kannt hunn, an dat wieren an der Moyenne 5 bis 6.000 Leit pro Joer, da musse mer eis planméisseg dorop esou virbereet hunn, datt och de weidere Zoustroum vu Leit op Lëtzebuerg de Wunnmaart net nees eng Kéier komplett op d'Kopp geheit.

Ech sinn also der Iwwerzeegung, datt mer net éiweg innerhalb vun den aktuelle Perimetre kënnen bleiwen.

Iwwregens sollt een an deem Kontext och eng Klammer maachen an an Erënnerung ruffen, datt zu dësem Zäitpunkt nëmme gutt 10% vun der Fläch vun eisem Land verbaut sinn. Op bal 90% befënnt sech Ackerland a Bësch, a wann eng Kéier sollt 15% verbaut ginn, oder souguer 17% dervun, da wier dat, esou mengen ech, nach keen historescht Drama.

Fir awer op entspaante Manéier aus de Perimeteren erauszekommen, do, wou et sech ubitt - dat wäert nämlech guer net iwwerall sinn -, brauche mer e System wéi deen, deen eis däitsch Noperen applizéieren. Do gëtt nämlech vun enger öffentlecher Instanz - am Regelfall ass et d'Gemeng - e Gebitt ausgewisen, wat als Bauerwartungsland bezechent gëtt. Dann trëtt d'Gemeng - dat kéint zwar och e regionaalt Bauamt sinn, oder souguer eng dezentral staatlech Verwaltung - un de Propriétaire vun de Parzellen op deem Gebitt erun a mécht hinnen eng Offer fir ofzekafen. Verkafe se, kënn d'Gebitt an de Perimeter, verkafe se net, da kënn et och net an de Perimeter - sou verhënnert een effikass, datt iwwer Bauerwartungsland vill spekuléiert gëtt.

De Präis, deen déi öffentlech Instanz, déi keeft, bezilt, ass zwar korrekt, mä bezitt sech eendeitegerweis op d'Land ausserhalb vum Perimeter, an zwar op d'Land ouni all Zort vun Infrastrukturen, well déi jo eréischt geschafe musse ginn. Dann ass et och déi öffentlech Instanz, déi Promoteur spillt a baue léisst. Sou erreeche mer eppes ganz Wichteges, an zwar dass no politeschen Iwwerleeunge lotisséiert gëtt, an net no ausschliessech finanziellen

Iwwerleeungen. Dëse System huet an Däitschland seng Preuvë gemaach.

(Interruption)

Hei zu Lëtzebuerg hunn d'Gemengen zwar eng Baugebotskompetenz innerhalb vun de Perimeteren, mä där hir Notzung ass éischer surrealistesch, well éierlech gesot, léif Kolleegen - an et si genuch Buergermeeschteren heibannen -, géif do schonn ee seng Bierger zum Verkauf vu Bau- oder Wunnraum zwéngen oder souguer noutfalls expropriéieren? - Also sollte mer eis Mëttele ginn, fir op d'Uwennung vum Baugebot verzichten ze kënnen. Mir musse realiséieren, datt mer zwar verschidde Propriétaires kënnen op steierlechem Wee vum Verkauf vun Terrain iwwerzeegen,...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

...mä datt mer zousätzlech Wunnraum och ausserhalb vun den aktuelle Perimetre brauche wäerten. Nëmme do kënnen nämlech och déi öffentlech Baulandreservé geschafe ginn, déi mer brauchen, fir d'Berouegung vum Baumaart laangfristeg ofzesécheren. Baulandreservé sinn eng absolut Noutwendegkeet, grad esou wéi mer och an Zukunft Landreservé brauche wäerten, déi am Kontext vun der Verkéiersplanung an der Schafung vun aneren Infrastrukture genotzt kënnen ginn. Dës Wäitsicht ass an onsen Aen liewensnoutwenneg.

Här President, ech wollt zum Schluss nach zwou Iwwerleeunge maachen, déi méi direkt mam virleiende Steierprojet ze dinn hunn. Fir d'éischt sinn ech der Meenung, datt mer dofir suerge mussen, datt déi nei steierlech Faveuren net un hirem eigentlechen Zil laanschtginn. Dofir musse mer eis da Kontrollmechanisme ginn iwwert déi Moossnamen, wéi se am Projet de loi virgesi ginn.

Ech wëll eng Motioun déposéieren am Kontext vun der Taxe d'enregistrement. Hei gëtt et jo e Crédit d'impôt. De Co-rapporteur Lucien Clement huet doriwwer geschwat. Dee Steierkredit ass laut Projet de loi persounbezunn. Dëse Crédit d'impôt kéint een och objetbezu maachen. Dat ass och an der Kommissioun diskutéiert ginn. Ech wollt eng Motioun abréngen, déi proposéiert en Tëscherapport ze maachen no engem Joer nom Aféiere vum Gesetz, fir ze kucken, wou mer dru sinn, an e Schlussrapport no zwee Joer, fir ze kucken, inwiefern déi Moossname gegräff hunn.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que l'application de la loi déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation sera du ressort de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines en ce qui concerne les volets relatifs à la fiscalité indirecte;*
- *considérant que notamment la gestion efficace du crédit d'impôt en matière de taxe d'enregistrement*

dépendra de l'existence des ressources humaines et informatiques adéquates;

- considérant que l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines est d'ores et déjà en mesure d'effectuer la gestion efficace de cet instrument, et constatant que le personnel administratif pouvant être affecté à cette tâche ainsi que les outils informatiques nécessaires pour permettre le suivi des dossiers soumis à l'Administration en cette matière sont disponibles;
- considérant que le Parlement devra être informé de l'utilisation du crédit d'impôt en matière de taxe d'enregistrement, afin de pouvoir lui-même apprécier le bon fonctionnement de ce mécanisme et prendre, le cas échéant, les dispositions adéquates concernant le succès de la mesure;

invite le Gouvernement

- à soumettre à la Chambre des Députés un rapport sur le nombre et la nature des dossiers traités par l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines en matière de crédit d'impôt concernant la taxe d'enregistrement une année après l'entrée en vigueur de la mesure fiscale, et un rapport consolidé après deux ans de fonctionnement de ce mécanisme.

(s.) Jean-Marie Halsdorf, Emile Calmes, Lucien Clement, Gusty Graas, Norbert Hauptert.

Da wollt ech nach Folgendes soen: Wann zum Beispill während deenen nächsten zwee Joer méi Leit verkafen, well se steuerlech besser behandelt ginn, dann däerf et net passéieren, datt e puer Keefer, déi sech e groussen Immobiliepark fir zukünfteg kommerziell Zwecker séchere wëllen, de Gros heivun opkafen. Duerfir sollte mer eis iwwerleeën, ob mer net e Virkaafsrecht fir öffentlech Instanzen erfannen, wat sech während der Lafzäit vun där méi favorabler Besteuerung op Privatveräusserunge vun Immobilien applizéiert.

(Interruptions)

Fir nämlech unzefänke mat Plangen, an zwar op eng méi laangfristeg Manéier, ass et de Moment net ze fréi, fir éischt Elementer vun enger Réserve foncière op deene Plazen unzeleeën, wou mer an Zukunft weider e signifikante Populatiounszouwuess erwaarden. Dozou kann et natierlech nëmme kommen, wann déi öffentlech Hand d'Méiglechkeet kritt ze kafen, an dat ka se nëmme, wa se weess, wou wat zum Verkaf steet. An deem Kontext ass also e Virkaafsrecht oder Droit de préemption ze schafen. Dat wier e logeschen Usaz am Sënn vun enger laangfristeger Planung vun de Wunnméiglechkeeten zu Lëtzebuerg.

Schliesslech, Här President, wollt ech och drop hiweisen, datt privat Investissementer an de Logement, virun allem an de Logement locatif néideg sinn, an och dës Investissementer sollt ee steuerlech - wéi soll ech dat soen? - encadréieren an och förderen, well et der net genuch gëtt an hir Noutwendegkeet weider zouhëlt.

Wa Fonge geschafe géife ginn, déi als Zweck den Investissement an de Logement hunn, an d'Acquisitioun vun de Wäertpabeiere vun dese Fongen ähnlech behandelt géif ginn, wéi mer dat mam Artikel 129c vum Akommessteiergesetz mat den Aktië vu Lëtzebuerger Gesellschaften gemaach hunn, kéint sech hei eng zousätzlech Dynamik fir de Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg erginn.

Här President, ech sinn zum Schluss komm vu menger Interventioun, mat där ech am Fong déi steuerlech Moossnamen, déi mer haut stëmmen, an e globale Kader vu Wunnraumpolitik stelle wollt. Dëst schéngt mer noutwendeg, well am Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg sech Krämp weise wäerten, déi mer mat weidere Medikamenter wäerten heele mussen. D'Orientéierungsdebat iwwert de Logement am Hierscht wäert déi nächst Geleeënheet sinn, fir esou Medikamenter op de Maart ze bréngen.

Ech bréngen heimat och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Halsdorf. Nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no mengen dräi méi donkle Virriedner ënnerbriechen ech dann elo de Majoritéitsreigen a bréngen dann e puer Nuancen an déi méi optimistesche Approche.

Une voix.- Bréngt e bësse Faarf eran!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech bréngen e bësse Faarf eran. Als Oppositounsvertrieeder, Här Minister, hu mer eng grouss Satisfactioun, dass eis Aarbecht an deene leschte Méint net fir näischt war. Ech brauch net ze widderhuelen, datt eist Land e seriöse Wunnengsbauproblem huet. Et feelt un erschwéngleche Wunnengen; et feelt u bezuelbaren Terrainen insgesamt. D'Präsentwécklung vun de Bauplazen an deene leschten zéng Joer weist eng Steigerung vu mol 2 bis mol 3 aus, a bei den Haiser duerch déi explodéierend Terrainspräisser ass d'Situatioun net vill méi gönschteg. An deene leschte fënnef bis sechs Joer kann ee feststellen, dass d'Haiserpräisser an d'Wunnengspräisser sech bal verduebelt hunn.

An deene leschten zéng Joer, an dat muss ee soe bei allen Erfolgsmeldungen iwwer verbessert Hëllef an allen Oplëschtunge vun Hëllef, déi de Stat ausbezillt, muss ee feststellen, dass duerch d'Präsentwécklung och déi gesteigert Hëllef quasi neutraliséiert gi sinn. De Maart huet d'Hëllef méi séier gefriess, wéi se geschafe gi sinn. D'Hëllef hunn normalerweis net déi Wierkung gewisen, déi mer eis erhofft hunn. All Joer accumuléiere mer en neien Defizit u Wunnengen an dat vill beschwurent Recht op Wunnen ass net méi garantéiert, och wa mer et elo an d'Reform vum 1979er Wunnengs-

gesetz aschreiwen. Doduerch dass mer et aschreiwen, hu mer et nach net.

D'Regierung huet dës Problemer um Wunnengsbau verschlof. Ech widderhuelen et: Déi Problemer um Wunnengsbausecteur si vun der Regierung an deene leschten zéng Joer net mat där Intensitéit verfollegt ginn, wéi een et hätt misse maachen - wann ee mol vun e puer isoléierte Moosnamen ofgesäit.

Mir si frou, dass eis Initiativen derzou bäigedroen hunn, dass d'Regierung décidéiert huet, aktiv ze ginn. Mir kréie jo haut e Beispill vun där Aktivitéit. Weideres méi spéit zu der Bewäertung vun dëse Moosnamen.

Viru genee engem Joer hu mer op dëser Tribün eng Interpellatioun iwwert de Wunnengsbaumaart gemaach, mat konkrete Virschléi, mat néng Motiounen - keng vun deene Motiounen ass ofgeleent ginn -, mat enger Résolutioun, déi acceptéiert ginn ass, an an där mer décidéiert hunn, mir géifen eng Orientéierungsdebatt iwwert de Wunnengsbau maachen.

Dat ass net alldueglech, dass Initiativ vum der Oppositioun sou vun der Majoritéit gedroe ginn, an et weist dorop hin, dass d'Regierung unerkannt huet, dass mer e seriöse Problem um Wunnengsmaart hunn.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - D'Regierung ass och net all Dag gutt, Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dat hunn ech och nach ni gesot, Här Statsminister! Ech hunn nach ni gesot, dass d'Regierung all Dag gutt ass. Ech hunn éischter de Contraire gesot.

Une voix. - D'Oppositioun awer och net.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ech hunn och nach ni gesot, dass d'Oppositioun all Dag gutt ass, mä awer méi Deeg gutt wéi d'Regierung der gutt ass.

Une voix. - Voilà, très bien!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Dat misst een am Analyteschen drécken, mä et gëtt jo keen Analytesche méi.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Jo, dach. Et gëtt en nach ëmmer.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Dann dréckt dat e bësse méi fett.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Jo, mä ech hu keen Afloss dorop, Här Statsminister. Mä, wann Der e gutt Wuert beim President aleet, dee wäert derfir suergen, dass et am Fettdrock kënnt.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Mam Seege vun der Stad Diddeleng dréckt Der, wat Der wëllt. Dat ass wouer.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Neen, do drécke mer just, wat d'Leit soen, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Se soen net alles, wat misst gesot ginn.

M. le Président. - Här Mars Di Bartolomeo, mer missten elo awer kucken, fir mat eisem Gesetz virunzekommen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Wëllt Dir éire verhënneren, Här President, dass dat zustane kënnt, wat den Här Statsminister an och mir eis wënschen, dass et e liewegen Débat an dëser Chamber gëtt?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Wat et méi roueg ass, wat den Här President méi zefridden ass.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Mir hu bei der Interpellatioun an och méi spéit an eiser Gesetzpropositioun op eng kohärent Approche am Wunnengsbau insistéiert, well de Problem sou komplizéiert ginn ass, dass een e mat isoléierte Moosnamen net méi léise kann.

Mir hunn insistéiert, dass de Wunnengsbauproblem um Regierungsplang ressortiwwergräifend traitéiert soll ginn, well de Wunnengsbauminister eleng déi dote Problematik net Meeschter ka ginn. Mir hu fir eng concertéiert Aktioun mat allen Acteuren: Stat, öffentlech Promoteuren a Privatinitiative plädéiert. Mir hunn och dofir plädéiert, dass mer gläichzäiteg eng Interventioun op der Offer an op der Demande maachen, d'Offere vergréisseren an d'Demande begënschtegen, doduerch, dass mer eis Hëllef, déi mer bis elo accordéiert hunn, kritesch op hir Wierksamkeet duerchlichten an erhéijen an ausbauen, do, wou et néideg ass.

Mir hunn awer och plädéiert - an ech si frou, dass dat ëmmer méi duerchkënnt -, dass een net eleng sech mat den Hëllef op den Eegenheemberäich limitéiere soll, mä dass een endlech soll kritesch hannerfroen, ob eis Hëllef beim Mietwunnengsbau duerginn an ob et net endlech ubruecht wär, datt een déi Leit, déi sech net en Eegenheem leeschte kënnen, d'selwecht vum Stat ënnerstëtze soll wéi déi, déi an der Lag sinn, sech en Eegenheem ze leeschten.

Am Moment kréien déi Leit nëmmen doduerch gehollef, dass se eng Sozialwunneng zur Verfügung gestallt kréien. Mä mir hunn net genuch Sozialwunnengen.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Här Di Bartolomeo, et gëtt eng einfach Méiglechkeet: D'Gemeng Diddeleng brauch der nëmme vill ze bauen. Se kréien elo, wann d'Gesetz iwwert de Wunnengsbau gestëmmt ass am Oktober, 70% vum Stat bäigeluegt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Mir waarden nëmmen dodrop, Här Minister.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Haut kritt Der 40% bäigeluegt.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Mir hunn lech schonn e puer Mol Accorde proposéiert, wou sech d'Gemengen ouni Weideres kënnen engagéieren, fir ze bauen, mä ausser deene gudde Virschléi, déi vum Statsminister komm sinn, hunn d'Ressortministere et nach net fäerdeg bruecht, dat an d'Praxis ëmzesetzen.

(Interruption)

Weder den Innenminister nach de Wunnengsbauminister! An dofir soen ech lech: Wann Dir endlech mat...

(Interruption et hilarité)

Wann Dir endlech mat deene Propositione kommt, op déi mir waarden, da si mer ganz gär bereet ze schaffen. Mä bis elo, Här Wunnengsbauminister, hutt Dir et just fäerdeg bruecht...

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Ma se leien dach do! Den Avis vum Conseil d'Etat ass schonn do. Den nächste Mëttwoch schwätze mer doriwwer. Et ass jo alles déposéiert!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här Wunnengsbauminister! Här Wunnengsbauminister!

M. le Président. - Här Di Bartolomeo, Här Boden, wann Der wëllt...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här Wunnengsbauminister, och do hutt Der de Mond ze vill voll geholl, well anesches wéi de Statsminister, dee gesot huet: "Meng Moosname komme virun der Vakanz.", hutt Dir och datselwecht ugekënnegt a gesot, si kéime virun der Vakanz. Wou si se?

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Wéini hu mer dat gesot?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ma, de Statsminister huet sech fir lech mat engagéiert.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Gewass!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dir hutt et net gepackt!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech géif mech schwéier hidden.

(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Do hutt Der och Recht, well fir dee géif ech mech och net engagéieren.

Plusieurs voix. - Oh! Oh!

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Dir wëllt nëmmen eppes maachen, wann Der Sue vum Stat kritt. Gitt et dach zou! Ech verstinn dat jo och, mä dat ass esou!

Une voix. - Den Här Minister wollt et nach virun der Vakanz bréngen, mä d'Chamber wollt net!

M. le Président. - Fänkt Dir lo och nach un!

(Hilarité)

Lo musse mer awer erëm geuerdent Verhältnisser heischafen.

(Interruptions)

Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert. Wann d'Regierung wëllt d'Wuert froen, da maacht dat, da kritt Der et och.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här Statsminister, ech wënschen lech just eng Kéier, dass Der net nëmme Statsminister sidd, mä och dass Der eng Kéier Buergermeeschter gitt, da wësst Der och, wat um Terrain leeft.

(Interruptions)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Här Di Bartolomeo, Dir kennt meng Drohung, dass ech eng zweet Residenz zu Diddeleng huelen, fir lech enges Daags kënnen ofzeléisen.

(Interruption et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - An Dir kennt meng Drohung, dass ech eng zweet Residenz net wäit vun hei ewech huelen.

M. le Président. - Also, mir hu lo grad geschwat vum Bericht. Kommt, mer kucken, dass awer och anstänneg Saachen an den Analytesche kommen. Sou, lo hutt Dir d'Wuert, an da maache mer dat a geuerdente Verhältnisser.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här President, entschëllegt, si ënnerbrieche mech dauernd, an Dir wësst, dass ech näischt léiwer hu wéi dat.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Mir huelen lech seriö, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Villmools merci, Här Statsminister, et ass och näischt anesches, wat ech vun lech erwaarden.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Et wonnert mech selwer.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ech hu lo just dofir plädéiert, dass mer déi Leit, déi sech keen Eegenheim leeschte kënnen, d'selwecht solle behandle wéi déi, déi sech en Eegenheim leeschte kënnen. De Stat ënnerstëtzt Leit, déi sech en Eegenheim leeschten, zum Deel mat Hëllef a Milliounenhéicht. Een, dee sech keen Eegenheim ka leeschten, kritt, wann e ganz vill Chance huet, eng Sozialwunneng. Wann e keng Chance huet, kritt en näischt, an dofir plädéiere mir dofir, dat ze änneren. Dir kënnt eis jo hëllef, et ass eng Proposition de loi do, Här Wunnengsbauminister, wou mer kënnen déi Leit, déi mussen zur Miet wunnen, ënnerstëtzen. Dir braucht dat just an Äre Projet...

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Dat ass net dee richtege Wee.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dir sot ëmmer, dat ass net dee richtege Wee. Da sot eis, wat dee richtege Wee ass.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Wunnenge bauen, dat ass besser. Hëlleft Dir dann?

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Also, de Stat soll de Locatif d'selwecht ënnerstëtze wéi en de Logement en propriété ënnerstëtzt. Iddien hutt Der an der Proposition de loi genuch virleien. Dir hutt zwar gemengt, dass Eenzelner lech net esou géife gefalen; c'est de bonne guerre. Mir kréie jo d'Geleeënheet am Kader vum Débat d'orientation méi no doriwwer ze schwätzen. D'Proposition de loi begräift steierlech Moosnamen, eng massiv Erhéijung vun den Hëllefen, vergläichbar Hëllef fir d'Eegenheem an de Locatif, eng Verbesserung vun der Garantie de l'Etat, Uleeë vu Baulandreserven, Ausweidung vun de Missioun vum Fonds de logement an - ech soen dat esou, wéi ech dat denken a wéi et noutweneg ass - eng besser Ennerstëtzung vun de Gemenge bei de Folge vum Wunnensbau.

Positiv, muss ee soen, sinn déi Aarbechten an der Kommissioun gelaf. Ech wëll dem President dat nach eng Kéier bescheinegen, dass hei eng excellent Aarbecht geleescht ginn ass, déi eis erlaabt huet, mat allen Acteuren um Terrain vum Wunnensbau e globalen Iwwerbléck ze kréien. Ech hu just gesot, dass d'Kommissioun ënnert Ärer Präsidenschaft gutt geschafft huet an dass mer e gudden Iwwerbléck kréie konnten iwwert d'Situatioun um Wunnensbau a virun allem och do, wou de Schong dréckt, well mer hunn eng ganz Rei vun Initiativ bei eis gehat, déi gutt Iddien haten a wou mer et eis net sollten huele loosse, dat an d'Konklusioun vum Débat d'orientation afléissen ze loosse, wat et eis erlabe géif, déi Propositionen, déi d'Regierung lo zum 1979er Wunnensbaugesetz gemaach huet, weider ze ergänzen. Ech hu virdru scho gesot: D'1979er Wunnensbaugesetz ass net virun der Vakanz komm. Dat ass och keen Drama. Éischtens louchen d'Avis vum de Chambres professionnelles net vir. D'Regierung wollt dat awer nach virun der Vakanz maachen, dat huet een un där Eil gesinn, mat där de Conseil d'Etat säin Avis huet missen huelen. Soss hätt de Conseil d'Etat deen Avis net ënnert där doter Zäitnout maache missen. Et ass intervenéiert gi beim Conseil d'Etat, fir dass e virun der Vakanz komme soll.

Ech, Här Statsminister, bedauern dat net, well dee Projet nach zum Deel onausgegoren ass, et sinn eng ganz Rei vun Detailer, déi feelen. Et gi Saachen ugekënnegt, wou net emol de Semblant vun engem Règlement d'exécution do ass, wou et awer herno op de Règlement d'exécution ukënnt.

Ech wëll dovunner profitéieren, dass Dir hei sidd, fir lech ze bieden, dofir ze suergen, dass an Ärer Regierung

wierklech voll Aarbecht geleescht gëtt, an net nëmmen Iddien ugekënnegt ginn, mä och d'Exécutiounsbestëmmunge vun deenen neien Iddien op den Dësch kommen, fir dass d'Chamber en pleine connaissance de cause doriwwer décidéiere kann, well am Moment gëtt et eenzel Elementer - ech kann herno nach, wann Der wëllt, kuerz drop agoen -, déi nach net ganz kloer gräifbar sinn, a wou een nach net sou richtig gesäit, wou d'Regierung domat lande wëllt.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech hunn dem Finanzminister all Instruktiounen doriwwer ginn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Et ass awer de Wunnensbauminister, deen zoustänneg ass.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Dee lauschtert mat, wann ech mam Finanzminister schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Et ass an der Rei.

Dann zu de Moosnamen am Telegrammstil wéi se eis haut virgeluegt gi sinn. De Kolleeg Jeannot Krecké wäert op déi méi technesch Elementer vun deene steierleche Moosnamen agoen.

Zu dem éischte Punkt, dat ass déi nei Regelung beim Remboursement vun der TVA um Bau. Mir begréissen do, datt d'Regierung lo eng Proposition virleet, wou d'Leit net méi 2 1/2 Joer op de Remboursement vun der TVA ze waarde brauchen.

De Statsminister huet d'lescht Kéier festgestallt, dass den niddregen TVA-Saz beim Bau eng gutt Saach wier an dass nach keen dat ervirgehuewen huet. Abee, mir hiewen dat ervir, wat eis ëm sou méi einfach fällt, well mer deemools mat doru geschafft hunn. Dat war an ass eng gutt Saach, mä si gëtt doduerch ënnerrillegt, dass d'Leit vill ze laang op de Remboursement waarde mussen. Duerch déi nei Moosnam wäert et jo an Zukunft méiglech sinn, dass d'Leit d'Sue kréien, wa se se brauchen, dat heescht, wa se bauen, wa se renovéieren, an net, wa se schonn 2 oder 2 1/2 Joer an hirem Haus sinn. Et ass eng Moosnam, déi mir ënnerstëtzen. Et ass kee Geschenk un d'Leit, mä et ass endlech nom Prinzip gehandelt, dass een, dee schnell hëlleft, och duebel hëlleft. Déi dote Mesure droe mir voll a ganz mat; hoffen allerdéngs, dass bei deenen Dossieren, déi nach nom traditionelle System lafe mussen, et net erëm laang Délaie gëtt, well an dëser Regelung gëtt et deen zweete Wee, wou een den Dossier muss ofschléissen a wou een dann eng Instruktioun à priori muss maachen, och weiderhin. Mir hunn eis vun de Leit aus dem Enregistrement soe gelooss, dass et anesches net goe géif. Ech hat a menger Naivitéit gemengt, dass an engem System, wou een alles direkt kéint kontabiliséieren, dat gaange wär, mä, wa Leit an der Verwaltung engem dat esou soen - net nëmmen een aus der Verwaltung, mä e ganze Koup Leit aus der Verwaltung -, dann hunn ech éischter d'Tendenz, dat och ze gleewen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Sidd Der dann d'accord, dass an der Belsch d'Leit 19% bezuelen an an Dätschland 15%, an näischt erëmkreien?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mir sinn ebe gutt, insgesamt.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Jo, voilà!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mä et geet eis och insgesamt besser wéi deenen aneren, et ass dann heiansdo einfach fir méi niddreg Sâz ze hunn wéi déi aner, déi sech och wënsche géifen, ähnlech Sâz an ähnlech budgetär Situatiounen ze hu wéi mir.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Ech wëllt, d'Liewe wär sou einfach, wéi Dir et beschreift.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et ass heiansdo sou einfach.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Jo, jo, wann Dir et einfach gesidd, dann ass et einfach.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et mécht een et heiansdo ze vill komplizéiert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Jo, jo, dat do ass ze vill einfach.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, ech wollt elo disziplinéiert sinn, mä den Här Statsminister ënnerbrécht mech déi ganzen Zäit.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Ech ëntschëllege mech dofir, dass den Här Di Bartolomeo mech dauernd wëll provozéieren, am gudde Sënn vum Wuert.

M. le Président.- Et sief lech verzien, Här Statsminister, mä lo misste mer weiderkommen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Selbstverständlech.

Dann zu de Steiersenkungen oder de Steuerermässigung fir déi Leit, déi bereet sinn, Bauland ze verkafen. Et ass eng gutt Iddi fir d'Offer ze vergréisseren, och an eiser Proposition de loi hate mer dorop higewisen. Mir sinn am Prinzip mat där doter Moosnam d'accord. Wéi gesot geet de Jeannot Krecké op den Detail an. Mä mir hate beim Etat de la nation dem Statsminister proposéiert, datt déi dote Moosnam nëmmen dann eng méiglechst grouss Effikassitéit hätt, wa se kéint mat engem Droit de préemption, sou wéi dat virdrun duergestallt ginn ass, wéi et an Däitschland an a Frankräich besteet, kombinéiert ginn.

De Statsminister huet deemools beim Etat de la nation gesot, dat wär eng excellent Iddi. Hie géif dat mat op de Wee huelen a géif och an déi dote Richtung goen. Mir waren dofir e bëssen erstaunt, wéi mer de Projet de loi

gesinn hunn a wéi d'Iddi vum Droit de préemption net zrëckbehale ginn ass, well de Statsminister sech jo engagéiert hat fir op deen dote Wee ze goen. Fir him et ze erliichteren, fir deen doten Engagement ze halen, erlabe mer eis, eng entspriechend Motioun hei mat op de Wee ze ginn, fir Forme vum Droit de préemption fir d'öffentlech Hand, besonnesch fir d'Gemengen, auszeschaffen.

Sot elo net, Här Wunnungsbauminister, déi hätte schonn esou eppes wéi en Droit de préemption doduerch, dass se sech Terraine séchere kënnen. Droit de préemption ass eigentlech vill méi eng liicht Form fir an de Besëtz vum Terrain ze komme wéi déi, déi am 1937er Wunnungsbaugesetz virgesi sinn ass, a wou effektiv, wann een dat net zesumme mam Stat mécht, et heiansdo méi schwierig ass, dat duerchzesetzen. Mä déi Versioun lei, déi den Droit de préemption duerstellt, an dee sech bewäert huet an Däitschland an och a Frankräich, sollte mer wierklech seriö präiwen. De Jeannot Krecké wäert eng entspriechend Motioun abréngen.

Dann nach e puer Wuert iwwert déi wäitgehend Ofschafung vum den Aktkäschte beim Eegenheem. Mir si frou iwwert d'Direktioun vum där doter Moosnam, well mer ëmmer der Meenung waren, dass de Stat näischt soll um Eegenheem verdéngen, dat ëmsou méi well d'Situatioun esou ass, dass d'Eegenheem duerch déi normal Präisentwécklung iwwerdeiert ass. Dofir hu mir och an der Proposition de loi schonn dofir plädéiert, dass mer d'Aktkäschten no enger Rei vu Kritären um Eegenheem ofschafe sollen.

Den Usaz vum dëser Moosnam ass also an der Rei, allerdéngs enthält de Projet de loi eng Rei vu Verschlechterunge vis-à-vis vum enger Rei vu Situatiounen a vis-à-vis vum der Regelung vum elo. De Fräibetrag oder de Crédit d'impôt, oder wéi ëmmer een et nennt, ass jo plafonnéiert, ass festgehale pro Persoun, an, wann een dee Crédit d'impôt opgebraucht huet an et leescht ee sech en Eegenheem, da gëtt een...

(Interruption)

Jo, mä ech explizéieren lech et, well Der lech wahrscheinlech net an esou Situatiounen eraversetze kënn...

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dir plädéiert fir déi kleng Leit, hunn ech d'Impressioun.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Jo, ech plädéiere fir déi kleng Leit!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Ech mierken dat, jo, ech mierken dat.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech wäert lech dat explizéieren. Dir plädéiert nämlech jiddefalls net fir déi kleng Leit, well Der et net un déi Konditioun bannt, dass ee just en Eegenheem däerf hunn, well een, deen 30

Haiser huet a sech dann en Eegenheem keeft, dee kritt deen dote Crédit d'impôt, mä deen, deen...

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*. - Wéi héich ass de Fräibetrag, Här Di Bartolomeo?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Lauschtert mer wann ech glift no, Här Minister, da verstitt Der vläicht de Raisonement.

M. le Président. - Entschëllegt, Här Minister, ee Momentchen! Här Minister, kommt mer loossen den Deputéierte fäerdeg schwätzen, an da kritt d'Regierung d'Wuert, well ech fäerten, wa mer déi Dialogen hei dauernd féieren, gi mer net fäerdeg. Mir hunn haut nach dräi Projet-de-loien no deem heiten ze évacuëieren. Ech soen lech dat just.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - D'Situatioun ass déi folgend - an Dir wësst dat: Mir hunn all Forme vu familiären Zesummesetzungen; et gëtt jonk Leit, déi sech en Appartement leeschten, wa se bestuet ginn, verkafe se d'Appartement a leeschte sech en Haus, wann d'Famillje méi grouss ass, musse se vläicht nach eng Kéier d'Wunneng changéieren, a wa se méi al ginn, kann et virkommen, dass se nach eng Kéier d'Wunneng changéieren.

Da gëtt et Situatiounen - Dir kënnt lech wahrscheinlech net an d'Haut vun deenen eraversetzen -, déi duerch Scheedung bewierkt sinn. Ech ginn lech dat einfachst Beispill, dat et gëtt: Wann Der eng Familljen hutt, déi zu zwee sech en Eegenheem gelescht hunn, duerch eng Scheedung dat Eegenheem verkafe mussen, hire Crédit d'impôt wäitgehendst opgebraucht hunn, oder vläicht schonn zum Deel opgebraucht haten, well ee vun deenen zwee e klengt Appartement virdrun hat, wa se ausernee ginn an d'Haus verkafen a sech en neit kafe mussen, da kréie se de Crédit d'impôt net méi. De Crédit d'impôt ass opgebraucht a si kréien déi deier Aktkäschen. Dee bëllegen Akt, wéi e bis elo bestanen huet, war d'Regel. Här Minister, Dir hutt selwer an engem Interview gesot: "Dee bëllegen Akt, wéi e bis elo bestanen huet, ass un d'Eegenheem gebonne gewiescht."

Wann Dir an enger Situatioun waart, wou der aus äusseren Ëmstänn Äert Haus huet misse verkafen an en neit Haus kaaft hutt, hutt Dir, wann Der dat viregt verkaaft hutt, dee bëllegen Akt kritt. Dat hei ass eng Situatioun am Gesetz, wa mer déi esou applizéieren, wéi mer se am Moment dran hunn, dann dauert et keng fënnef Joer, bis dass mer Härtefäll hunn a bis mer dat Gesetz mussen ëmänneren. Am Usaz war d'Iwwerleeung vum Conseil d'Etat duerfir net schlecht, jiddefalls den éischten Deel vun den Iwwerleeunge vum Conseil d'Etat, wou e gesot huet, dass een de Crédit d'impôt sollt op den Akt gebonnen un d'Eegenheem maachen an net un d'Persoun, wou ee komplizéiert novollzéie muss, wéi vill vun hirem Crédit d'impôt se bis elo opgebraucht huet.

(Interruption)

Dat kann ee limitéieren. Ech sinn och net der Meenung, Här Clement, dass een et soll zu spekulativen Zwecker maachen, mä Dir wësst selwer, wann Der Kanner hutt, wann een en Appartement huet, wann een d'Famill vergréissert, sech en Haus leescht a vläicht nach iergendwann eng Kéier am Liewen, aus iergendwelche Grënn, duerch e Stierffall oder duerch en aneren Accident, d'Haus nach eng Kéier soll wiesselen, dass deen dann net gestrooft soll ginn. Dat ass eis Suerg.

Mat der jëtzege Regelung ass dat dran. Ech weess iwwregens, dass an der Finanzkommissioun déi doten Diskussioun gefouert ginn ass. Ech weess, dass an der Finanzkommissioun dat d'Meenung war vun den Expären aus de Finanzen, an ech weess och, dass dat do d'Meenung vum Statsminister war. Dofir kënne mer esou schlecht an deem dote Beräich net leien. Nach eng Kéier: Hei geet et net drëm, fir Schmu ze maachen, mä et geet just drëm, fir an deene verschiddene Situatiounen, wou een en Eegenheem duerch en anert Eegenheem wiesselt, net gestrooft gëtt. Dat ass eng Situatioun, déi mer elo garantéiert hunn, da solle mer se wann ech glift net verschlechteren a mir wäerten lech d'Geleegenheet ginn, fir an déi dote Richtung ze goen, iwwer eng Motioun, déi de Jeannot Krecké wäert presentéieren.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech kann dann zur Konklusioun kommen. Déi heite Mesuren, esou begréissenswäert se am Usaz sinn, mat deenen Nuancen, déi mer erabruecht hunn, wäerten d'Problematik vum Wunnengsbau sécher eleng net léisen. Duerfir ass et enorm wichteg, dass mer déi ugefaangen Diskussioun iwwert d'Orientatioun vum zukünftege Wunnengsbau solle viruféieren, dass mer sollen déi Propositionen am Rahme vum 79er Gesetz abannen, fir dass mer als Chamber dem Minister kënnen Hëllefstellung ginn. Mir sollen eis Zäit loossen, fir déi Usätz, déi am 79er Gesetz dra sinn, ze ergänzen an d'Règlements d'exécution op den Dësch ze leeën, fir dass mer wëssen, wéi déi dote Moosnamen da kënnen exécutéiert ginn, mat der Stoussrichtung - an ech ënnersträichen dat nach eng Kéier -, datt mer déiselwecht Efforte maache fir Leit, déi musse lounen, wéi fir déi, déi sech kënnen en Eegenheem erlaben.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, dass an der Wunnengsproblematik jiddferee säi Bäitrag soll maachen. Do deelen ech d'Meenung vun der Regierung, dass d'Gemeenge gefuerdert sinn an dass d'Gemengen, wa se gehollef kréien, bereet sinn hir Verantwortung an deem dote Beräich ze iwwerhuelen, dass jiddfereen also säi Bäitrag soll leeschten.

Nach eng kleng Proposition zum Schluss. Och eng Profession, déi ganz staark un de Wunnengsbau gebonnen ass, an zwar eist Notariat, soll e Beitrag leeschten,

well een Deel vun den Honorairë vun eisen Notairen ass proportionell un de Präis vun den Objete gebonnen. Wann also de Präis vun den Objeten explodéiert, ass et normal, dass d'Honorairë mat explodéieren, an duerfir géife mer d'Regierung bidden iwwert eng Motioun fir dee Règlement grand-ducal vum 24. Juli 1971, deem d'Notaireshonorairë regelt, eng Kéier kritesch ze duerchliichten an nozekucken a wat fir enger Form d'Notaire kënnen e Bäitrag dozou leeschten, dass d'Wunnengspräisser an d'Acquisitioun vun de Wunnengen net weider explodéieren.

Motion 2

La Chambre des Députés

- *vu les efforts en vue d'encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation;*
- *vu le règlement grand-ducal du 24 juillet 1971 portant révision du tarif des notaires, tel que modifié par le règlement grand-ducal du 9 octobre 1984;*
- *rappelant que l'honoraire des notaires est fixe, proportionnel, tarifé par minimum et maximum, par vacation ou par rôle de copie;*
- *rappelant que l'honoraire proportionnel se calcule sur les sommes et valeurs exprimées dans les actes;*
- *soulignant que les prix des immeubles bâtis et non bâtis connaissent une évolution exorbitante depuis une dizaine d'années;*
- *rappelant que l'honoraire des notaires augmente par conséquent d'une manière disproportionnée;*
- *considérant que les outils informatiques facilitent largement le travail de recherche et de confection de l'acte ainsi que la délivrance de copies*

invite le Gouvernement

- *à faire concourir les notaires aux efforts déployés par l'Etat en la matière et donc de revoir le règlement grand-ducal portant révision du tarif des notaires, notamment en ce qui concerne les opérations immobilières destinées à des fins d'habitation personnelle.*

(s.) Mars Di Bartolomeo, Jean Asselborn, Alex Bodry, Jean-Pierre Klein, Lydia Mutsch.

An deem Sënn wëll ech soen, dass d'LSAP, wa se Versteedsdemech bei hire gudden Propositione fënnt, déi an de Motioun festgehalen sinn, kann dëst Gesetz ënnerstëtzen. Merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wuesstum hei zu Lëtzebuerg huet eis jo an der Lescht schonn oft hei beschäftegt an e wäert eis an Zukunft nach vill beschäftegen, well dat permanent Uwuesse vun der Populatioun bedeit natierlech eng

stänneg Upassung vun den Infrastrukturen, sief dat elo Schoulen, sief dat Stroossen oder sief dat Spideeler.

Méi Leit heescht natierlech noutgedronge méi Wunnengen. Op de 15. Februar 2001 ware mer hei am Land schonn zu 439.764, dat si 14,3% méi wéi dat 1991 de Fall war. Et ass u sech en elementaart Recht vun all Mensch, fir an enger gewëssener Dignitéit ze wunnen. Am Exposé des motifs vum Gesetzesprojet 4977 iwwert d'Aide au logement ass dat u sech mat flotter Wiederëmschriwwen, duerfir wëll ech déi emol hei zitieren: "Le secteur du logement étant un facteur essentiel de l'intégration du citoyen dans la société et, de ce fait, de la lutte contre l'exclusion sociale, il appartient au pouvoir public d'accorder une grande importance à une politique active du logement. En effet, un logement convenable, sûr, salubre et agréable à vivre pour l'ensemble des citoyens conditionne l'efficacité du système socio-économique et améliore la qualité de vie des citoyens."

Wien nämlech schonn eng Kéier e Bléck a richteg Slums geworf huet, dee ka sech jo lichte virstellen, wat et heescht an Dignitéit ze wunnen. Hei zu Lëtzebuerg kenne mer jo Gott sei Dank déi Zoustänn net, an dach hu mer jo e gewësse Wunnengsproblem, wéi een dat an de leschte Wochen a Méint op dëser Tribün konnt feststellen. Et gi vill Leit, déi sech eben den Dram vum Eegenheem net kënnen erfëllen. Ech denken do besonnesch u jonk Leit. Mä et ass nun awer den Dram vu praktesch jiddferengem, fir ebe sech säin Eegenheem kënnen ze realisieren.

Bei senger Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun, de leschte 7. Mee, hei op der Tribün, huet de Statsminister jo ënner anerem Folgendes gesot: "Mir bauen net genuch a mir bauen ze deier." Domat huet en ouni Zweifel déi zwee kruzial Problemer vum Wunnengsbau richteg ugeschnidden. Vun 1986 bis 2000 sinn 33.700 Wunnenge gebaut ginn, dat waren der ronn 2.400 d'Joer. Fir allerdéngs de Besoin gerecht ze ginn, misste mer der 3.500 pro Joer bauen. 2001 goufen 2.846 Logementer autoriséiert. Dat waren der awer 16% manner wéi am Joer 2000, mä de Problem ass jo awer u sech net nei, well 1982 hat de Fonds pour le logement à coût modéré d'Gesellschaft fir Wohnungs- und Siedlungswesen mat enger Etüd chargéiert, fir deemools scho sech Gedanken ze maachen iwwert de Besoin vu Wunnengen hei zu Lëtzebuerg.

An där Etüd mam Titel "Wohnungslagebericht" stung ënner anerem: "Bis 1990 erscheint der Bau von 2.000 Wohnungen im Jahr als ein absolutes Minimum. Diese Zahl setzt eine verstärkte Modernisierungstätigkeit sowie eine optimale Verteilung der vorhandenen Wohnungen voraus. Werden diese Bedingungen auch nur teilweise erreicht, so steigt der Bedarf weit über die 2000er Grenze hinaus." Wéi gesot, dee Constat ass scho virun 20 Joer gemaach ginn.

Ee vun de groussen Problemer haut ass de Präis vun engem Eegenheem, sief dat elo en Appartement oder sief dat en

Eefamilljenhaus. Et muss ee sech do awer oft d'Fro stellen, wéi jonk Leit virun allem, et maache kënnen, fir sech en Eegenheem ze realiséieren, wann een d'Präisser considéréiert. Et kann ee jo soen, datt am Duerchschnëtt en Ar - dat si jo awer nëmmen 100 m² - 20.000 bis 30.000 Euro kascht. Wann een dann nach dobäirechent, datt en normaalt Eefamilljenhaus an der Moyenne 300.000 bis 400.000 Euro kascht, da muss ee sech natierlech munchmol d'Fro stellen, wéi en Normalverdénger mat esou Präisser kann eens ginn.

Bis elo huet jo de Stat mat senge Subventiounen ville Leit et iwwerhaapt erméiglecht sech den Dram vum Eegenheem ze realiséieren, mä d'Chambre des Métiers huet awer an hirem Avis d'Fro gestallt, ob déi direkt Subventiounspolitik vun de Logementer net souguer géif dozou bäidroen d'Grondstéck- an d'Immobiliespekulatioun nach weider an d'Luucht ze dreiwien.

En anere Problem vum Wunnengsbau - an dat ass schonn hei an de Riede virdrun ugeklongen - ass natierlech och d'Offer. Et feelt virun allem a verschidde Géigende vum Land un Appartementshaiser, well bedéngt duerch eng Verännerung vun der Familljestructur an eiser Gesellschaft gi jo u sech ëmmer méi Leit eleng wunnen. Ech wëll just drop hiweisen, datt een am STATEC sengem Annuaire kann noliessen, datt 1960 nach 11% vun de Ménagen aus enger Persoun bestanen hunn an 1991 waren dat scho bal 26%. An d'Ménagen, déi sech aus méi wéi véier Persounen zesummesetzen, gi permanent zënter 1960 zrëck.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an engem Positionspabeier iwwert de Logement aus dem Abrëll 1990 huet d'DP schonn deemools gefuerdert: "Des mesures de subvention et de dégrèvement fiscal cohérentes doivent être envisagées, comportant d'une part des possibilités d'amortissement accéléré et d'autre part des exemptions de l'imposition sur les revenus touchés."

Da wëll ech nach eng Kéier op d'Regierungserklärung zrëckkomme vum 12. August 1999, wou jo dra steet: "Le Gouvernement se propose de développer une stratégie globale et régionale en matière de création de rénovation de logements..." Et kann een also soen, datt duerch déi Gesetzesinitiativ vun haut en Deel vun där Strategie elo ëmgesat gëtt. D'Fro ass natierlech ze stellen, wéi de Stat an de Marché agräife kann, respektiv soll.

Et ass natierlech an enger fräier Maartwirtschaft ëmmer riskant fir ze vill contraignant Moosnamen ze huelen. Duerfir begrësse mir et als DP, datt fir d'éischt u sech de Wee vun der sou genannter positiver Fiskalitéit gesicht gëtt, dat heescht, datt e steierlecht Ëmfeld créiert gëtt, wat sech zum Virdeel vum Contribuable auswierkt. Dat ass e Prinzip, deen u sech méi ka bewierke wéi ëmmer méi restriktiv Regeln. Ech denken zum Beispill un d'Aféierung vun enger erhéichter Grondtax, wann ee säi fräien Terrain net wëllt bebaue loossen. Och an anere Beräicher kënnt een dës Approche vläicht nach méi uwenden, zum Beispill um Niveau vun der Ëmweltpolitik.

Wann ee gär hätt, datt an enger Gesellschaft Privatkapital soll méi dynamiséiert ginn, dann ass et evident, datt de Stat jiddefalls déi Aktivitéiten net därer iwwerméisseg besteieren. Mir sinn awer mam Statsminister d'accord, wann all dës geplangte Mesuren, déi mer elo haut stëmmen, net gräifen, datt ee sech da soll awer an enger nächster Phas Gedanke maachen iwwer eventuell aner Moosnamen, déi dann eben e méi repressive Charakter hunn.

Beim Verkaf vun Terrainen oder Immobilien aus dem Privatverméigen zu Wunnzwecker gi jo de Moment d'Plus-value mat der Halschent vum duerchschnëttleche Steiersaz besteiert. Dat verleet natierlech eng Rei Leit dozou hir Propriétéit net ze verkafen. Wien haut säin Terrain spëtstens no zwee Joer verkeeft, gëtt dann aus Spekulationsgrënn nach mat engem Steiersaz beluegt, dee jo kann 38% erreechen. Verkeeft hien den Terrain no deem Délai, da sinn dat nach maximal 19%. Dobäi kann natierlech nach en Abatement komme vu 50.000 Euro, respektiv 100.000 Euro am Fall vun engem Mariage.

D'DP jiddefalls begrësst, datt elo dës Steiersatz erofgesat ginn op e Véirel vum Duerchschnittssteiersaz. Och fanne mir et richtig, datt en Terrain an engem Lotissement net méi als en Deel vum Actif ugesi gëtt an datt am Fall vum Verkaf oder vun enger Schenkung d'Plus-value net méi als Bénéfice commercial considéréiert ginn. Vill Leit ware jo u sech net zefriden, wa se eng Bauplaz an engem Lotissement leien haten a si wollten dem Kand se iwwerschreiwen, datt se nach hu misste Steieren op der Plus-value bezuelen. Déi Approche jiddefalls entsprécht vläicht net onbedéngt engem néidege Respekt, deen een dem Privatverméige géigeniwwer misst opbréngen.

Elo gi jiddefalls - an dat ass emol fir déi nächst dräi Joer esou festgehalten - déi entstane Plus-value net méi besteiert - an ech wëll elo net ze vill an d'Detailer goen, de Rapporteur huet dat jo exzellent gemaach -, wann den Terrain mindestens zéng Joer an der Privatpropriétéit ass. Bedeitend Reduzéierung gi jo elo virgeholl, wann ee Bauterraine verkeeft, déi an engem Lotissement leien. Och begrësse mer et, datt eng Steuerreduzierung vu 25% um Benefiss elo kann entstoen, wa Gesellschaften hir Bauterrainen an deenen nächsten dräi Joer verkafen.

Mä mir hunn awer trotzdeem nach ëmmer e Manko um Niveau vun de Mietwunnengen. Dat ass de Mëtteg schonn ugeschnidde ginn. Déi geplangte Mesure fir den akzeleréierten Amortissementssaz vu véier op sechs Prozent ze héije fënnt jiddefalls eis Ënnerstëtzung. Dat mécht d'Acquisitioun fir Immeubel fir Loyerszwecker natierlech méi interessant, mä jiddfereen, deen awer e Logement verlount huet, dee weess, datt et awer nach eng Rei aner Problemer ginn, an datt d'Verlounen jo net ëmmer Freed mécht.

Jiddefalls schielt sech ëmmer méi raus, datt muss eng Upassung vum Loyersgesetz kommen. Dat ass schonn envisagéiert ginn. Ech wëll hei soen, datt fir eis als DP et

do mindestens zwee Punkte ginn, déi mussen eng gewësse Prioritéit kréien. Éischtens emol, datt déi Differenz zwëschent de Wunnengen, déi de Moment nach besteet zwëschent deenen, déi virum 1. September 1944 gebaut goufen, respektiv déi, déi dono gebaut goufen, datt déi soll opgehuewe ginn. Zweetens, datt d'Interesse vun de Propriétaires solle verstärkt ginn am Fall, wou de Locataire sech als schlechte Bezueler erausstellt.

Eng weider wichteg Mesure vun dësem Gesetz, dat mer haut stëmmen, ass d'Aféierung vum Crédit d'impôt. Hei kann ee soen, datt mer deelweis elo Neiland betrieden, well dëse System bréngt u sech méi Equitéit mat sech, well elo fir jiddferen déiselwecht Konditiounen gëllen. A well an der Vergaangenheet ass et jo awer zum Deel alt emol zu gewëssen Ongerechtegkeete komm, wa verschidde Leit vum bëllegen Akt profitéiert hunn, obwuel se vläicht net onbedéngt déi Konditiounen erfüllt hunn.

Une voix.- Ou! Wat fir eng dann?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Et ass och net onbedéngt gerecht fir engem, deen 30 Haiser huet beim 31. Haus d'Aktkäschten ze schenken.

M. Gusty Graas (DP).- Här Di Bartolomeo, et ass ni gutt, wann een ëmmer nëmme mat extreme Beispiller operéiert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Jo, mä och déi muss ee berücksichtegen.

M. Gusty Graas (DP).- Jo. Jiddefalls si mir als Demokratesch Partei der Meenung, datt d'Kommissioun awer Recht hat, fir dem Virschlag vum Conseil d'Etat net ze follechen, an zwar de Crédit d'impôt op d'Persoun ze bezéien, an net wéi de Conseil d'Etat hei proposéiert hat, fir dat pro Acquisitioun ze maachen.

Sécher kënne sech an Zukunft ëmmer nach gewëssen Härtefäll astellen. Dat kann een zu dësem Zäitpunkt nach net ofgesinn, mä et dierf ee jo awer net vergiessen, datt dee Crédit d'impôt 20.000 Euro bedréit, datt e verduebelt gëtt op 40.000 Euro am Fall vun zwee Conjointen, wat jo awer trotzdeem eng gewëssen Zomm duerstellt an ëmmerhi sech dann op e Plafong vu 24 Milliounen Lëtzebuerger Frang - fir dat emol nach eng Kéier esou auszudrécken - bezitt, wat jo awer net en onbeträchtleche Montant ass, wat awer erlaabt méi wéi eng Acquisitioun ënner normalen Ëmstänn ze maachen.

(Interruption)

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Den Här Di Bartolomeo wollt et net soen. Ech wollt et dierfir nach eng Kéier widerhuelen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här Wunnengsbau-minister, ech kann lech et nach eng Kéier explizéieren, wann Der wëllt.

M. Gusty Graas (DP).- Den Här Di Bartolomeo huet sech net getraut dee Montant ze soen.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Ah, voilà!

M. Gusty Graas (DP).- Well da kritt d'Diskussioun nämlech en e bëssen anert Gesicht.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Iwwerhaapt kee Problem. Dir sidd also der Meenung, dass een engem, deen 30 Haiser schonn huet, nach e Crédit d'impôt vun engem Géigewäert vu 24 Milliounen soll ginn? Dir sidd awer e Lustigen.

M. Gusty Graas (DP).- Ech hunn lech scho gesot, Här Di Bartolomeo, et ass falsch eng Diskussioun ze féieren, wann ee sech op en extreemt Beispill limitéiert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ah, ma ja voilà, Dir sidd awer just amgaangen datselwecht ze maachen op deem anere Bord.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här Di Bartolomeo, där Leit hu mir keng an eiser Partei, ech wonnere mech, datt Dir der sou vill kennt, déi dat hunn.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir wëllt se einfach net gesinn, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Jo, jo.

(Interruptions)

La grande propriété fut toujours socialiste.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech gehéieren net zu deenen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Jo, jo.

M. Gusty Graas (DP).- Den Direkter vum Enregistrement huet jo gesot, deen neie System wär vun enger Simplicité biblique.

Une voix.- ...an der Bibel?

M. Gusty Graas (DP).- Dat musst Der hie froen.

Den Direkter huet eis confirméiert, datt d'Aféierung vun deem System fir d'Verwaltung u sech keng gréisser administrativ Problemer géng mat sech bréngen, an datt schonn u sech eng gutt Viraarbecht elo gelescht gi wär.

Ech hu jo virun op d'Pénurie vun de Mietswunnengen higewisen, dierfir muss een an deem Kontext d'Fro stellen, déi vun der Chambre des Métiers opgeworf gëtt, ob net dee Crédit d'impôt kënnt ausgedehnt ginn op d'Acquisitioun zum Beispill vu Mietswunnengen, fir eben dësem Volet vum Wunnengsbau nach eng zousätzlech Attraktivitéit ze ginn.

(Interruption)

Déi lescht Moosnam an deem ganze Package hei be-trëfft dann de Remboursement vun der TVA. Ech géng

soen, déi meescht vun eis heibannen hu jo do schonn hir Erfahrung mat dem Remboursement vun der TVA gemaach, datt een am Duerchschnitt jo muss zwee Joer waarden, fir kënne seng Sue rembourséiert ze kréien.

Dat ass natierlech, aus verständleche Grënn, bei de Leit dobaussen op e gewëssent Onverständnis gestouss, allerdéngs soll een op dëser Plaz emol nach eng Kéier soen, datt dat awer elo net direkt der Verwaltung ze imputéieren ass, mä do krute mer jo Explicatiounen, datt ënner anerem engersäits vill Leit hir Demanden net ganz korrekt ausfüllen, op där anerer Säit awer och eenzel Leit versiche frauduleusement virzegoen, wat dann eben Ursaache sinn - ech gesinn, de Statsminister schéngt och där Meenung ze sinn -, firwat datt et esou laang dauert an datt een net einfach pauschal ka behaapten, et géing vläicht net déi néideg Aarbecht geleescht ginn op dem Niveau vun där Verwaltung.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dovunner haten awer déi vill éierlech Leit näischt.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Très bien.

M. Gusty Graas (DP). - Jo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Voilà!

M. Gusty Graas (DP). - Et geet mir emol drëms, datt net einfach pauschal gesot gëtt, datt déi...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Et kann een och net pauschal soen, dass Fraude gemaach ginn ass an dass geschummelt ginn ass.

M. Gusty Graas (DP). - Dat huet kee pauschal hei gesot. Et sinn eng Rei vu valablen Argumenter hei ugefouert ginn, firwat datt et zu deene Retarde komm ass.

Eppes ass jiddefalls kloer an ech mengen, do si mer eis all eens.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Den Enregistrement ass vu ganz ville Leit un der Nues erëmgefouert ginn. Dat wëll ech lech just soen.

Wa Leit e Graf bauen an dat op hire Rechnungen attestéieren, wéi wann dat eng nei Kichen oder eng nei Terrass wär, da kënnt Dir honnert Mol soen: Dat ass schlëmm, dass d'Leit alleguer musse laang op hir Sue waarden. Schlëmm wier et och, wann een esou de Stat kënnt un der Nues erëmféieren. Déi Leit, déi op hir Sue gewaart hunn, hunn deene Leit et ze verdanken, déi Schmu gemaach hunn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Ech hunn nach ëmmer léiwer, dass een zu Onrecht eppes kritt, wéi dass anerer gestrooft ginn, well vläicht een zu Onrecht eppes géif kréien.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Voilà, doriwwer freeë sech virun allem déi, déi onéierlech sinn. Merci.

M. le Président. - Sou, Här Graas, fuert elo weider. Déi aner sollen nolauschten an net dauernd ënnerbriechen, soss komme mer hei jo net weider. Mir hunn nach wichteg Saachen um Ordre du jour stoen.

M. Gusty Graas (DP). - Jiddefalls, déi geplangte Mesure misst jo awer dozou féieren, datt eben elo d'Leit éischter an den Ausbau, respektiv an d'Renovéierung vun hirem Haus investéieren. Ech ginn dovun aus, datt dat wäert e positiven Impakt op de Bausector insgesamt hunn, awer virun allem op d'Handwierksbetreiber. Mir wëssen dernieft, datt nach vill Leit sech nach ëmmer schwéier di mat administrativer Aarbecht. Duerch deen neie System entfält en Deel vun där Aarbecht.

Dann huet den Direkter vun der Enregistrementsverwaltung eis confirméiert, datt u sech, vum reng Administrativen, si duerch deen neie System éischter elo géingen entlaascht ginn, soudatt een an deem Kontext souguer ka vun engem Deel konkreter Réforme administrative schwätzen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ah, elo wësse mer wou se ass.

M. Gusty Graas (DP). - Dann dierf ee schlussendlech net vergiessen, datt duerch d'Tatsaach, datt d'Leit jo awer Honnerttausende vu Frange während mindestens zwee Joer ausstoen haten, datt domadder jo awer eng Rei vun Zënse verluer gungen.

Schlussendlech misst jo awer duerch d'Aféierung vum Taux super réduit op dräi Prozent d'Schwaarzaarbecht ofhalen. Iwwregens gëtt dat confirméiert vun der Chambre des Métiers. Si schreift ënner anerem an deem Zesammenhang an hirem Avis: "La Chambre des Métiers est convaincue que le taux de TVA de 3% dans le domaine du logement contribue à combattre le travail au noir, fléau dont le secteur de la construction est particulièrement touché. Ainsi, un taux de TVA bas rend le concours des particuliers aux services de l'économie souterraine moins intéressant en termes financiers."

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Deen Taux super réduit besteet awer schonns zënter 1991.

M. Gusty Graas (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bekloen eis jo regelméisseg iwwert de feelende Wunnraum an dësem Land an ech wëll och - ech mengen, de Jean-Marie Halsdorf huet dat virdru scho gemaach - op d'Gesetz vun 1979 hiweisen iwwert de Wunnengsbau, vu datt jo ganz vill Lokalpolitiker heibanne sinn. Effektiv den Artikel 52 raumt jo u sech engem Gemengerot d'Méiglechkeet an e fräiliegende Terrain fir Wunnengszwecker quasi ze veruerdnen. Mä do solle mer eis kengen Illusiounen higin, well dee Kommunalpolitiker, deen dee Courage huet, deen, mengen ech, muss emol nach gebuer ginn, soudatt ee sech iwwert de Wäert vun esou contraignant Mesuren awer wierklech ka seng Gedanke maachen.

Ech géing mengen, datt een an Zukunft muss nach aner Critère spille loossen, wat de Wunnengsbau ubelaangt.

Ech denken un éischer Linn natierlech u méi eng rationell Notzung vum Bauland. En anere Problem ass natierlech deen, datt Wunnengen oft net esou affectéiert ginn, wéi et u sech am PAG virgesinn ass. Wann ech elo emol d'Beispill hei vun der Stad Lëtzebuerg huelen, wou jo awer eng Dausende vu m² am PAG u sech als Wunnengsfläch ausgewise sinn, mä déi dann awer als Bürosraum benotzt ginn. Duerfir muss een emol an deem Kontext d'Fro stellen, ob een net soll eng Base légale schafen, déi de Gemengen et géing erlaben eng sou genannten Taxe pénale anzeféiere fir déi Wunnengen, déi net esou affectéiert sinn, wéi et am PAG virgesinn ass.

Virun allem soll awer de Stat mam gudden Beispill virgoen. Do kann ee jo awer dorop verweisen, datt mer hei virun e puer Wochen e Gesetz gestëmmt hunn, dat war d'Gesetz 4883 iwwert de Kaf vun dräi Gebaier um Kierchbierg fir administrativ Zwecker. Ech géing soen, dat ass awer elo de beschte Beweis, datt de Stat e richtegt, e gutt Signal ginn huet, datt e versicht eegen Acquisitiounen ze maachen, fir do ebe seng Bürosraumlechteiten dran ze installéieren. Deementspreechend gëtt also zousätzlech Wunnengsraum, besonnesch hei am Kär vun der Stad, dann nach fräi.

Ech wëll awer zum Schluss nach e bësse méi eng perséinlech Remarque hei maachen, wat de Wunnengsbau insgesamt ubelaangt. Déi hunn ech scho gemaach beim Débat iwwert d'Nohaltegkeet, well bei allem Respekt ëm d'Suerg vun de feelende Wunnengen hei zu Lëtzebuerg däerf een awer net den ekologesche Volet vergiessen, deen an der ganzer Diskussioun awer - esou huet ee jiddefalls d'Gefill - e bësselche marginaliséiert gëtt.

Ech sinn der Meenung, mir müssen an Zukunft nach vill méi no ekologesche Critère bauen. Da wëll ech awer drop hiweisen: Nei Wunnengen heescht jo automatesch zousätzlech nei Ofwässer. Ech sinn der Meenung, datt ee kee Lotissement sollt autoriséieren, wou net am Virfeld eng adequat Klärung vun den Ofwässer garantéiert ass, well mir hunn esou vill an deene leschte Wochen a Méint hei vun Nohaltegkeet geschwat. Et bien, hei bitt sech jo awer elo en ideaalt Beispill, fir Nohaltegkeet an der Praxis ze applizéieren.

Här President, mat deem gesetzleche Moosnamepak setze mer also ouni Zweifel e wichtegt Signal a Richtung Ënnerstëtzung vum Wunnengsbau, allerdéngs däerf ee sech natierlech net elo ze vill Wonner erwaarden. Ech ginn dovun aus, datt dës Moosname wäerten natierlech elo an enger éischer Phas gewësse Resultater mat sech bréngen. Wéi se sech dann entwéckelen, dat muss ofgewart ginn. D'DP stellt jiddefalls fest, datt hei méi eng liberal Approche bei der Besteuerung ugewannt gëtt. Ech denke virun allem do un d'Aféierung vum Crédit d'impôt.

Dës Moosname muss virun allem bekannt gemaach ginn dobause bei de Leit. Et ass jo ze begrëssen, datt den Enregistrement schonn ugekënnegt huet, fir eng

spezifesch Brochure ze publizéieren. Dat ass esou eng Moosnam, déi een nëmme kann ënnerstëtzen.

Ech wëll duerfir ofschléissend am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu deem Gesetz bréngen, ouni awer nach deenen zwee Rapporteurs merci ze soe fir hir wierklech gutt Aarbecht, déi se gelescht hunn, souwuel um Niveau vun hirem mëndleche wéi hirem schriftleche Rapport. Ech soen lech merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech vun eiser Säit de Kolleegen Haupt a Clement merci soe fir hiren explizite Rapport. Ech mengen, si hunn unhand vu konkrete Beispiller d'praktesch Applicatioun vun deene Bestëmmungen, déi mer haut hei an deem Gesetz ëmsetzen, virgefouert. Eng Matière, wéi elo grad och mäi Virriedner gesot huet, déi sécherlech net einfach ass, fir se un d'Leit eriwwerzebréngen, well et eng komplizéiert Matière ass, déi bal vu Fall zu Fall aneschters gelagert ass.

Dee Gesetzesprojet, dee mer haut hei diskutéieren, wat am Fong dräi Projekte sinn, déi en cours de route an engem Projet zesummegefaasst si ginn, ass am Fong geduecht fir der Noutsituatioun, déi mer am aktuelle Stand hei zu Lëtzebuerg hunn, sollen ze Hëllef verbessert ze ginn. Eise Statsminister huet a senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun, de 7. Mee, hei dës Moosnamen ugekënnegt. Dräi prinzipiell Moosnamen: eng um Niveau vun der TVA, vun den Enregistrementstaxen an der Besteuerung vun de Plus-valueën. Ech kann direkt soen, datt mir als ADR deem Projet wäerten zoustëmmen, trotzdeem mer zu deem engen oder anere Punkt eis Bedenken hunn.

Eng vun den Neierungen, déi agefouert ginn, ass um Niveau vum Enregistrement, wou de Crédit d'impôt agefouert gëtt an der Héicht vun 20.000 Euro fir eng Persoun, eng bestuete Koppel kritt zwee Mol déi 20.000 Euro, dat entsprécht net grad 23 Milliounen eiser aler Frangen, déi se kënnen investéieren. Konditioun ass, dass se fënnef Joer müssen dra wunnen. Hei huet sech d'Fro gestallt a mir hu se erklärt kritt, datt wann een éischer aus der Wunneng erausgeet, datt een da wuel muss den Enregistrement zrëckbezuelen, mä datt een dann awer erëm de ganze Kredit zur Verfügung huet. D'Ursach heivun ass, fir enger Spekulation entgéint ze wirken, fir datt net Leit kënnen kuerzfristeg heihinner kommen an en Haus kafen an esou de Crédit d'impôt kréien an da spéiderhi kënnen d'Haus verlounen.

Ech war och onsécher, Här Di Bartolomeo, iwwert déi dote Fro. Ech hunn duerfir bei de Leit vun der Verwaltung de Mëtteg nogefrot. Ech hunn et esou erklärt kritt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Dann ass dat en zweet Gesetz, wat awer net deponéiert ginn ass.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Da wäert herno den Här Statsminister eis op deem Punkt eng Erklärung ginn, well mir haten déi Fro opgeworf, wéi et wier mat deene fënnef Joer, an et ass mer esou erkläert ginn, dass wann een et éischter géif veräusseren, datt een da misst zrëckbezuelen an et hätt een dann erëm de ganze Kredit ze gutt.

Une voix. - Dat ass richtig.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dann ass dat jo am Prinzip och kee Problem, wann et esou gehandhabt gëtt.

Déi Moosnam, déi mer hei huelen, vun deem Crédit d'impôt, déi ass am Fong einfach, si ass duerchsichteg, si ass novollzéibar fir jiddereen. Et ass esou wéi en eminente Mann aus deem Beräich sot: "Si ass biiblech einfach", obscho mäi Kolleg Jean Colombero mer gesot huet: "Biiblech einfach, esou eppes Einfaches gëtt et net."

(Interruption)

Ech sinn iwwerzeegt, datt den Här Colombero mat deene meeschten heibanne kéint iwwert d'Bibel diskutéieren an déi meescht krite den zweete Präis.

Une voix. - Ou!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Jo, jo. Den Här Colombero ass den neie Willy Dondelinger vun der Chamber.

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR). - Net all, awer déi meescht.

Et ass esou, datt déi Bestëmmungen hei nei ufänken, dat heescht, datt jiddereen, deen elo eng Investitioun mécht, kann erëm nei vun deene Moosnamen hei profitéieren, och Leit, déi jo scho fréier eng Kéier de bëllegen Akt kruten. Et ass also do wahrscheinlech en Ureiz dran.

Wa mer awer wëssen, wéi et virdru war, datt de Gros vun de Leit de bëllegen Akt kruten, och wann ons leider an der Kommissioun net konnt gesot ginn, wéi vill Leit oder wéi héich de Prozentsaz war u Leit, déi de bëllegen Akt kruten. Et konnt eis och net gesot gi wéi de Montant oder wat den Ausfall fir de Statsbudget an dësem Punkt war, wat mer bedauern. Vläch krie mer haut vum Statsminister eng Erklärung doriwwer.

Op jidde Fall wësse mer, datt opgrond vun deene Bestëmmungen déi ganz grouss Majoritéit vun de Leit keen Enregistrement hu misse bezuelen. Dat heescht also déi nei Bestëmmung, déi mer duerch dëst Gesetz aféieren, bréngt zumindest fir all déi Leit, déi bis elo keen Enregistrement hu misse bezuelen, keng Verbesserung. Et kann ënner Ëmstänn fir verschiddener vun deene Leit eng Verschlechterung bréngen, mä et bréngt fir alleguer déi Leit keng Verbesserung. Dat misst ee prinzipiell festhalen.

An där Moosnam, wéi mer se hei proposéieren, ginn d'Kanner net méi berücksichtegt an et muss ee sech d'Fro stellen, ob dat net hätt och missten e Critère sinn, datt

kannerräich Familien hätte missten dee Crédit d'impôt ëm e bestëmmtene Montant kéinten ausbauen. All déi Leit, déi virdru kee bëllegen Akt kruten an Enregistrement hu misse bezuelen, fir déi ass dat heiten ouni Zweifel e Virdeel, well déi hunn eben elo dee Crédit d'impôt ze gutt.

De Conseil d'Etat ass an eng aner Richtung gaang, déi mer an der Kommissioun des Laangen an des Breeden diskutéiert hunn, wou am Fong net e Crédit d'impôt op d'Persoun, mä op den Akt fixéiert ginn ass. Eng Proposition, déi an der Kommissioun net zrëckbehalen ginn ass an déi och net ons Zoustëmmung bruecht hätt, well mer musse wëssen, datt duerch déi Moosnam, déi mer hei maachen, all déi Leit, déi elo de bëllegen Akt haten zumindest net besser ewechkomm wieren.

Dem Conseil d'Etat seng Proposition hätt zur Konsequenz gehat, datt een dee Crédit d'impôt vun 20.000 Euro hätt missten deementspreechend erofsetzen, well e jo da cumulativ gewiescht wär. Et hätt een e kéinten op eng Rei vun Investitiounen oder Acquisitiounen abauen an domadder hätten am Fong déi Leit, déi finanziell gutt do stinn, e grouse Virdeel kritt, well déi dat e puer Mol hannereen hätte kéinte répétéieren, par conter déi Leit, déi elo de bëllegen Akt hunn an elo net besser ewechkommen, mä doduerch, datt mer den Taux erofgesat hätten, wär e gudden Deel vun deene Leit méi schlecht ewechkomm. Duerfir ware mir vun eiser Säit net domat averstanen, fir op de Wee vun der Proposition vum Conseil d'Etat ze goen.

Et ass d'Diskussioun gefouert ginn, wéi een dee Kredit an Zukunft kéint upassen. Et steet net am Gesetz, mä näischt verhënnert, datt een e Gesetz ëmmer kann duerch en anert Gesetz oder iwwert d'Loi budgétaire upassen. D'Fro ass opgeworf ginn: Ma wa mer dann elo higinn a mir erhéijen eng Kéier déi 20.000 Euro op e Chiffer X, hunn dann alleguer déi Leit, déi bis elo bis 20.000 Euro profitéiert hunn, dee Kredit dann erëm ze gutt, och wann dat nëmmen 100 oder 500 Euro sinn? Do ass gesot ginn: Dat kann ee bal net maachen, well dat wär administrativ net de Fall. Et kann een et ëmgedréint maachen, datt een de Kredit op 20.000 Euro bestoe léisst, an datt een den Taux, dee besteiert gëtt, erofsetzt. An deem Fall erreecht een datselwecht.

Et ass also eng Proposition, déi sécherlech deenen engen näischt weider bréngt, mä deene Leit, déi méi verdéngen, eppes weider bréngt. Et kann ee mat där Proposition averstane sinn, mä et muss een awer wëssen, datt dat, wat am Sënn vun dësem Gesetz geschéie soll, nämlech de Wunnbau doduerch unzekuerbelen, an där Hisiicht bréngt déi Moosnam hei guer näischt. Si bréngt keng Bauplaz weider a se verbëllegt d'Bauplazpräisser net.

Ech gesinn, den Här Wunnungsbauminister ass net esou mat mer averstanen. Ech weess awer - wann ech lech dat ka soen, Här President, wéi haut de Baupräis bestëmmt gëtt: Dee gëtt opgrond vun der Offer a vun der Nofro

bestëmmt. Wann Der emol an d'Land erausgitt an Dir kuckt, wéi d'Promoteuren haut verfueren - ech kann lech do Beispiller bréngen -, wou vun engem Dag op deen aneren, zum Beispill bei Appartementshaiser, einfach pro Appartement eng Millioun drop geschloe ginn ass, well einfach gesot gëtt: D'Nofro ass esou grouss, da maache mer se emol eng Millioun méi deier a wa se dann nach ze grouss ass, dann erhéije mer d'Präisser nach eng Kéier.

Oder Promoteuren, déi zum Beispill beim Verkaf vu Lotissementer haut kee Compromis méi ënnerschreiwen. Ech ka mech erënneren, datt se viru Joren de Leit nogelaf sinn, fir esou séier wéi méiglech e Compromis ze ënnerschreiwen, datt se se als Keefer fest haben. Haut schreiw se d'Leit op a setze se op eng Lëscht an herno gëtt ënnert der Hand schwartz gehandelt a gesteeet. Wien dann am meeschte bitt, dee kritt den Terrain, dee kritt d'Bauplaz. Dat ass d'Realitéit, wéi se haut um Terrain ass, Gang und Gebe. Zënter e puer Méint ass dat op jidde Fall an eiem Eck, esou wéi ech dat verfollegen, eng Realitéit ginn. Et ass also net, datt ee mengt, datt een duerch esou Moosname géif d'Präisser no ënne korrigéieren.

Dat heescht, et ass eng positiv Moosnam, mä se bewierkt sécherlech näischt, wat d'Bauplazen, nach wat de Präis vun de Bauplazen ubelaangt. Och déi Moosnam, wat d'TVA ubelaangt, ass eng gutt Moosnam fir d'Leit, déi bis elo hu missten déi TVA virstrecken, wou se da relativ laang hu missten drop waarden. Ech schwätze vun där Moosnam, wou mer elo iwwert d'Prozedur, datt eng Entreprise en Devis mécht, dee se kann dem Enregistrement eraschécken an da certifiéiert kritt vum Enregistrement, datt se do kann de bëllegen Taux applizéieren.

Dat bréngt de Leit e Virdeel doduerch, datt se da brauchen d'TVA net virstrecken. Si hunn déi ganz Paperassen net ze maachen. Si brauchen net ze waarde bis se dat Geld erëmkreien. Si verléiere keng Zësen. Alles dat si Virdeeler an et si sécherlech Virdeeler fir d'Administratioun, déi eben elo schonn am Viraus direkt dat akzeptéiert a wou dann nach just muss enregistriert gi wéi vill TVA déi Persoun op hiren Numm gebucht kritt huet. Dat ass sécherlech eng Vereinfachung.

Mä ech ka mer awer virstellen, datt et fir d'Enterprisen, fir d'Handwerksbetriber eng zousätzlech Aarbecht gëtt, well déi jo elo awer do eng administrativ Prozedur weider musse maachen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Ech ka mer also virstellen, datt et fir d'Leit, déi d'TVA musse bezuelen, e Virdeel ass, datt et fir d'Verwaltung e Virdeel ass, mä et ass sécherlech fir d'Betriber kee Virdeel, wa se mussen eng administrativ Prozedur zousätzlech applizéieren.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Mir sinn awer d'accord, Här Gibéryen, a mir hu si zwee bis dräi Mol gesinn a si hunn dat léiwer, wéi dass se wéi an der Belsch géifen zu 19% verrechnen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech mengen, déi éischt Remarque, déi Der gemaach huet, ass sécherlech richtig, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Déi zweet och.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Nee, déi zweet kann ech net esou deelen, well mer schwätze jo net hei doriwwer, datt den Taux erop- oder erofgesat gëtt. Dat war jo keen Objet vun där heiter Diskussioun.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Nee, nee.

M. Gast Gibéryen (ADR). - En ass jo elo dräi Prozent an et ass net Rieds gaange vun 19%. Ech ka mer duerfir net virstellen, dass ee soll mat hinnen doriwwer diskutéiert hunn.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Jo, mä déi kennen hir Kolleegen aus dem Ausland, déi alleguer déi héich TVA hunn.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo, sécher. Et kennt ee viles am Ausland, mä dat ass zu deem Zäitpunkt awer keng Diskussioun gewiescht, well mer einfach deen Taux vun dräi Prozent elo schonn zënter, mengen ech, 1992 hei am Land hunn.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech mengen, Dir hat souguer dergéint gestëmmt.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Et ass also eng Moosnam, déi fir d'Leit, fir den Enregistrement och gutt ass, mä déi fir d'Enterprisen, och wa se mat averstane sinn, eng zousätzlech Belaaschtung duerstellt. Mä och des Moosnam bréngt weder eng Senkung vun de Baupräisser, nach bréngt se iergendwéi eng Bauplaz am Land weider.

Déi eenzeg Moosnam, déi kann Terraine méi séier op de Maart bréngen, dat ass déi drëtt Moosnam iwwert d'Besteuerung vun de Plus-valueën. Des Moosnam ass zäitlech begrenzt op d'Steierexercicen 2002, 2003 an 2004, wou den Taux op e Véirel vum Duerchschnittssteuersaz erofgeet, souwuel fir Privatpersounen wéi fir Gesellschaften oder fir Privatpersounen, déi a Lotissementer Terrainen hunn an de Kolleeg Hauptert huet jo do praktesch Beispiller bruecht.

Des Moosnam ka kuerzfristeg méi Bauland bréngen, well d'Leit ebe steierlech Virdeeler während enger limitéierter Zäit hunn, mä si bréngt sécherlech net den Effet mat sech, datt doduerch d'Baupräisser erfoginn. Insgesamt kann e méi grousst Ugebuet vun Terrain als Konsequenz méi niddreg Präisser hunn, well nun emol eben an enger fräier Maartwirtschaft d'Offer an d'Demande de Präis bestëmmen, mä wa mer wësse wéi grouss d'Demande am Abléck am Land ass, dierfte mat engem relativ bescheidenen - well ech ginn dovun aus, datt dat doten awer net dee grouss Boom gëtt - Plus un Ugebuet d'Präisser net falen.

Den Här Statsminister huet dës Moosnam a senger Deklaratioun, de 7. Mee, an der Chamber mat enger klenger Drohung, fir net ze soe mat enger gewësser Erpressung, presentéiert. "Dës Rechnung" - huet e gesot - "muss opgoen. Geet se net op, dann trëtt am Joer 2005 eng zolidd Baulandzréckhalungssteuer a Kraaft, déi selbstverständlech Rücksicht op d'Tatsaach wäert huelen, datt e Steuerzueler pro Kand eng Bauplaz kann halen, déi awer soss d'Baulandzréckhalung an d'Baulandsspekulatioun streng besteiert. Kee soll sech Illusiounen maachen."

Domadder, Här President, dokumentéiert d'Regierung un éischter Stell Machtlosegkeet vis-à-vis vun der aktueller Situatioun, wat den Noutstand um Wunnengsbau hei am Land ugeet. Zweetens decidéiert dës CSV/DP-Regierung, datt déi nächst Regierung, dat nächst Parlament eng drastesch Baulandzréckhalungssteuer wëllt aféieren. Dat hunn ech nach ni gesinn, datt eng Regierung dekretéiert, wat en nächst Parlament mécht. Ech hat gemengt, dës Legislaturperiod géif iergendwann eng Kéier ophalen a mir géifen net schonn hei decidéieren, wat en nächst Parlament an eng nächst Regierung géifen decidéieren.

Dat wëlle mer awer festhalen a mer wëlle gläichzäiteg als ADR eis Oppositioun vis-à-vis vun esou enger Steuer deklaréieren. Esou eng Steuer fënnt ni eis Zoustëmmung. Dat ass eng Steuer, déi kënnt enger Enteignung gläich. Dat ass eng Method, wéi mer se fréier an den Ostblockstaaten haten, wou d'Leit gesot kritt hunn: "Dat do waren Är Terrainen. Entweder verkaaft Der se a mir bestëmmen ech vläicht och nach eng Kéier de Präis oder mir leeën ech esou eng déck Steuer drop, datt Der se musst verkaufen." Dohinner kann et net goen.

Wann d'CSV/DP-Propositioun hei duerchgeet, da sinn d'Leit net méi Meeschter iwwer hir Propriétéit hei am Land. Da bestëmmt de Stat, wien nach dierf a wien net méi dierf Terrain hale fir Bauland. Dat war bis haut en exklusivt Recht, datt jiddereen nach Meeschter iwwer säin Terrain war, et sief dann, datt et Projekte vun allgemengem Notze waren, wou dann ebe konnten Expropriatiounen gemaach ginn, mä hei geet de Stat elo hin a bestëmmt dat.

(Interruptions)

Och wa gesot gëtt, Här Clement, et gëtt eng Bauplaz pro Kand ausgeschloss. Ech weess net, ob d'CSV keng Bauere méi an hirer Partei huet, soss misst se jo awer wëssen, datt et vill Bauere gëtt, déi ronderëm hir Haiser Terrainen leien hunn, déi se brauchen, fir hire landwirtschaftleche Betrieb ze exploitéieren, déi an engem Perimeter leien. D'CSV/DP geet elo hin a gëtt deene Leit elo dräi Joer Zäit, fir hir Bauplaze ronderëm hir Häff ze verkaufen, oder d'CSV/DP féiert 2005 eng drastesch Baulandsspekulatiouns-zréckhalungssteuer an, wou déi Leit dann esou besteiert ginn, datt et kee Wäert méi huet, fir eng Kou op déi Wiss ze setzen, fir do Mëllech ze produzéieren.

Dat ass d'Politik, déi vun dëser Regierung gemaach gëtt, an ech wëll duerfir nach eng Kéier soen: Mat eis gëtt et

dat net! Dat doten ass e System, deen et an de fréieren Ostblockstate ginn ass, awer net an engem demokratesche Stat, wou den Einzelnen nach bis haut ëmmer Meeschter iwwer seng Propriétéit ass. Dat Schlëmmst - ech wëll dat nach eng Kéier soen - ass, datt dës CSV/DP-Regierung schonn decidéiert, wat an der nächster Legislaturperiod 2005 gemaach gëtt. "Kee soll sech Illusiounen maachen", huet de Statsminister gesot de 7. Mee heibanne bei senger Deklaratioun.

(Interruption)

Nee, dat ass kee Populismus, Här Strotz. Dat ass genau dat, wat de Statsminister hei de 7. Mee deklaréiert huet.

(Interruption)

Jo, d'Bauland. An eng Bauplaz dierf en zréckbehalen. D'Gemeenge leeën d'Perimetre fest. Normalerweis gehéieren nun emol déi meescht Lännereien de Baueren op den Dierfer. A wann een niewent sengem Haaff Bauplazen huet, da kritt e se vun ech besteiert an e kann eng Bauplaz pro Kand halen an déi aner kritt e vun ech drastesch besteiert. Méi steet net an der Deklaratioun vum Statsminister dran. Do steet just pro Kand - an do steet näischt vun enger Kou oder eppes dran, datt een och duerfir ausgeschloss géif ginn - kritt een eng Bauplaz fräi, soss steet an der Deklaratioun vum Här Statsminister näischt dran.

M. le Président.- Den Här Hauptert wëllt ech eng Fro stellen, Här Gibéryen.

M. Norbert Hauptert (CSV), co-rapporteur.- Här Gibéryen, ech wollt just soen, dass de Statsminister déi dote Remarque awer gemaach huet am Zesammenhang mat der Spekulatioun op den Terrainen.

Or, ech mengen, Dir sidd domat d'accord, datt d'Baueren net um Terrain spékuléieren. D'Bauere brauchen hiren Terrain, fir hiert Véi op d'Weed ze loossen, also ass dat keng Spekulatioun. Hei ass nëmmen am Kader vun der Spekulatioun geschwat ginn.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dat ass net esou, wéi Dir dat hei wëllt elo duerstellen. De Statsminister seet: "Si hunn dräi Joer Zäit, fir Terrainen ze verkaufen, a während deenen dräi Joer fale se net ënnert d'Steier. A geet dës Rechnung no deenen dräi Joer net op, dann trëtt am Joer 2005 eng zolidd Baulandzréckhalungssteuer a Kraaft." Wie ka Bauland dann zréckhalen? Ma just deen, dee Bauland huet, an dee wëllt Dir besteieren.

Et ka jo awer net hei, Här Hauptert, esou sinn, wéi Dir gemengt hutt, well e schwätzt hei net vun Immobilienagencen, déi jo kéinte spékuléieren, well e schwätzt hei vu Familljen, vu Persounen, well e seet pro Kand kënne se eng Bauplaz halen. Also schwätzt e vun de Privatleit, vun de Familljen, déi Terrainen hunn. Déi spékuléieren net, mä dat sinn déi Leit, déi en Terrain ronderëm hiert Haus leien hunn. Déi kréie mat dëser CSV/DP-Regierung, wann d'Leit esou domm sinn, fir se nach eng Kéier erëmze-wielen an dräi Joer, well bekanntlech stëmme jo nëmmen

déi dommste Kaalwer hir Metzler selwer. Hei hunn d'Leit jo elo de Choix. Alleguer déi, déi gären déi Steieren do bezuelen, déi sollen dann d'CSV an d'DP erëmwien, da kréie se déi vum Statsminister dekretéiert Steuer spéitstens am Joer 2005 opgedrummt.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*. - Ech hunn elo en Téléfon kritt vun der Union des propriétaires. Déi wielen nach just d'Sozialisten an den ADR.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ma dat si verstänneg Leit.

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*. - Voilà.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo hei ugesot, datt am Fong geholl déi Moosnamen hei gutt sinn, mä datt se awer net wäerten dozou féieren, datt d'Präisser erofginn, an net wäerten dozou féieren, bis op eng, datt méi Bauland op de Maart kënnt.

Et ass hei gesot ginn - an de Statsminister huet et a senger Deklaratioun vum 7. Mee och gesot -, datt vun 1993, mengen ech, bis 1999 d'Baupräisser ëm 32% hei am Land an d'Luucht gaange sinn. Wa mer also d'Baupräisser wëllen erofkréien, da gëtt et nëmmen eng Moosnam: Et muss méi Bauland op de Maart kommen. Méi Bauland op de Maart kréie mer net un éischter Stell duerch Subventionen aller verschiddenster Aart vum Aides au Logement oder iwwer d'Steieren, mä mer kréie se, wann déi, déi d'Perimeteren decidéieren, an dat si bis elo emol nach ëmmer d'Gemengen, wann déi Gemenge matzéien a soen: Mir maachen Extensioune vu Perimeteren. Dat ass menger Meenung no déi wichtegst Fro. Wann d'Gemengen net an déi Richtung mat ginn, da geschitt näischt, weder op där enger nach op där anerer Säit, egal wat mir vun Erlichterunge maachen, an och wa mer de Leit nach eppes dobäiginn, wa se en Terrain kafen, duerfir kënne se nach ëmmer keen Terrain kafen, wa keen um Maart ass. D'Präisser sinn enorm héich. De Statsminister huet gesot, während fënnef Joer wiere se ëm 32% an d'Luucht gaang.

Ech hunn emol zréckgekuckt, wat esou en normalen Aarbechter, en Handwierker, e mëttlere Beamten, wat dee viru 25 Joer verdéngt huet a wat deemools eng Bauplaz kascht huet. 1975 huet op der Arbed e mëttlere Beamten oder en Handwierker eng Pai gehat vun 30.000 Frang de Mount. Déi Zäit huet en Ar am Süde vum Land 25.000 Frang kascht. En huet also kee Mount bräichten ze schaffen, fir sech een Ar Land unzekafen. Haut kascht op deeneselwechte Plazen den Ar Land 1,3 Milliounen an déiselwecht Leit verdéngen haut ongeféier 100.000 bis 110.000 Frang. Dat heescht, wann ee viru 25 Joer emol net e Mount huet misste schaffe goen, fir sech en Ar Land kafen ze kënnen, esou muss een elo dräizéng, véierzéng Méint schaffe goen, fir datselwecht Land ze kréien.

Den Här Boden wëllt eppes froen oder soen, ech weess et net.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*. - Här Gibéryen, an da wëllt een eppes dogéint maachen, dann ass ee wéi am Ostblock-stat.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Nee, mä ech kommen nach drop.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*. - Ass et dann net esou?

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech kommen nach drop, Här Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*. - Da sot eis emol, wat Der wëllt dogéint maachen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Mat waarde verléiert Der näischt. Ech hunn nach e puer Minutten.

M. le Président. - Nach just e puer, jo.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR). - Mir gesinn also, datt d'Präisser esou an d'Luucht gaange sinn. Deemools huet en Aarbechter, en Handwierker oder e Beamten, ouni datt seng Fra schaffe gaangen ass, konnte sech en Haus bauen op aacht Ar vun 140 m² an e konnt et iwwer 20 Joer zréckbezuelen. Haut ass dat net méi méiglech. Haut muss Mann a Fra schaffe goen a si mussen iwwer net 20, mä iwwer 30 bis 40 Joer Emprunten ophuelen, fir sech datselwecht ze leeschten, wat viru 25 Joer ee mat engem mëttlere Revenu hei am Land sech konnt selwer leeschten.

Wa mer also iwwer Noutstand schwätzen, da muss de Stat fir d'éischt d'Gemengen an d'Situatioun setzen, fir datt se do matzéien. Vill Gemenge bremsen haut de Wunnengsbau, trotz alle Moosnamen. Déi Moosnamen, déi d'Regierung d'lescht Joer geholl huet, fir d'Gewerbesteier ze kierzen, encouragéiert d'Gemengen net zousätzlech Engagementer ze maachen an déi Richtung.

Une voix. - Très bien.

M. Gast Gibéryen (ADR). - An et ass net esou wéi hei gemengt gëtt, wann ech punktuell wéi elo zum Beispill bei de Structures d'accueil higin a soen "Do hëllefe mer elo" an dann nach 50% bäiginn, fir dann ze mengen d'Gemenge géifen higoen a si géifen de Wunnengsmaart bei hinnen op maachen, well dat bäi Wäitem net duergeet.

Haut an enger Landgemeng, enger Wunnngemeng, froen d'Leit, déi dohinner wunne kommen, genau deeselwechte Confort wéi an der Stad. Si hätte gären hir Garderien, si hätte gären hir Crèche, si hätte gären de Précoce, si hätte gären hir Structures d'accueil. A wann Der vill baut - mir hunn eng Gemeng, mir hunn déi jéngste Bevölkerung an der Moyenne vum ganze Land -, dann

hutt Der Honnerte vu Jugendlecher, da musst Der Sport- a Kulturhalen, Jugend- a Scoutshomë bauen, fir déi Jugend beschäftegt ze kréien. Da mussen Är Infrastrukturen: Stroosse, Gas, Waasser, Kanal bis hin zur Kläranlag, de Waassertiirm, ausgebaut ginn. Da muss Der Är Verwaltung um techneschen an um administrativen Deel ausbauen, fir dat alles ze packen an nach villes méi.

(Interruption)

D'Investitioune gi vun der Crèche bis bei de Kiefesch, alles, wat do dertëscht läit. A wann d'Gemengen net méi Geld kréien, da gi se net an déi Richtung.

Mir hunn eis Awunnerzuel an Zäit vu 25 Joer anerhalfe Mol vergréissert, mat dem Resultat, datt mer haut 600 Milliounen Schold hunn. Mir hu sécherlech näischt a Luxus investéiert. Mir hu just dat, wat muss gemaach ginn, gemaach. Wann awer d'Stad Lëtzebuerg, fir keng aner ze nennen, Milliarde Reserven huet, well eben d'Banken hei sinn an déi aner Gemenge mussen de Wunnraum schafen a sech duerfir Schold maachen, da geet d'Rechnung net op. Et kann net sinn, datt déi eng d'Milliarden op Kéip leeën an déi aner Gemenge musse Schold maachen, fir der Wunnengsnoutsituatioun kënnen ze begéinen.

Duerfir, et geet nëmme mat de Gemengen an d'Gemenge maachen nëmme mat, wa se de finanziellen Ureiz kréien, fir eben net finanziell mussen en Abenteuer anzegoen.

(Interruption)

Et ass gesot ginn, d'Baugenehmigunge wäeren zrëckgaangen d'lescht Joer. Dat ass d'Konsequenz dovun, well vill Gemengen net méi drécken, mä wou se kënnen bremsen, bremse se, well d'Nofolgekäschten ebe méi grouss ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass deen ee Punkt. Deen anere Punkt, deen an Zesammenhang mat der Offer a mat dem Präis läit, dat ass wéi vill Leit an d'Land erakommen. Do si mir der Meenung, als ADR, datt een net kann higoen, wéi mer d'Gefill hunn oder bal der Iwwerzeegung sinn, wéi dës Regierung et mécht, andeems ee wierklech e Maximum mécht fir e Maximum vu Wuesstum an domat verbonnener Immigratioun vu Leit hei an d'Land ze kréien. Mir brauche Wuesstum, mir brauchen Immigratioun, mä mir sinn der Meenung, datt dee Wuesstum an déi Immigratioun net dierfen iwwert eis Kompetenzen, wéi mer et verdroe kënnen, erausgoen. Mir sinn am Abléck amgaange mat Turbo Richtung 700.000 lass ze goen. Wa mer deen Turbo bäibehalen, da léise mer déi dote Problemer ni. Da lafe mer permanent hannendrun.

Duerfir muss een, wann ee gären d'Wunnengsnout an de Grëff kritt, de Maart erëm an den Equiliber bréngen, dat heescht et muss ee kucken, datt d'Offer an d'Demande sech erëm op raisonnabel Verhältnissen reduzéieren.

Dëst Gesetz bréngt eng Rei vun Erliichterungen a Verbesserungen, mä et wäert de Problem um Wunnengsmaart net verbessern an duerfir fanne mer den Titel

vun deem Gesetz falsch, wou do steet: "...à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation". Duerfir hu mer, Här President, en Amendement gemaach, datt een am Titel vun dësem Gesetz sollt dat Stéck sträichen, well dëst Gesetz bréngt dat net erëm, wat a sengem Titel steet, mä Dir kritt awer d'Zoustëmmung vun eiser Säit zu dësem Gesetz.

Amendement 1

Projet de loi 4971/4972/4973 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation, et portant modification:

1. de la loi modifiée du 29 mai 1906 sur les habitations à bon marché;
2. de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs;
3. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
4. de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
5. de la loi du 6 décembre 1990 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects.

Dans le titre sont rayés les mots suivants: "...déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation, et...". Ainsi l'intitulé se lira comme suit:

Projet de loi 4971/4972/4973 portant modification:

1. de la loi modifiée du 29 mai 1906 sur les habitations à bon marché;
2. de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs;
3. de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
4. de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
5. de la loi du 6 décembre 1990 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombara, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Robert Garcia agedroen. D'Wuert huet den Här Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann de Projet hei gëeegent wär, der Wunnengsmisär zu Lëtzebuerg kuerzfristeg en Enn ze

setzen, da kéinte mer dëse Projet mat béiden Hänn ënnerschreiwen. Allerdéngs sinn Zweifelen erlaabt, datt dat esou wäert sinn. Dofir stëmmen mer déi Mesuren als dat, wat se sinn: punktuell Erlichterunge fir Keefer vun engem Haus oder Appartement, steierlech Vergëschtegung fir déi Propriétaires, déi sech hiräisse loosse, während deenen dräi kommende Joren hir Terrainen ze verkafen, an e méi züggert Profitéiere vum Taux super-ultra-réduit et soldé vun der TVA.

Mir hätten natierlech, wéi sou munchen Virriedner, léiwer gehat, déi punktuell Mesurë géinge sech an eng Zort Loi-Cadre oder Loi d'urgence zum Logement abetten. Esou bleift de batteren Nogesmach, datt nom Böll'sche Motto: "Es muss etwas geschehen, es wird etwas geschehen", deen een oder aneren Tirang vum Enregistrement oder vum Ministère geraumt gouf an e puer Mesuren un d'Liicht bruecht si ginn, fir dem solennellen Appell vum Premier bei senger Erklärung vum 7. Mee net am Summerlach erdrénken ze loosse.

Och wann dëst technesch Gesetz als Appetizer fir méi e vaste Gesetzestext soll fungéieren, dee mer kurioserweis muar de Mueren erëm eng Kéier an der Kommissioun zervéiert kréien, sou léisst de Menü vum Hauptplatt och net esou richteg Appetit opkommen.

Ech wëll awer kuerz op déi dräi Voleten agoen, an éischens op déi steierlech Erlichterung bei der Vente vun Terrainen. Et ass ëmmer drop insistéiert ginn, dass et sech heibäi ëm eng temporaire Mesure handelt. Am anere Fall wär dat jo awer och staarken Tubak, wann déi Leit, déi vill hunn, iwwert dee Wee incitéiert ginn, gnädigst en Deel vun hire Ligeschaften ënnert dat aremt Vollek ze bréngen.

Vu datt mer nach keen Observatoire de l'Habitat hunn, ass et schwéier anzeschätzen, wei eng a wéi vill Persounen a Gesellschaften méi oder manner okkult iwwer Ligeschaften hei zu Lëtzebuerg verfügen.

Ech huele vläicht ee Beispill eraus. Historesch gëtt et zum Beispill Kongregatiounen am Besonneschen an d'Kierch am Allgemengen, déi sech am Laf vun de Joerhonnerten ënnert de kathouleschen Diktaturen eng gutt Partie Terrain ugëeegent hunn. Heiansdo gëtt esou Terrain op de Maart bruecht, d'Kierch huet souguer eng eegen Entwécklungsgesellschaft. Ech wär zum Beispill. virwëtzlech ze wëssen, wéivill Bauterrain esou Organisatiounen, déi jo den Allgemeinnotzen op hir Fuendele geschriwwen hunn, nach op der Sait hunn.

Op jidde Fall kann een déi Leit verstoen, déi et befrügend fannen, datt grad elo déi Privatleit a Sociétéiten, déi jorelang Bauland zrëckbehal hunn, fir ofzewarden, datt d'Präisser um Zenith stinn, elo och nach fir hiert spekulatiivt Verhale belount ginn. Dofir kann een effektiv esou eng Mesure nëmmen akzeptéieren, wa se an der Zäit begrenzt ass, an dräi Joer si wierklech voll genuch fir déi Steuerprivilegien.

Nach mei akzeptabel wär déi Mesure, wann nach zwou weider Konditiounen mat am Spill wäeren: éischens d'Konditioun, datt déi Terrainen nëmme kéinten un d'Gemengen oder aner öffentlech Instanze verkaaft ginn, fir datt vun de Vergëschtegungen kéint profitéiert ginn.

Zweetens, datt elo schonns méi kloer wär, wat kéint passéieren, wann no der Period déi Terrainen nach net a grousser Zuel op de Maart bezéiungsweis an d'öffentlech Hand bruecht wäeren ginn.

Elo kënnen verschidde strategesch wichteg Terrainen, wou de Propriétaire eventuell richt, datt eng Gemeng interesséiert wier, emol zu engem deftege Präis offréiert ginn. Wann d'Gemeng ubäisst, da bezuelt si net nëmmen den héije Präis, mä de Propriétaire profitéiert och nach vun de steierleche Vergëschtegungen.

Domat wär d'öffentlech Hand gläich duebel gepleimt.

Dat hätt zum Beispill domat kënnen verhënnert ginn, datt strategesch wichteg Terrainen a priori zum Beispill an engem Stadentwécklungspang, dee bindend wier, géingen definéiert ginn, mat engem kloer Virkaafsrecht fir d'Gemeng oder en aneren öffentlechen Träger. Dat hätt da méi Propriétaires incitéiert, während dem délimitierten Zäitraum déi Terrainen der Gemeng zu engem vernünftege Präis unzebidden. Besonnesch dann, wann elo schonns fest stéing, wéi eng Envergure déi vum Premier ugedréite Sanktiounen a Form vu Spekulationssteuer oder Ähnlechem géinge kréien.

Mir mengen nämlech, dass dei Muskelspiller nëmmen effikass sinn, wa seeng reell Perspektiv duerstellen, an net, wa se bequem op d'Echéance no den nächste Wahlen verschoben ginn.

Dofir nach eng Kéier: D'accord, mä mat Zähneknirschen, mat der Mesure fir e begrenzten Zäitraum, mä ech sinn elo schonns bal sécher, datt ons Skepsis méi wéi begrënnt ass.

Zweetens elo zum sou genannte bëllegen Akt. Och déi Mesure ass a priori sympathesch, besonnesch fir déi Leit, déi um Punkt sinn, fir sech en Haus oder en Appartement ze kafen. Wie bei engem Haische vun 10 Milliounen aller Francs 700.000 Frang spueren kann, ass doriwwer net traureg. Wien duerch de psychologeschen Effekt op dat Haus, wat e verkeeft, och kann erëm 700.000 Frang dropschloen, ass genau sou weeneg traureg. Sou freeë sech déi zwou Partië kuerzfristeg, mä ob dat alt erëm eng Kéier zur Berouegung vum Maart a vun de Präisser bäidréit, dat ass weeneg evident.

Souwéiso erschéngt mer en Droit d'enregistrement eppes räichlech Antiquéiert. Et huet ee jo nach Verständnis, datt esou en Droit kéint cibléiert ofgefouert ginn, fir Infrastrukturkäschte vun der Gemeng ze droen. Mä datt bei engem simplen Acte de vente 7% un d'grousst Dëppe vum Stat ofgefouert gëtt, ass jo souwiso e bësse kurios.

Pittoresk war och déi heroesch Debatt, déi déi "Drei von der Finanzstelle" an der Kommissioun ronderëm d'Fro gefouert hunn, ob een den Abatement oder Crédit d'impôt pro Persoun oder pro Acte d'acquisition virgesi soll, wéi de Statsrot et proposéiert huet. Im Nachhinein fanne mir et jiddefalls ganz gutt, datt et bei der Originalversioun vun dem Abatement pro Persoun bliwwen ass, an datt weder déi heefeg Kafent a Verkafent belount ginn nach iergendeng spezifesch familiär Konstellatioun bevurzugt gëtt.

Wann ech dat richteg verstan hunn, ass dat jo mol e richteg Schrëtt a Richtung Individualiséierung vun de Rechter.

Drëtte Punkt ass dee vum super-reduzéierten Taux vun der TVA. Och de Bénéfice vum super-chouetten TVA-Taux soll dann och méi fréi de Bénéficiairen zoukommen, an net eréischt dann, wann all déi nützlech Saachen, déi een hätt mat dem Bénéfice kënne kafen, schonns kaaft sinn, vläicht mat engem Prêt, oft awer mindestens andeem e finanziellen Engpass huet missen a Kaf geholl ginn. Allerdéngs sollten elo d'Leit oppassen, datt elo d'Präisser bei eenzelnen Handwierker net déiselwescht wéi mat der TVA bleiwen.

Fazit ass: Mir soen alt Ok fir déi puer technesch Verbesserungen. De grouse Worf an der Bekämpfung vun der beängstigender Situatioun um Wunnengsmaat ass dat heiten allerdéngs net, loin de là.

D'Perspektiv vum Gesetz 4977, dat elo am Hierscht soll gestëmmt ginn, stëmmt ons och net grad enthousiaschesch. Wahrscheinlech kritt de Projet och hei d'Unanimitéit, well e grad esou harmlos ass wéi dee vun haut.

Wéi eng staark Akzenter géifen déi Gréng dann elo an der Wunnengspolitik setzen? Dat frot Der lech wahrscheinlech. Ech wëll allerdéngs net all onst Polver verschéissen, well mer wëlle jo och nach beim Débat d'orientation - dee soll jo iergendwann eng Kéier stattfannen - eppes Neies ze bréngen hunn. Ech wëll drun erënneren, dass deen Débat d'orientation lo schonn ee Joer verschleeft gëtt. Et muss ee fäerten, dass et soss näischt ass wéi Moutarde après diner.

Ech wëll awer vläicht dräi bis véier Punkten an d'Debatt bréngen, déi eis besonnesch wichteg sinn.

Éischtens fuerdere mir eng Abettung vun der Logementspolitik an eng kohärent Politik vum Développement durable. Besonnesch an der Perspektiv vum 700.000-Awunner-Land - ech wëll net Stat soen, well et jo och e Land soll sinn, wou d'Leit kënne wunnen - kann een net op e gewësse planwirtschaftleche Kader verzichten.

Et ass jo keen Zoufall, datt et bei der Debatt iwwert de Logement vu virun engem Joer war, wou mer ons ominös an ökumenesch Motioun iwwert déi grouss Zukunftsetüd an hir sektoriell Etüden dem Parlament virgeluecht haten. Et geet also net duer, en Observatoire de l'Habitat anze-riichte fir feststellen, wat een alles verschweesst huet,

et ass genau sou wichteg, iwwert e Plan sectoriel logement ze verfügen, deen engem prezis Virgabe fir eng bedarfsorientéiert Wunnengspolitik an der Zukunft iwwert.

Zweete Punkt, deen eis um Häerz läit si kuerzfristeg Mesuren, fir bestehende Bauterrain an den Uertschafte kënne ze erschléissen an doriwwer eraus Baulandreserven der öffentlecher Hand zouzeféieren. Do denke mir ënner anerem u regional Strukture vu Bodenmanagement, wéi et dat an Däitschland gëtt - en Terme, deen dem Minister sécherlech sympathesch ass -; da steierlech Sanktiounen, déi och richteg wéi dinn an net nëmmen ugedréit ginn; méi wäitgehend legal Méiglechkeeten, Baulücken a broochleend Bauterrainen innerhalb vu bestëmmte Fristen zwangsméisseg op de Maart ze bréngen bis hin zur Expropriatioun, wann ee wierklech op daf Ouere stéisst.

Drëtte Schwéierpunkt ass eng Stad- an Duerfentwécklung, déi Prioritéit virun dem Wildwuchs genéisst: Déi Stad- oder Duerfentwécklungspläng, déi iwwerall gemaach ginn, musse rechtlech bindend ginn, an opgrond vun deene Stad- oder Duerfentwécklungspläng musse Prioritéite fir d'Schléissung vu Baulücken a fir d'Erschléissung vu Bauterrain gesat ginn. Dorophi muss opgrond vu kloren Echéancé festgeluegt ginn, wou déi Terrainen op de Maart kommen a mat wéi enger Präferenz se erschloss musse ginn, natierlech mat engem Virkaafsrecht vun de Gemengen. Dat alles, an nach méi, muss an engem präzisen a wäitgefächerte Kadergesetz festgeluegt ginn.

A schliesslech e véierten a leschte Punkt: Et muss een och eng konsequent Géigestrategie entwerfen, fir d'Mentalitéiten de sozialen an ökologesche Contrainten unzepassen. Stéchwuert: D'Awunnerinnen an d'Awunner vu Lëtzebuerg musse sech lues a lues mat méi klengen Terrainen ufrënnen, mat enger méi kompakter Bauweis, mat ökologesch innovative Projeten, wou net onbedéngt d'Garage direkt niewent dem Wunnzëmmer ass, méi enger kollektiver Wunnkultur an ewech vu Besëtzt vu Land hin zu der Fleeg vun der Bausubstanz, zum Beispill iwwert de Bail emphytéotique, wat sécher eng éischt psychologesch Mesure ass, déi ganz interessant wier.

Ausserdeem muss d'Attraktivitéit vun de Stad- an Duerfzentre par rapport zu de Lotissementer baussen erhéicht ginn. Do waarde mer op staatlech a kommunal Initiativen, déi sollen ënnerstëtzt ginn, fir zum Beispill sozial Strukturen an den Uertzentrum, Stätte vu Begégnung, awer och kleng Commercen an den Uertskaeren ze kreeéieren an ze verstärken.

Och sollte mer an eise Käpp d'Ideologie vun der Of-schottung am Eegenheem ofschwächen zugonschte vun Initiativen, déi de Sens communautaire an d'Zesummeliewen am Alldag erëm nei beliewen.

Mä méi doriwwer, Dir Dammen an Dir Hären, bei deen nächste Rendez-vousen zur Wunnengspolitik, ënner

anerem bei dem Débat d'orientation am Hierscht, déi Rendez-vousen, déi trotz dësem Gesetz an trotz dem ustehende Gesetz sécher net déi lescht gewiescht wäerte sinn.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä Virriedner huet drop higewisen, dass nach e gréisseren Débat usteet iwwert d'Problematik Wunneng hei zu Lëtzebuerg. Mäi Kolleg Mars Di Bartolomeo ass jo och e bëssen a senger Stellungnahm op déi allgemein Problematik agaangen. Ech wëll mech beschränken op déi reng - wann ee sou wëll - steierlech Moosnamen, déi mer haut beschwätzen.

Dat éischt ass, mir hunn eis bei deene Moosnamen hei lo konzentréiert op reng steierlech Aspekter. Et ass sécher, dass et bei sou engem komplexe Problem wéi der Wunnengsnout, wéi mer se haut feststellen oder, wann ee sou wëllt, Wunnengen, déi wuel disponibel sinn, mä zu engem Präis, dee fir vill Leit unerschwinglech ass, dat ass fir mech och eng Wunnengsnout, wahrscheinlech keng einfach Äntwerte wäert ginn. Et ass wahrscheinlech nëmmen en Zesummespill vun e ganze Koup Elementer, dat zu engem Resultat féiere kann.

Ech hunn haut de Mëtteg hei vill Theorien héieren, wou ech mer d'Fro stellen, ob och jiddfereen de Beweis dofir kéint bréngen, dass dat opgoe géif, wann een dat esou géif maachen, wéi hie sech dat virstellt. Dat dierf een och hei, bei dëse Moosname soen, wou mer am Fong geholl och den Usaz maachen, wou mer probéieren u sech et deem engen et méi einfach ze maachen, deem, deen nämlech keeft, a wou mer probéieren et deem aneren, deen et soll verkafen, fir ze kucken, ob d'Zesummespill vun deenen zwee fonctionnéiert. Einzelner hunn um Zesummespill vun deenen Zwee gezweifelt. Ech zweifele mol am Moment net direkt drun, mä ech wëll awer soen, dass een effektiv kucke muss, wéi déi Mesurë gräifen. Gegebenenfalls -dat war jo och am Etat de la Nation ugekënnegt ginn - wäert een aner Mesuren huele missen, ob déi de Moment verzicht ginn ass, Mesuren nämlech, déi reng d'Spekulatioun andämme géifen. Et sinn éischter Incentiven - wann ee sou wëll -, hei an deene verschiddene Moosnamen dran.

Wat déi direkt Steieren ubelaangt, sou kënne mir eisen Okay ginn zu deem, wat hei proposéiert ginn ass, obschonn ee jo ëmmer erëm e bëssen e schlechten Nogeschmaach huet, wann ee seet, déi Elementer, déi mer fréier als Spekulatioun dohinnergestallt hunn, nämlech déi vu manner wéi zwee Joer, wou ech eng Immobilie kafen a verkafen, déi stelle mer gläich mat all deenen anere Keef a Verkeef, déi awer garantéiert dee Charakter an deem Mooss net haten, mä asouwäit dat Ganzt op dräi

Joer ageschränkt ass, an ee sech einfach e Cours um Maart géif erhoffen, kann een domat d'accord sinn. Mä, wéi gesot, et huet een en Nogeschmaach, dass een dat eent deem anere gläichstellt.

Datselwecht gëllt och bei de Lotissementer, wou een, och wann een hei ville Leit entgéintkënnt, déi eventuell iwwert dee Wee un eng Wunneng kommen, ëmmer erëm och hei den Nogeschmaach huet. Et gëtt weiderhin um Niveau vun de Lotissementer vill Sue verdéngt a mir ginn deene Leit, déi scho vill Suen, oder jiddefalls zum Deel, vill Sue verdéngt hunn, d'Méiglechkeet fir dat nach ze maachen.

Do huet een heiansdo Schwierigkeeten domadder d'accord ze sinn. Mä wann dat deem, deen en Haus sicht, hëllef soll, da kann een déi Pëll do ee Moment schlécken, ausgehend dovun - wéi gesot -, dass een higeet an eng Aschätzung mécht. No engem Joer kann ech et mir nach net esou genau virstellen, mä no zwee Joer mat Sécherheet och an den direkte Steieren, well ech muss lech soen, ech kann zu dësem Zäitpunkt net aschätzen - well een net all Dag an deem Geschäft dran ass -, wéi déi Mesuren, wat d'Lotissementer notament ubelaangt, gräifen, a wat se deenen eenzelne Leit schlussendlech abréngen.

Mir hunn och festgehalten, dass mer 25% Exemptioun op de Steiere géife ginn deene Leit, déi eenzel Bedingungen net anhalen, beispillsweis déi vun den zéng Joer, oder beispillsweis déi vu méi wéi enger Schenkung, oder méi wéi engem Terrain pro Schenkung.

Den Här Graas huet hei e groussen Exkurs gemaach an esou gemaach, wéi wa si déi Science infuse do hätte mat deene 25%. Ech hätt em gären d'Fro gestallt, firwat dann net 10% a firwat net 50%. Ech muss lech soen, déi 25%, déi muss ech esou schlécken. Ech weess op alle Fall net - ech sinn net esou staark wéi Dir -, ob 25% dat Richtegt ass. Ech muss soen, mir müssen eis alleguerten a Bescheidenheet üben, well ech kann net soen, ob déi 25% richteg berechent sinn, ob dat richteg cibléiert ass oder net. Ech muss dat einfach als solches elo mol unhuelen. Ech wier dofir frou, wa mer ouni falscht Eiergefill drun erugoe géifen an eng kritesch Hannerfroung vun deem, wat lo wierklech geschitt mat der Steierverwaltung, maachen, well ech - wéi gesot - dat net a sengem Ausmooss aschätze kann, an ech hat awer d'Impressioun schonn oft eppes iwwer Steiere gesot ze hunn, wou ech eng besser Aschätzung vun den Effeten, op alle Fall, gesinn hunn.

Ech muss soen, déi Ofschreiwung bei de Mietwunnengen, fir déi lo och bei de Gesellschaften ze maachen, mécht mer och Sënn. Dat weist jo och, dass mer hei dem souwuel Keefer, Verkeef wéi och et dann deem, deen eng Vermietung mécht, et versiche méi einfach ze maachen.

Ech muss och soen, dass ech dat wesentlech besser fanne wéi lo iwwer aner Weeër ze fueren. Ech mengen, et war och den Här Graas, oder wien, dee gesot huet,

e wier frou gewiescht, wann och d'Enregistrements-taxen op de Mietwunnengen net méi geschëllt wieren. Et kann een driwwer streiden, vu dass se jo ofsetzbar sinn. Ech muss awer soen, ech hu léiwer, wa mer hi ginn a mer probéieren effektiv mat direktsteuerleche Mooss-namen de Revenu vun deem, deem déi Mietwunnengen do huet, ze verbessern an him eventuell den Ureiz ze ginn, dass deem een oder aneren d'Sue vläicht net op d'Säit leet, awer selwer en Terrain mat enger Mietwunneng bebaut. Dee Wee gefällt mer scho besser, mä - wéi gesot - ech ka mer kee richtegt Bild maachen, awéifern mer der Spekulation he - losse mer zumindest soen - e kleng Rigel virgezunn hunn. Et war jo och ugekënnegt ginn, dass gegebenenfalls do eppes géif nokommen.

Ech wëll dann zum zweete Punkt kommen, nämlech deem vun den indirekte Steieren um Niveau vum Enregistrement an haaptsächlech vun der Taxe d'enregistrement. Et ass richteg, dass mer eng ausgedeenten Diskussioun haten, nodeem de Statsrot säin Avis ofginn hat. Mir hunn eis entschieden - ech muss soen, deem een oder aneren, dorënner op alle Fall ech, zu engem Deel halbhaerzeg - fir den Acquéreur, fir de Keefer. Dat heescht, an der Theorie, dass een dem Keefer eng gewëssen Zomm a sengem Liewen zoukomme léisst, an net pro Acquisitioun.

Ech muss och soen, dass ech 1990 der Meenung war, wéi mer dat agefouert hunn, wat mer haut hunn, dass d'Valeur cadastrale deemools eng iwwerflësseg Moossnam war, an dass ech och der Meenung war, dass ee gegebenenfalls d'Revenusklausel net hätt misste spille loosse wéi mer et gemaach hunn. Ech hunn am Fong geholl, wann een esou wëll, deemools schonn d'Propose gemaach a Richtung Acquisitioun, woubäi ech awer och deemools schonn d'Gefill hat, et misst een et an der Répétitioun anengen. Dat heescht, et misst een zumindest kucken, dass et net ze vill oft géif spillen, well een einfach d'Gefill huet, dass een ze vill liicht Demagogie kéint maachen domat, andeem ee seet, do ka lo ee sech sechsmol eng nei Wunneng kafen a sechsmol touchéiert en effektiv, wann een esou wëll, de bëllegen Akt. Dofir hu mer eis och entschiede fir déi do Solutioun - och zum Deel, well den Enregistrement gesot huet, si géifen dat maîtresieren an d'absolut Garantie ginn, dass dat do géif fonctionnéieren. Hiren Direkter huet et ausgedréckt an deem Ausdrock ass hei schonn notéiert ginn: "d'une simplicité biblique". - Ech wousst nach net, dass en an där Matière ganz grouss Kompetenzen hätt.

Ech muss soen, datt et och scho bal biblesch umutt, wann d'DP hei mengt, dat wär den éischten Usaz vun enger Réforme administrative. Dat ass zumindest eng seltsam Wandlung, an insofern passt et an Äre bibleschen Exkurs, deem Der gemaach hutt, Här Graas. Mä ech muss awer soen, méi wäit geet dat do awer net. Et kann zwar sinn, obwuel ech et mir net virstelle kann, dass dat do alles ass,

wat Dir lech vu Réforme administrative an deem Mooss kënn virstellen.

Et ass nämlech esou, dass deem Nogeschmaach, deem een hat, - an den Här Garcia huet dat e bësse komesch ausgedréckt an et huet mech sengersäits e bëssen iwwerrascht, et sief ech hunn e falsch verstanen -, well mer hei net dem Fait Rechnung droen, dass eng Familljesituatioun, wéi mer se haut kennen, sech vläicht méi oft ännert wéi dat fréier de Fall war, an dass d'Leit och sollen incitéiert ginn, au départ sech vläicht schonn eppes unzëeegnen, quitte dass se dono eppes Gréisseres kafen, wann d'Famillje sech verännert an der een oder e puer bäikommen.

Et ass och gang und gäbe méttlerweil, dass Mariagen an d'Brëch ginn an dass Leit sech erëm trennen, an dat bréngt ëmmer noutgedronge mat sech, dass ee seng eege Wunneng enger anerer Gestaltung muss zouféieren. Ech hunn d'Impressioun, dass dat, wat mer hei lo ofstëmmen, vläicht net an der Zäitax no vir kuckt an deem net genuch Rechnung dréit. Mir hate vill Froen, déi opstoe bliwwen sinn. Ech weess och, dass de Finanzminister enger anerer Léisung net ofgeneigt war. Mir hunn eis fir eng entscheed. Mir wëssen alleguerten, dass och do d'Zefriddenheet net extreem ass, well mer eben deene verschiddene Familljesituatioune fäerten net gerecht ze ginn.

Ech muss och soen, dass ee jo d'Angscht huet, dass mer lo eng Mesure aféieren, déi méi ongëschteg ass fir eng Rei Leit, déi virdrun e puer Mol konnten an de Genoss vum bëllegen Akt kommen. Dat ass awer mat Sécherheet eppes, wat eis Partei net wollt. Mir haten déi Ausernanersetzong nach eng Kéier an der allerleschter Finanzkommissioun mat de Kolleegen aus der Administratioun vum Enregistrement, déi eis mat vill oder net vill Succès probéiert hunn, kloer ze maachen, dass deem Ënnerscheed net deementspreechend ass.

Ech muss lech soen, nach wie vor hunn ech d'Gefill, wéi wann do eng Rei Leit duerch d'Netz géife falen, déi virdrun e puer Mol répétitiv, doduerch dass et keng héich betuuchte Leit waren, de bëllegen Akt kruten. Ech si mer net bewosst, wéi vill dat der sinn, mä ech ka mer virstellen, dass, wann ee sech eppes keeft an eng héich Schold huet an ee sech bestiet, de Studio verkeeft an en Appartement keeft, natierlech een do eng gewëssen Zomm bei dem Verkaf touchéiert. Mä gewéinlech hutt Der sou eng héich Schold, dass de Gros zrëckbleiwe muss, also kritt Der de bëllegen Akt nach eng Kéier. Dir kommt nach eng Kéier an déi Konditioune fir en ze kréien. Déi Situatioun widderhëlt sech, wann Der zwee oder dräi Kanner kritt.

Lo hunn ech d'Impressioun bei deem, wat mer lo stëmmen, datt mer déi do Situatioun net couvréieren an deem Mooss, wéi et mir an eiser Partei op alle Fall genehm wier.

De Statsminister hat de 7. Mee dat hei ugekënnegt an Damp gemaach an huet eis vläicht net déi noutwendeg Zäit gelooss - ugesiichts der Date fatidique vun haut a vu muer -, fir eenzel Punkten awer méi genau ze beliichten a méi kritesch ze hannerfroen. Ech muss soen, je reste sur ma fin. Mir si gewëllt, dat hei ze stëmmen. Hei geschitt jo och kengem eppes au départ. Déi nächst zwee Joer, wou een eppes keeft, kritt ee jo déi 20.000 Euro. Et kann een dovunner bénéficiéieren. Déi Situatiounen, déi ech elo evoquéiert hunn, tauche jo eréischt an deenen nächste Joren op. Sou kréie mer Zäit, nach eng Kéier doriwwer nozedenken.

Fir doriwwer nozedenken, wollt ech lech eng kleng Hëllef ginn, doduerch dass ech eng Motioun géif déposéieren, wou ech eben effektiv am Numm vu menger Partei géif soen, dass, bei enger weiderer Acquisitioun, déi ee géif maachen, wou een d'Konditioun vu fënnef Joer agehalen hätt an ee sech och engagéiere géif - do ginn d'Meenungen zwar och ausenaner, awer dat hei war op alle Fall eis Meenung -, dat Haus, dat een hat, och ze verkafen, quitte, dass een et eréischt dono verkeeft, et kann een d'Leit net zwängen, dat bannen e puer Méint ze maachen, driwwer nozedenken, eng Reconductioun vun dem Crédit d'impôt ze maachen. Dobäi muss een natierlech driwwer diskutéieren - dat steet net an der Motioun -, wat de Montant vun deem Crédit d'impôt muss sinn. Mir hate Rieds, wann et géif zu enger Reconductioun kommen, dass een da misst gegebene-falls dee Montant, dee lo op 20.000 Euro ass, an deem Mooss erofzesetzen.

Här President, ech iwwerreechen lech mat Freed déi do Motioun.

Motion 3

La Chambre des Députés

- constatant l'évolution dynamique du nombre de ménages en raison de l'installation de cellules familiales réduites;
- sachant de ce fait que beaucoup de ménages changent plusieurs fois dans leur vie d'habitation principale;
- estimant que les situations qui entraînent un changement de la composition du ménage (mariage, naissance d'un enfant, divorce etc.) et, par ailleurs, un changement d'habitation, ont souvent des conséquences financières importantes;
- considérant dans ce contexte que les droits d'enregistrement et de transcription constituent une charge importante pour bon nombre d'acquéreurs d'immeubles;
- considérant les articles 4 et 6 du projet de loi 4972 portant réduction des droits d'enregistrement et de transcription pour l'acquisition d'habitations personnelles (Rapport de la Commission des finances et du budget du 12 juillet 2002) qui disposent:

Art. 4. *Lors de l'acquisition d'un immeuble destiné à servir d'habitation, il est accordé (...), à tout acquéreur, un abattement portant sur les droits d'enregistrement et de transcription.*

Art. 6. *Le montant de l'abattement, appelé crédit d'impôt, ne peut être supérieur à 20.000.- euros pour chaque acquéreur.*

- considérant l'article 9 de la loi du 6 décembre 1990 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects, qui dispose: «Sous les conditions et modalités à déterminer par décision ministérielle, sont exemptées des droits proportionnels d'enregistrement et de transcription et soumises au droit fixe, les ventes et adjudications prévues par l'article 13 de la loi du 29 mai 1906 sur les habitations à bon marché en ce qui concerne uniquement celles à des particuliers se rapportant à des biens immeubles destinés à servir d'habitation personnelle principale.»
- considérant les observations du Conseil d'Etat selon lequel le nouveau système du crédit d'impôt "risque de devenir plus défavorable pour certains acquéreurs qui, sous le régime de la loi sur les habitations à bon marché, pouvaient se voir appliquer plusieurs fois le régime de la réduction de taxes. Notamment dans le cas où ils étaient obligés de changer d'habitation par suite de l'accroissement de leur famille. Sous le régime de la déductibilité plafonnée et attaché à la seule personne du bénéficiaire (...), les acquéreurs ayant épuisé leur crédit d'impôt ne pourront jamais bénéficier d'une réduction voire d'une exonération des taxes d'enregistrement, quelles que soient les causes d'un éventuel changement d'habitation.";

invite le Gouvernement

- à prévoir, le cas échéant, une reconstitution du crédit d'impôt dans le chef du bénéficiaire sous les conditions suivantes: une nouvelle acquisition destinée à servir d'habitation personnelle est pratiquée; la condition d'occupation de cinq ans de l'immeuble pour lequel un abattement fiscal précédent a été accordé est remplie; le bénéficiaire de la faveur fiscale a cédé ou cède dans un délai d'un an, par acte à titre onéreux, l'immeuble pour lequel l'abattement fiscal précédent a été accordé.

(s.) Jeannot Krecké, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

De Kolleeg Di Bartolomeo huet jo hei e vibranten Appel gemaach an en huet dat schonn oft gemaach an eis och an eiser Fraktioun des Öftere genervt - mir hunn eis och iwwerzeege gelooss - fir d'Iddi vun engem Droit de préemption, deen eng Iddi ass, déi ebe just soll kloerstellen, dass, wa mer hei ville Leit entgéintkommen, déi op ee Coup staark steierlech Vergéischtege beim Verkaf kënne realiséieren, dass een awer och der öffentlecher Hand d'Méiglechkeet gëtt, fir iwwer den Droit de préemption selwer dovunner ze profitéieren an eng

Réserve foncière publique ze maachen, déi se da sou schnell wéi méiglech selbstverständlech profitéiere soll, fir doraus Wunnengsbau ze maachen. Och dozou hunn ech eng Motioun an huelen un, dass den Här Halsdorf, deen e vibranten Appel hei fir den Droit de préemption gemaach huet, dass deen dat hei wäert mat ënnerschreiwen. Den Här Lux huet schonn ënnerschriwwen, huet sech awer scho bereet erkläert, seng Ënnerschrëft selbstverständlech zréckzehuelen, wann den Här Halsdorf, deen hei - wéi gesot - ganz vibrant dofir plädéiert huet, mat ënnerschreiwe géif.

Här President, domat iwwerreechen ech lech d'Motioun.

Motion 4

La Chambre des Députés

- *considérant la nécessité d'accroître le volume du parc immobilier luxembourgeois, notamment dans le domaine du logement locatif, et que les particuliers devraient partant être encouragés à investir dans le logement;*
- *considérant que les pouvoirs publics devront s'efforcer, au cours des années à venir, de constituer une réserve foncière publique, dont les éléments peuvent être situés aussi bien à l'intérieur des périmètres de construction que dans des zones susceptibles d'y être intégrées dans un avenir rapproché;*
- *considérant que les pouvoirs publics devraient être informés de la disponibilité d'immeubles supplémentaires sur le marché, et le cas échéant pouvoir acquérir les immeubles mis sur le marché sous l'effet des mesures incitatives de fiscalité directe;*

invite le Gouvernement

- *à envisager la création d'un droit de préemption immobilier au bénéfice des pouvoirs publics, droit qui devrait servir à faciliter la constitution d'une réserve foncière publique.*

(s.) Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Lucien Lux, Jos Scheuer.

(Interruption)

Dir hutt also d'Méiglechkeet, wann Der wëllt laanscht kommen, dat, wat Der a sou gudden an ausféierlechen Termen hei dévëloppéiert hutt, mat Ärer Ënnerschrëft ze beweisen. Den Här Lux, deen ech fënnef Minutte laang beknéit hunn, ass d'accord seng Ënnerschrëft zréckzezéien, fir dass Dir endlech Är gutt Iddien och kënnt ënner Beweis stellen, doduerch dass Der Är Ënnerschrëft ënnert déi Motioun setzt.

E lescht Wuert och nach zur TVA, déi u sech eng weider Mesure duerstellt, fir eppes ze vereinfachen, wat de Leit schwéier um Mo loug, all déi Zäit lo. Awéifern dat elo wierklech alles méi einfach mécht, dat muss ee lo kucken. Mä et schéngt jo, wéi wann de Secteur zumindest d'accord wär, da soll een där Saach och eng Chance ginn. Wann een domat d'Administratioun e

bëssen entlaaschte kann, fir dann aner Dossieren, déi e bësse méi genau gekuckt musse ginn, fir déi och méi genau a méi schnell ze préiwen, wann dat de Fall ass, da kënne mir domadder liewen.

Mat där Mesure, dass effektiv elo d'Aktkäschten als solches ofgeschaf sinn, ass dann och zu engem gudden Deel eppes an Erfëllung gaangen, e Wonsch, deen ech scho laang hat, nämlech dass déi ominös Valeur cadastrale endlech zumindest emol aus dem Steuerberäich verschwënnt, quitte, dass anscheinend de Kadaster nach ëmmer drop hält, déi Moossnam bäizebehalen. Dat ass hei op alle Fall sou gesot ginn, op deem Niveau géif se nach bäibehale ginn. Ech wëllt d'Kolleegeinnen an d'Kollegen heibanne just drun erënneren, dass dat eng weider Aart a Weis ass, fir eng Immobilie hei zu Lëtzebuerg anzeschätzen no der Valeur unitaire, déi schonn absolut näischt méi ausseet. D'Valeur cadastrale ass ganz profund an hirer Analys, ech kann lech e Beispill ginn: Si huet een Element, nämlech de Koeffizient, deen d'Bedeitung vum Terrain oder vun der Immobilie opgrond vun der Situation géographique ausdrécke soll, dat heescht opgrond vun der Gemeng se ass. Ech brauch lech net ze verstoppem, dass d'Gemeng Lëtzebuerg deen héchste Koeffizient huet. ...

(Interruption)

Et ass awer nach eng Gemeng, déi genau sou en héije Koeffizient huet, an zwar ass dat d'Gemeng Rëmeleng. Wann ee lo mengt, dass d'Gemeng Rëmeleng an enger geographescher Situatioun wier, déi géing matspillen, dass d'Valeur cadastrale vun deenen Haiser sou extreem héich soll sinn, da kënnt ee liicht op de Gedanken, dass dat eng Mesure ass, déi vläicht aus engem anere Jorhonnert ass, an zwar eent, dat mindestens zwee Jorhonnenter zréckläit.

M. le Président.- Den Här Henckes wëll lech eng Fro stellen, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Wësst Der, Här President, et fält mir ëmmer schwéier, dem Här Henckes eppes ze beäntweren, mä ech maachen dann eng Ausnahm.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech weess, dat hänkt mat der Pertinenz vun der Fro zesummen.

(Hilarité et interruption)

Dir hutt lo plädéiert fir eng Erhéijung vun der Valeur cadastrale. Ass et dat, wat Der d'Regierung opfuert ze maachen, nämlech dass se d'Valeur cadastrale op d'Valeur actuelle vläicht festleeë soll?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, also, ech hat scho Recht, dass ech dem Här Henckes seng Froen net gäre beäntweren, well e manifestement guer näischt verstanen hat vun deem, wat ech gesot hunn.

Et huet iwwerhaapt näischt domadder ze dinn. Heimat ass nämlech d'Ofschafung vun der Valeur cadastrale u sech besigelt, am Taux, deen applikabel ass, dat heescht

d'Heicht vun den Aktkäschten, wou déi Valeur cadastrale, dësen ominöse Wäert nach dran ass. Iwwert déi Mesure hei ass se ofgeschafft. Et ass dat, wat ech soe wollt. Ech muss also soen, dass et iwwerhaupt näischt mat där Fro, déi Dir mer gestallt huet, ze dinn huet.

(Interruption)

Oh, iwwerloosst mir dat, wéi ech dat denken. Also, ech mengen, ech hunn dat kloer an däitlech ausgedréckt. Déi Valeur cadastrale flitt elo eraus aus de Bestëmmungen, déi soen, ob ech e bëllegen Akt kréien oder net, an dat war dat, wat ech begreisst hunn.

An dann ass virdrun ugeklongen d'Fro vun der Fraude an der Spéculatioun. Ech menge schonn, dass et en eeschte Sujet ass. De Minister weess, dass dat mer um Häerz läit. Ech weess, dass ech him op d'Nerve ginn. Mä ech géif en trotzdeem nach eng Kéier opfuere, erëm eng Kéier nozebliden. Et gëtt eng ganz Rei Incentiven, och an engem Rapport, deem Der kennt, an ech hoffen, dass d'Administratioun, wou Der zu Recht gesot hutt, dass se un der Nues souwuel an der TVA erëmgefuert gëtt, mä och bei den Aktkäschten, dass Leit do farfelu Valeuren ugin, an dass mer hinnen d'Leit, d'Moyenen an d'Ënnerstëtzung solle ginn, fir deem endlech en Enn ze setzen, well ech muss soen: Dat ass net auszehalen, wat déi Leit heiansdo do vu Quatsch als Valeur zerwéiert kréien. Dat ass wierklech vill aner Leit fir domm verkaaft. Zumindest spillt et elo um Eegenheim net méi, wat d'Aktkäschten ugeet, mä et spillt nach wie vor, wat d'Plus-valueën ubelaangt. Ech wär frou, wann do déi noutwendeg Ënnerstëtzung vum Minister kéim, fir dass déi Leit hir Aarbecht anstänneg kënnen maachen.

De leschte Punkt: Ech hunn elo viru kuerzem en Avis kritt vun der ABL - et ass jo ëmmer erëm lëscht, zu Règlements grand-ducaux kréie mer als Deputéierten en Avis zum 111bis, zur Pension complémentaire -, dat ass dann en Avis zu engem Règlement grand-ducal, wou ech hinnen da muss matdeelen, dass ech ganz erfreet sinn iwwert hiren Avis, mä dass ech de Règlement grand-ducal natierlech net hunn, vu dass deen net noutgedrungen an der Dokumentatioun vun der Chamber ze fannen ass, well et net an eiser Kompetenz läit, fir d'Règlements grand-ducaux ze definéieren.

Mä do ass mer dann nach eng Kéier an Erënnerung geruff ginn, dass mer bei der sou genannter Loi Rau an engem Schema sinn, dës Joer nach am classeschen an dono dräi Joer, wou dat Ganzt ausleift, dass an der Argumentatioun an am Exposé des motifs, deem ech nëmme konnt iwwert den Avis liese vun der ABL, mä wou ech awer konnt erauslesen, et der Regierung um Häerz läit - si hat dat ugekënnegt - iwwert den 111bis, wat d'Pension complémentaire individuelle ass, hinzegeen en Ersatz e bëssen ze fannen, oder zumindest en Deelersatz, fir dat, wat virdrun d'SICAVen am Fall vun der Loi Rau waren.

Ech weess net, Här Minister, ob Der lech iwwerluegt hutt awéifern, dass den Incentive am Wunnengsbau net och den 129c kënn inspiréieren an awéifern e Fongen an déi Richtung vläicht kënn mat sech bréngen. Ech muss soen: Ech sinn net outilléiert, eis Fraktioun ass et ebenfalls net, fir do e fäerdege Projet virzeleeën, mä ech kënn mer awer virstellen, wann Der scho mat der ABL a mat der ACA iwwer esou Saache schwätzt, dass Der Är Servicer sollt beoptragen, fir ze kucken awéifern een do net eng Form vun Epargne oder eng Form vun Investissement kënn ënnerstëtzen. Mir hu gesot: Mir ënnerstëtze se, wann d'Lëtzebuerger Economie eppes dovunner huet.

Wa mer elo feststellen, dass mer hei e Rieseproblem hunn: A wéi fern kann ee vläicht eppes Ähnlech maachen, sief et nëmme, fir dat ofzufiedere, wat am Moment net nëmme op der Bourse weltwäit geschitt, mä wat och riskéiert am LuxX hei zu Lëtzebuerg ze spillen, wa mer déi ganz Loi-Rau-Geschicht zrëckgefuert hunn? Ech wär frou, wann ech dorop eng Äntwert krit.

Dat gesot, Här President, bréng mir den Accord dozou. Et ass awer, wéi d'Mesurë selwer, am Fong geholl en Accord op zwee, dräi Joer. Mir wëllen déi ganz Mesuren enger kritescher Analys ënnerzéien a gegebenenfalls op eisen Accord zrëckkommen, andeems een eenzel Saache misst amendéieren. Dat hu mer schonn duerch eis Motioun duergeluegt. Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech hu keng Ursaach um Schluss vun dëser Debatt iwwert dës Gesetzesprojet nach eng Kéier mech total an déi technesch Detailer vun deenen zur Ofstëmmung stehende Gesetzesprojeten ze äusseren, well déi zwee Rapporturen, den Här Norbert Haupt an den Här Lucien Clement, dat in extenso gemaach hunn an deenen ech fir hir Aarbecht wëll ausdrécklech merci soen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Doru wëll ech mech uschlëssen. Ech hat dat vergiess.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Och den Här Krecké seet lech merci.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Et ass net meng Gewunnecht, Dir wësst et, fir einfach ze soen, ech géing de Rapporteur merci soen, mä ech muss hinnen zwee merci soen, well si hu wierklech vill dorunner geschafft.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Den Här Krecké schwätzt - mä wien ass fräi vun deem Wonsch -, wéi wann e Finanzminister wier an erkennt un, dass déi zwee Rapporturen vum Standpunkt vun der Qualitéit vun hiren Aarbecht hier eng extrem gutt Prestatioun gemaach

hunn a vun der Rapiditéit vun hirer Aarbecht hier gutt geschafft hunn. Ech hat d'Geleegeheet gehat am Numm vun der Regierung de 7. Mee hei unzekenegen, dass mer déi Gesetzer géifen abrénge, an dass mer de Wonsch hätten, dass virun der grousser Vakanz - där parlamentarescher, net där regierungssäiteg verfügbarer - géif doriwwer ofgestëmmt ginn.

Mir hunn dee Projet Mëtt Juni abruecht. Mir kënnen e Mëtt Juli stëmmen. Dat ass eng exzellent parlamentaresch Aarbecht a weist fir de Rescht, dass wann d'Regierung, de Conseil d'Etat - deem ech och merci ze soen hunn an dësem Zesammenhang - an d'Chamber wëlle séier légiféieren, och an enger komplizierter Matière, dass dat duerchaus méiglech ass, wann een d'Energien esou bündelt, dass dat zilorientéiert esou gemaach gëtt. Duerfir ass mäi Merci fir d'Rapporteurs, den Här Hauptert an den Här Clement, grouss. Wéi mer iwwerhaupt fir dës Woch Gesetzesprojeten um Ordre du jour hunn, wou exzellent parlamentaresch Rapporte virleien, wéi dee vum Här Santer iwwert d'Protection des données.

Une voix. - Dat géllt awer net fir all Rapport.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech erwähne jo nëmmen, well ech jo souwisou scho bei den CSV-Rapporteurs sinn, wat erkläert, firwat dass ech mech länger Zäit ...

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Mir kënnen där awer och nennen, déi net gutt si vun der CSV.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Jo, et ass scho méi laang hier, dass d'Sozialiste keng Rapporte méi maachen, soss kéint ech do och méi...

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Jo, duerfir si scho laang keng gutt méi komm.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Jo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Et ass awer net méi laang, bis dass mer der erëm maachen.

(Hilarité)

Une voix. - Wou? Zu Diddeleng?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Här Di Bartolomeo, wann Der elo mam Här Gibéryen Arbeiter- a Bauernkoalitioun macht, fir déi kommunistesch Iwwerfall vun der DP a vun der CSV ze verhënneren, da wäerte mer jo an de Genoss vun der extremer Performance vun Ärem Rapporteurwiese kommen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här Statsminister, bis elo hunn ech mer meng Frënn nach ëmmer selwer erausgesicht.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Dat éiert lech an ech sinn och ëmmer gutt domat gefuer.

(Hilarité)

Zum Schluss vun dëser Debatt wëll ech merci soen all deene Kollegen, déi hei intervenéiert sinn an déi och an der Kommissioun trotz munchem Hin an Hier déi Aarbechten - wéi ech fonnt hunn, dat muss ech éierlech soen, ech soen dat fir all d'Parteien - konstruktiv mat begleet hunn.

Ech wëll nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, dass ech net an Technicalities hei wëll anrieden, dass et sech hei - wann ech mech där selwer zitieren, wie mécht dat net gär - ëm deen "Deal" handelt, dee mer de Leit hei am Land offréieren. Entweder rëtscht dat hei, mat der Zilsetzung, dass mer zu engem méi bëllege Baue kommen, oder et rëtscht net an dann trieden aner Moosnamen a Kraaft. Et gëtt strictement keng Ursaach, dass zu Lëtzebuerg d'Bauen onendlech méi deier ass wéi an deene Länner ronderëm eis.

Mir schafen elo hei d'Aktkäschen of, nodeem mer schonn 1991 e grouss Schrëtt an déi Richtung gemaach haten, mam Resultat, dass dat, wat mer de Leit nogelooss hunn u Steierschold par rapport zum Stat eigentlech an d'Keesen agespillt ginn ass vun deenen, déi Terrainen an Haiser verkaaft hunn. Mir hunn déi niddregsten TVA a ganz Europa a wäit iwwert d'Länner vun der Europäescher Unioun eraus, wat d'Bauen ubelaangt, mat dräi Prozent.

Et ass den TVA-Saz vun engem Entwécklungsland, well déi hu méi héich TVA-Sätz um Baue wéi zu Lëtzebuerg. An trotzdeem, obschonn de Stat um Bauen net verdéngt an obschonn sech de Stat seng gréisste fiskal Retenue beim Besteiere vun der Aktivitéit vum Bauen operluegt huet, sinn zu Lëtzebuerg Situatiounen entstanden, dass eigentlech dräi Generatiounen vu Leit müssen hiert Gespuerten zesumme krazen, fir dass déi jonk Leit nach kënnen bauen.

Dat bleift eng Performance, déi net zu de gudde Performancë vum Lëtzebuerger Land gehéiert, well et erkennbar esou ass, dass eng Minoritéit vu Leit dovu profitéiert, dass eng Majoritéit vu Leit muss bauen. D'Majoritéit, déi baut, gehéiert net zu deenen, déi vill Suen hunn, an d'Minoritéit vun deenen, déi verkaufen, gehéiere ganz oft zu deenen, déi wuelhabend sinn an déi vill Suen hunn.

Entweder duerch dës Moosnamen an déi Moosnamen, déi de Wunnungsbauminister, de Kolleg Fernand Boden, an deenen nächste Méint wäert virschloen, plus Moosnamen, déi zurecht hei ugemahnt gi sinn, souwuel vum Här Gibéryen wéi vum Här Mars Di Bartolomeo, wat de finanziellen Émgang vu Stat a Gemengen, wann d'Gemeenge bauen, ubelaangt, wann dat alles en place as, gëtt et keng Ursaach méi, fir dass d'Bauen zu Lëtzebuerg eng Aktivitéit gëtt vu Leit, déi sech wierklech bal musse veraarme fir nach kënnen zu Lëtzebuerg vun engem elementare Mënscherecht Gebrauch ze maachen, dat heescht fir en Daach iwwert dem Kapp ze hunn.

Duerfir ass dat een Deal. Mir proposéieren dem Land, allen Acteuren, deenen engen an deenen aneren, déi allen zwee entlaascht ginn, mä virun allem deenen, déi Propriétairé sinn hei am Land, dass mer zu enger Verbëlleegung vun der Bauaktivitéit a vun der Ukaftätéegkeet vun de Leit kommen.

Geschitt dat net an trëtt dat net an - an eenzel Kolleegen hu jo hei pessimistesches Téin vu sech ginn, déi ech sentimental begleeden, mä politesch net begleede wëll, well ech soen: Wa mer selwer drun zweifelen, dass dat hei eppes bréngt, da bréngt et och näischt -, da sinn ech der Meenung, dass mer da wierklech an de Beräich vun der sanctionnéierender Fiscalitéit mussen iwwergoen.

Ech hu mech eng laang Zäit gefrot, ob een net scho beim Virleeë vun dësem Gesetzesprojet gläichzäiteg misst déi Mesure mat proposéieren, fir dass d'Crédibilitéit vun der Mesure offensichtlech wier. Déi Mesure formuléiert sech just ausserhalb vun de Prinzipien an och do net liicht. Mä ech wëll hei soen, wat meng Persoun a meng Partei ubelaangt an d'Regierung, déi ech presidéieren, dass, wann déi Regierung hei um Pouvoir bleift an d'Resultat ass net dat, wat mer erwaarden, dass dann déi fiskal Sanctiounen kommen.

A wa meng Partei net méi an der Regierung ass, da wäert meng Partei, wa se an der Oppositioun ass, déi Regierung, déi dann do ass, obligéieren iwwer Proposition de loi an iwwer Motiounen déi Moossnamen hei ze huelen. Dat ass eng Saach, déi mech perséinlech bënnt, an ech wëll et ganz kloer zum Ausdrock bréngen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Den Här Krecké seet d'Regierung géif bleiwen, mä ech hu jo awer och déi aner Hypothees mat ofgedeckt.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech kann Ärem Wonsch net nokommen a mengem Wonsch. Mä hutt Der dann d'Impressioun, dass Äre vibranten Appel - wou ech gleewen, dass Der dru gleeft - konsequent ass, wann zur gläicher Zäit Etablissements publics, wou de Minister d'Tutelle driwwer huet, awer nach wie vor higin Terrainen, déi an öffentlecher Hand sinn, ze verkafen, der Spekulation fräi ginn.

Ech denken notament un de Fonds de Kirchberg, en Etablissement public, wou mer erliewen, dass Terrainen, wou Leit zum Deel souguer expropriéiert gi sinn, nach wie vor, grad wéi an eenzelnen Industriezonen och Gemengen dat maachen, Leit verkaaft ginn zu engem ganz bëllegen Taux, trotzdeem nach...

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Très bien.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Oh mei, ech hunn ëmmer erëm eppes u mer, wann den Här Henckes mech ënnerbrécht.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Jo, mä et ass awer esou.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Mä hutt Der d'Impressioun, dass Der ganz konsequent sidd, wann Der dat net systematesch géingt ënnerbannen, doduerch dass déi Terrainen net méi en pleine propriété deene Leit géingen zoukommen, esou wéi dat schonn an eenzelnen Industriezonen, nationaler, ass, fir dass kee méi Spekulationen ka maachen, esou wéi dat geschitt ass do uewen um Fonds vum Kierchberg bei Gebailechkeeten, déi méi eng grouss Envergure hu wéi déi, iwwert déi mer haut schwätzen. Ech hunn dozou ni eng zefridde stellend Äntwert bis elo krut.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Här Krecké, Dir fannt Spurenelementer vun enger Äntwert an der Erklärung vun der Regierung vum 7. Mee, déi, wann Der se vun hirem Geescht aus richtig weider interpretéiert, lech eng evident Äntwert op Är Fro ginn.

Mäi Punkt war, fir ze soen, ënner Berücksichtigung vun deem, wat den Här Krecké seet - wat ze nuancéieren ass, mä wat prinzipiell stëmmt fir all öffentlech Acteuren -, dass mer hei en Deal proposéieren, vun deem mer erwaarden, dass d'Land op deen Deal ageet, a wann deen Deal net akzeptéiert gëtt, well e mat enger Retenue fiscale vum Stat begleet ass, dass mer dann zu anere Moossname musse schreiden, déi noutwendegerweis deen Arsenal complétéieren, dee mer zur Zäit zur Verfügung hunn, an dozou gehéiert notament deen niddregen TVA-Saz vun dräi Prozent, dee mer jo am administrative Remboursementsoflaf wiesentlech erlichtere par rapport zu deem, wat mer haut hunn, d'Situatioun vun de Retarde vun de Remboursementen, déi jo oft hei an Interventiounen an a parlamentaresche Froe kritiséiert ginn ass an déi hir ursächlech Explicatioun doranner fannen, dass d'Verwaltung ganz vill Zäit domat verluer huet, fir d'Éierlechkeet vun deenen Deklaratiounen ze iwwerpräiwen, déi erakomm sinn, a wou mer ganz dacks festgestallt hunn, dass d'Leit, wa se mam Stat ofrechnen, sech Fräiheeten araumen, déi eigentlech engem Mënsch, dee mat der Kollektivitéit ze dinn huet, net zoustinn.

Mir sinn eis eens driwwer, dass mer bilanzéiere mussen, no engem Joer fir d'éischt, no zwee an no dräi Joer fir d'zweet, fir ze kucken, wéi déi Moossname sech hei auswirken, a besonnesch op deene Punkten, wou mer och an eise parlamentaresche Virbereedungsgespräicher hésitéiert hunn tëschent där Pist, déi de Statsrot opgezeechent huet, deen eigentlech méi eng Impositioun pro Acquisitioun an d'A gefaasst huet, an där Méiglechkeet, déi d'Regierung an d'Verwaltung opgezeechent huet an déi Objet ass vun dësem Gesetzesprojet, wou mer déi zwou Méiglechkeeten am Verglach vum Bilan matenee kënnen à comparaison géigeniwwer stellen, fir da leschtendlech déi zrëckzebehalen, déi déi gangbarste schéngt.

Ech hunn d'Fro gestallt kritt vum Här Krecké betreffend d'Applikatioun vum Artikel 129c am Zesammenhang mat Aktivitéiten, déi de Logement betrëfft. De Ministère des Finances ass amgaang dat ze studéieren, well dat jo eng Fro ass, déi am ethesche Spueren am Artikel 129c erëmkënnt an an deene Gesamtkonzepter, déi een do muss entwéckelen, spillt déi Fro Logement selbstverständlech eng Roll.

Mäin Hauptpunkt ass fir däitlech ze maachen, net nëmmen heibannen, mä och dobaussen, dass dat als Eescht gemengt ass mat deem, wat ee kënnt Spekulationssteuer nennen. Do muss ech mech wonneren iwwert d'Aussoe vum Här Gibéryen, deen hei an enger seltsamer Uwandlung vu Propriétairesreflexer, déi e soss net charakteriséiert, sech hei schützend virun d'Lëtzebuerger Landwirtschaft gestallt huet, andeem e mengen Aussoe vum 7. Mee eng extensiv Bedeitung zoukomme gelooss huet, déi deene selbstverständlech net zoukënnt.

Ech hu gesot, dass et evident wier, géif esou eng Spekulationssteuer kommen - an déi kënnt, wann dat heiten net opgeet -, dass dann all Mënsch pro Kand, dat en a sengem Stot huet, eng Bauplaz fräibehält, well mer net d'Propriétéit als solch condemnéieren, mä den Excès an den Abus vun zrëckbehalemer Propriétéit wëlle sanctionnéieren.

Dass et Bauere gëtt, déi ronderëm hiren Haff an op anere Plaze landwirtschaftlech genotzt Flächen hunn, déi och a Bauperimetre leien, wat d'Bauern heiendo zu hire Gonschte wëssen an eng Realitéit ze transforméieren, wësse mer. Dat heescht awer net, datt mer Baueren, déi landwirtschaftlech genotzten Terrainen an de Perimetre vun deene respektive Gemengen hunn, géifen zwangsenteegen, wann déi Terraine landwirtschaftlech genotzt sinn. Dat hunn ech a menger Ried selbstverständlech net gesot, well ech net wosst - mä ech hätt et eigentlech misste wëssen -, dass den Här Gibéryen mir eigentlech alles zoutraut, wat ech eigentlech am Ëmgang mat him net anescht gesinn.

Ech trauen lech souguer zou, dass Der behaupt, d'Regierung hätt eppes wëlles, wourun déi am Dram nach net geduecht huet, an dass Der dat dohinner stellt wéi eng tatsächlech schonn erkennbar Realitéit, déi sou op lech zoukënnt, dass Der lech déi leschten...

(Interruption)

Här Gibéryen, Dir sidd ëmmer gutt mat mir gefuer, a wann Der Bauer wiert, wiert Der nach besser mat mir gefuer. Frot emol den Här Mehlen, wéi glécklech a wéi frou en ass, dass e sech an deem glécklechen Zoustand befënnt.

Dat heescht, datt mir guer net drun denken, fir de Baueren hiert Recht op d'Exploitatioun vun hirer Propriétéit wëllen ze contestéieren, dat ass ganz evident...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ou! Ech si frou fir déi Präzisioun.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech si frou, Här Gibéryen, dass Der mer d'Geleegenheet ginn hutt, hei schonn eppes ze dementéieren, wat ech, hätt ech et méi spët am Liewe missen dementéieren, wéi eng Ënnerstellung hätt misse beschreiwen, a falls se dann nach net zrëckgezu gi wär,...

(Interruption)

...wéi eng béiswëlleg Ënnerstellung, a wa se dann nach net zrëckgezu gi wier,...

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dir sidd awer mat mir eens...

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - ...wéi eng regelrecht Ligen, an dat wollt ech net maachen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här Statsminister, Dir sidd awer mat mer eens, dass dat, wat ech gesot hunn, am Aklang oder zumindest net am Géigesaz ass zu deem, wat Der de 7. Mee hei deklaréiert hutt.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech hunn de 7. Mee och net erkläert, Lëtzebuerg géif ee Mondfahrtprogramm lancéieren, asoufern spieren ech mech duerch déi Aart a Weis, wéi Der d'Froe stellt, och genéidegt ze dementéieren, dass d'Lëtzebuerger Regierung...

(Interruption)

...drun denkt op de Mound ze fléien, obschonn ech mer duerchaus ka virstellen, dass Der eenzel Passagéier gären op déi Orbite géift schécken.

(Hilarité)

Wann et no lech géif goen, wier ech jo scho laang um Mound, ech weess dat.

(Hilarité)

Ech hoffen, dass deen Dag, wou ech um Mound landen,...

(Interruptions)

...ech op d'mannst dem Här Mehlen do scho begéinen.

(Hilarité)

Also, d'Bauere brauche sech keng Suergen ze maachen, net well den Här Gibéryen sech hei viru se stellt, mä well dat, wat d'Regierung wëlles huet, selbstverständlech net am Spektrum vun deene Befierchtunge läit, déi den Här Gibéryen hei beschriwwen huet, wat lech natierlech net d'Recht gëtt, ze soen, dass d'Bauern net sollen d'CSV an d'DP stëmmen. Andeem Der dat sot, beleidegt Der jo de gréissten Deel vun de Baueren, well déi meeschte Bauere stëmmen entweder d'CSV oder d'DP.

(Interruption)

Jo, dat ass esou.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dir kënnt dat allen zwee behapten, mä et ka keen et beweisen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Ech kann et beweisen. Dach! Also, gleeft mer mol, dass ech dovun eppes weess.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Jo, jo, dann huele mer eis eng Kéier Zäit dofir.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Mä dass Der da sot, dass just déi dommste Kalwer d'CSV an d'DP géife wielen, hire Metzler géife wielen, an dass d'Metzler d'CSV an d'DP wielen an d'Kalwer d'Bauere wielen, sou däerf een iwwert d'Baueren net schwätzen, Här Gibéryen. Dat geet net.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Déi hunn et scho verstanen. Déi hunn et scho verstanen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Se wëssen duerchaus dee richtege Gebrauch vun deene Virgäng hei fir sech selwer erauszesichen. Den Här Mehlen ass wéi virun 20 Joer sou oft menger Meenung...

(Interruption)

Gitt emol dovunner aus, dass d'Bauere bei dëser Regierung op jidde Fall besser opgehewe si wéi bei enger Regierung, déi eng aner Compositioun hätt wéi déi, déi se huet.

Mä dat bréngt eis wäit vun eisem Thema...

(Interruption)

Här Krecké, wann ech glift. Ech wëll d'Bauere jo net opreegen. Den Här Gibéryen huet jo lo scho probéiert se opzereegen. Ech hu se jo lo erëm berouegt. Et geet jo lo een Opootmen duerch d'Chaumiären an duerch d'Ställ, wa se hei héieren hunn, wat d'Positioun vun der Regierung ass.

Mä, ech muss lech soen, dass Der net menge braucht, dass d'Bauere méi roueg géife schlofe mat enger Regierung, wou den ADR an d'LSAP dra wieren an een aus der LSAP d'Landwirtschaft géif maachen. Gitt roueg dovun aus. Se géifen och nach keng Freedesspréng maachen, wann een...

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mir sichen eis eis Frënn nach ëmmer selwer.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech muss elo eppes dementéieren, u wat ech nach ni geduecht hat. Dir hutt elo grad gesot, dat soll een net maachen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Ech sinn dräifachen Zeien dovunner, dass Dir ni wollt de Landwirtschaftsminister stellen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- An och net mam ADR an enger Regierung sinn.

(Interruption)

M. le Président.- Komme mer zum Thema zrëck.

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

Une voix.- Dir sidd streng mam Statsminister.

M. le Président.- Mat lech och.

(Hilarité)

Dir sollt net iwwerdreiwen. Ech hunn näischt géint eng Ënnerbriechung, mä mir hunn nach e Programm vun zwou Stonnen an Dir sidd dauernd amgaang Witzer ze räissen.

Här Statsminister, fuert virun a loosst lech net méi provozéieren.

(Hilarité et interruptions)

Une voix.- Et ass gutt, dass Der e bëssen hëlleft, Här President.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Här President, ech äntweren hei op vun lech net contestéierten Debattenelementer.

Une voix.- Wie provozéiert wien?

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Ech stelle just fest, dass, wou mer gemengt hunn, iwwert de Logement ze schwätzen, wat mer jo och hei gemaach hunn, doríwwer, wat mer lo an deem Beräich maachen an nach an Zukunft maache wëllen, nach zu erstaunleche perspektiveschen Erkenntnisser iwwert d'Compositioun vu méigleche Regierungskoalitiounen an der Zukunft komm sinn. Ech halen dat emol zrëck, an ech wäert och wëssen, déi eng an déi aner dorun ze erënneren, falls se awer sollte vu Versuchungen heemgesicht ginn, déi se haut an de Beräich vun der Onméiglecheit verweisen.

Ech wollt zu de Gemengen nach eppes soen, well dat och ee Punkt war, deen den Här Di Bartolomeo, den Här Krecké deelweis an den Här Gibéryen gesot hunn. Ech schlësse mech där Meenung net un, dass d'Gemengen dësen Dossier, wat säi Succès a säin Echec ubelaangt, eleng an den Hänn hunn, mä ech ginn awer zou, dass och de Gemengen eng grouss Responsabilitéit zoukënn. Ech hätt gär, dass déi Responsabilitéit, soufern wéi se kommunal ass, eng gedeelten ass tëscht dem Stat an de Gemengen. Ech hunn hei bei verschiddene Gelegenheiten zum Ausdrock bruecht, dass de Stat a méi engem staarke Mooss wéi bis elo muss de Gemengen, soufern wéi bestëmmte Kritären erfëllt sinn, méi staark finanziell betruucht zur Säit stoen, wann et ëm den Ausbau vu kollektiven Infrastrukture geet, déi bedéngt sinn duerch eng relativ soutenéiert Expansioun vun de Wunnengsméiglecheeten an enger Gemeng. Ech mengen, dass dat evidenteweis zu dëse Considératiounen, déi mer hei féieren, gehéiert.

Wat d'Virkaafsrecht vu Stat a vu Gemengen ubelaangt, mengen ech net, dass déi Dispositioun Agang soll

fannen, och wann ënner Form vu Motiounen hei virbruecht, an dës Debatt, mä ech mengen, dass mer dat sollen examinéiere bei deenen Debatten, déi Orientéierungscharakter sollen hunn an am Hierscht stattfannen. Ech wëll fir mäin Deel soen, dass dat eng Stoussrichtung ass, déi mir ganz sympathesch ass. Si ass am Iwwerwege schwéier machbar an der Detailfixéierung vum technesche Millimeter, mä dat ass eng Fro, wouriwwer ee mat den zwou Regierungsparteien an aller Rou ka schwätzen. Da kucke mer dat am Débat d'orientation, wann deen am Hierscht kënnt. Den Här Minister Boden wäert bis dohinner och an der Lag sinn, denken ech, prinzipiell dorop eng Äntwert ze ginn, soudass mer da kucke mussen, wéi een dat technesch kann ausféieren.

Ech weess vum Wunnungsbauminister, dass dat him net abwegeg schéngt, grad wéi et eis prinzipiell net abwegeg schéngt, op de Wee ze goe vum Bail emphytéotique, wann et ëm den zukunftsorientéierte laanggestrecktene Wunnungsbau an déi doraus resultéierend Propriétéitsrechter an drëtter an a véierter Generatioun geet. Och de Bail emphytéotique léisst sech verlängere fir déi, déi méi wäit wéi 99 Joer gesinn. Ech staunen da jo driwwer, dass, wann een iwwer Rente schwätzt, een dann net bis an d'Joer 2050 kucken däerf. Je vous laisse avec vos contradictions sur ce point. Dat kréie mer selbstverständlech haut net gekläert, mä awer geregelt: Dat eent regelt d'Zäit an dat anert regelt d'Gesetz.

Den Här Gibéryen hat nach d'Fro gestallt, wéi dat ass, wann een no fënnef Joer scho verkeeft. Richteg ass: Da gëtt rembourséiert, mä den Intérêt légal gëtt applizéiert op dee Remboursement an da leeft dee Crédit d'impôt erëm op.

Iwwert de Revenu cadastral an d'Valeur unitaire, fir mol déi richteg Terminologie hei ze gebrauchen, wier munches ze soen. Ech hunn den Här Krecké net esou verstan, Här Henckes, wéi wann en hei plädéiert hätt, dass d'Valeur unitaire vun den Haiser soll an d'Luucht gesat ginn. En ass just frou, dass de Revenu cadastral lo steierméisseg betruuecht ofgeschafte gëtt. Ech muss him hei op de Konto schreiwen, dass en dat och schonn 1991 plädéiert huet, mä dass e sech du weder beim Finanzminister nach bei der Verwaltung duerchgesat huet.

Den Här Garcia huet sech jo souwisou gewonnert, wéi vill Meenungspluralismus et am Finanzministère gëtt, dass de Finanzminister dat eent seet, dass den Administrateur général vum Finanzministère dat anert seet an dass d'Direktioun vum Enregistrement nach eppes anesches seet.

Gesidd Der, Här Garcia, sou fonctionnéiert den CSV-Stat: Jiddereen däerf soen, wat e wëllt.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4971, 4972 a 4973 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

Mir fänken u mam Intitulé, deen hutt Der virun lech leien. Den ADR huet dozou en Amendement abruecht, fir den Intitulé ze änneren. Mir stëmmen da lo doriwwer of.

Amendement 1 (Intitulé)

Vote

Wien dofir ass, d'Propositoun vum ADR unzehuelen, stëmmt mat Jo, wien dogéint ass mat Neen oder enthält sech.

D'Ofstëmme fänkt un.

D'Propositoun vum ADR fir den Intitulé ofzeänneren ass ofgelehnt mat 45 Neen- an 12 Jo-Stëmmen. Domat ass also de virleienden Text vun der Kommissioun ugeholl.

Ont voté oui: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Emile Calmes), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké).

Mir fuere weider mat der Lecture vun den Artikelen.

D'Artikelen 1 bis 20 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 57 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Norbert Hauptert) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Maggy Nagel), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vun dem zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also sou décidéiert.

Et sinn nach Motiounen agereecht ginn. Dir hutt se virun Iech leien. Déi éischt ass déi vum Här Jean-Marie Halsdorf.

Motion 1

Vote

Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Motion 2

Da komme mer zur Motioun 2 vum Här Mars Di Bartolomeo.

Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, dat, wat den Här Di Bartolomeo do an där zweeter Motioun proposéiert, ass mir a priori net onsympathesch. Ech muss allerdéngs soen, dass ech net d'Wëssen hunn, fir dat total ze iwwerblécken, wat do am Zesammenhank mat der Organisatioun vum Notariat a mat der

Fixéierung vun den Honorairë vun den Notairë gemengt ass a wéi wäit dat ka féieren. Sou sentimental a priori a prinzipiell gesinn ech dat éischter och esou, mä ech weess dat awer net, ob dat richteg ass. Ech géif proposéieren, dass Der den Här Justizminister eng Kéier an d'juristesche Kommissioun komme loosst, fir deen Aspekt vum Problem ze studéieren, dass Der dat géift ufanks September maachen, soudatt dat Gespréich tëschent der Justizkommissioun an dem Justizminister virun dem Débat d'orientation wier, an dass Der se da géift erëmhuelen.

Wann d'sozialistesche Partei géif drop halen, dass déi Motioun haut zur Ofstëmmung kënnt, géif ech - wier ech Deputéierten - mech bei där Motioun enthalten.

M. le Président.- Jo, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech verstinn dem Här Statsminister seng gutt Gefiller, fir déi Motioun sengem Justizminister weider ze ginn, da kënne mir eis dermat d'accord erklären, fir d'Motioun an der Kommissioun nach eng Kéier ze iwwerschaffen.

M. le Président.- Okay. Domat si mer d'accord.

Motion 3

Da kéime mer zur Motioun 3. Déi ass abruecht vum Här Jeannot Krecké.

Solle mer doriwwer ofstëmmen?

(Interruptions)

Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Och do, Här President, sinn ech partiell schlecht drun, well ech dat och net an alle Millimeterrépercussiounen iwwerblécken, obschonnns...

(Interruption)

Wat gelift?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Hei braucht Der awer net de Justizminister ze froen. Hei mussst Der Iech selwer froen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Ech sinn amgaang mer eng Fro ze stellen. Da gesinn ech esou aus, Här Krecké, gesitt Der!

(Hilarité)

Ech iwwerblécken och hei net am Detail, bis wuer dass dat eis kann am Detail vun deem Dispositif droen, notament do, wou op bestëmmte Joreszäite Referenz gemaach gëtt.

Ech kann déi Motioun unhuelen ënnert der Bedingung, dass se mech an der Millimeterausféierung vum Dispositif net festleet. Well ech mat der allgemenger Tounlag vun där Motioun averstane sinn, mä ech iwwerblécken net ouni weider Gespréicher, bis wouhinner dass dat eis ka féieren.

Ech hätt de Wonsch, dass een dat och am Hierscht géif kucke beim Débat d'orientation, mä wann Der awer léiwer hutt, dass een haut driwwer ofstëmmt, kann ech déi Motioun unhuelen ënnert der Maassgab, dass ech muss mat deenen, déi dovun méi verstéi wéi ech, schwätzen, ob dat dote wierklech ganz genau esou ze maachen ass, wéi dat hei steet.

Ech si prinzipiell d'accord an iwwert den Detail kann ech mech net ausspreechen. Ech ka se also unhuelen ënnert dem Hiweis op dat, wat ech elo gesot hunn.

Une voix.- D'accord!

M. le Président.- Ass den Här Krecké domat d'accord? Ass d'Chamber d'accord?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

(Interruptions)

Mir maachen also de Vote par main levée.

Vote

Déi dofir si sollen d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, d'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Motion 4

Da kéime mer zur Motioun 4.

Den Här Statsminister huet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, do muss ech wierklech drëm bieden, dass een dat zrécksetzt an d'Debatten am Kader vum Débat d'orientation.

Ech wëll hei nach eng Kéier zum Ausdrock bréngen, dass, wat de Finanzminister ubelaangt, dee séier an der Richtung tendéiert, fir deen Droit de préemption do ze maachen, mä dat ass eng Fro vun enger héijer Technicitéit an der Endausfeilung, wou een dann och erëm prinzipiell Froe begéint, sou dass ech wierklech ëm Verständnis derfir bieden, dass mer - nodeem mer probéiert hunn, scho bei dëser Législatioun dat Element hei mat ofzedecken, wéi ech dat och schonn an Erwidderung zu enger Interventioun vum Här Di Bartolomeo beim Etat de la Nation gesot hunn - probéiert hunn dat ze maachen, mä dass mer dat net ronn kritt hunn. Do brauche mer eng gewëssen Zäit.

Ech géing wierklech häerzlech drëm bieden, bei allem Averständnis iwwert dat Prinzipiellt, wat mech ubelaangt, déi Motioun zréckzesetze bei d'Debatt iwwert déi allgemeng Orientéierung, déi d'Wunnungsbaupolitik soll huelen, wou jo och aner Froe mussen diskutéiert ginn, déi ech och beim Etat de la Nation mentionnéiert hat, wéi zum Beispill, dass mer ee Gesetzgebungsverfahren musse lass trieden, dat de Gemeng mat méi Liichtegkeet wéi

haut erlaabt, am Fall, wou eng inappropriéiert Occupatioun vun Appartementer gemaach gëtt, fir do kënne sanctiounsméisseg virzegoen.

Do sinn also eng Rei vun anere Moossnamen, déi nach musse geholl ginn. Et wier gutt, wa mer am Hierscht géifen dorop zréckkommen.

M. le Président.- Ass d'LSAP d'accord mat där Proposition vum Här Statsminister? Här Jeannot Krecké?

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, also et geet eis ëm d'Saach. Ech muss awer festhalen, bei aller Technicitéit, déi anscheinend an eise Motiounen ass, dass de Statsminister e bësse manner Entgéintkommes gewisen huet wéi mir sengem Text, deen och ganz vill Technicitéit beinhalt, awer lo an deene leschte Wochen ënner Drock him entgéintbruecht hunn.

Dat heescht, mir hunn him ganz e bësse Vertraue ginn an enger extrem schwiereger Technicitéit an...

(Interruption)

...ech stelle fest, dass hien eis dat net entgéintbréngt, doduerch dass en et no hanne verleet.

Ech muss d'Kollegen allegueren hei...

Une voix.- Dir wësst jo awer, dass Dir an der Oppositoun sidd.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, mä wat huet dat da mat der Oppositoun ze dinn?

Ech hoffe just, dass - a mir halen drop! - dat hei net e Begrieffnis ass, mat engem Här, mä dass déi Motiounen zréckkommen an dann all Technicalities gekläert sinn.

Et ass och den Här Halsdorf, deen e vibranten Appel heifir gemaach huet, endlech dat hei ze stëmmen.

(Interruption)

M. le Président.- Ass d'Chamber mat där Proposition d'accord?

Déi dofir sinn, si gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

(Interruptions)

Une voix.- Här President, mir hu se positiv begutacht!

(Interruptions)

M. le Président.- Jo, Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Här President, ech wëll nach eng Kéier d'Proposition vum der Regierung kloer maachen.

Mir hätte gären, dass dat beim Débat d'orientation iwwert de Logement géif evaküiert ginn, no deenen entspreche Virgesprächer.

Dat ass d'Positioun vum der Regierung a vun deene Parteien, déi se ënnerstëtzen.

(Interruptions)

Une voix.- Très bien, mat engem Préjugé favorable!

M. le Président.- Et ass also esou décidéiert.

Da wier dee Punkt ofgeschloss, Kollegen.

Da kéime mer op eng aner Motioun, déi den Här Bausch agereecht huet. D'Mme Renée Wagener explizéiert déi Motioun, déi mer zrëckgestallt haten.

D'Mme Wagener huet d'Wuert.

9. Dépôt d'une motion concernant l'accord de réadmission entre le Benelux et la République fédérale de Yougoslavie (Suite)

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Merci fir d'Wuert, Här President.

Mir hunn déi Motioun hei agereecht, well mer an der Zeitung konnte lesen, datt Lëtzebuerg zesumme mat deenen anere Benelux-Länner e Freide wäert en Accord de réadmission mat Jugoslawien ënnerschreiwten.

En Accord de réadmission, dat heescht op Lëtzebuerger gesch, datt et drëms geet, Leit ze refouléiere vun eisem Territoire. An der Haaptsaach wäerten dat déboutéiert Demandeurs d'asile sinn.

Ech kann do och nach aus dem "Lëtzebuerger Wort" zitieren, fir datt déi Saach nach méi kloer gëtt: "Um die Rückführung dennoch in geregelten Bahnen abzuwickeln, sind Abkommen mit Herkunftsländern ein Muss. Die Benelux-Staaten haben denn auch bereits einen solchen Vertrag mit den jugoslawischen Behörden ausgehandelt. Noch vor den Sommerferien soll das Abkommen unterzeichnet und danach umgesetzt werden. Das erlaubt nicht zuletzt die Rückführung von Familien mit Kindern während der Ferien."

Dir wësst vläicht, datt mer virun enger Zäitche schonn hei am Parlament en aneren Accord de réadmission soumettéiert kritt haten, an zwar a Form vun engem Projet de loi. Dee waart och nach ëmmer drop, datt e soll approuvéiert ginn. Am Exposé des motifs vun deem Projet de loi seet d'Regierung selwer, ech zitieren: "Dans l'intérêt de la sécurité juridique et en vue d'une plus grande transparence, ces accords de réadmission doivent faire l'objet d'une procédure d'approbation parlementaire."

Déi Fassong, fir do ze procédieren, ass och an engem Avis vum Statsrot explicitement unerkannt ginn.

Wa mer elo kucken, wéi et hei soll lafen, a wa mer d'Lëtzebuerger Wort richteg verstinn, da gesäit et esou aus, wéi wann deen Accord de réadmission mat Jugoslawien awer net soll der Chamber soumettéiert ginn.

Mir mengen awer, dass dat net korrekt wär, onofhängeg vun der politescher Meenung, déi ee souwisou par rapport zu deenen Accords de réadmission kann hunn a wou mir jo och schonn öfters eis Zweifel geäussert hunn, ob

déboutéiert Demandeurs d'asile, déi bis zu véier Joer schonn am Land sinn an heiansdo och méi laang, ob et Sënn mécht fir déi erëm zrëckzeschécken, wou se sech eigentlech scho längst hei integréiert hunn.

Wéi gesot, mir mengen also, dass onofhängeg vun deene politesche Grënn oder Meenungen, déi een do kann hunn, et awer och aner Kritäre gëtt. Zum Beispill deen, datt eben esou en Accord de réadmission an engem Fall oder a méi Fäll dem Parlament virgeluegt gëtt, an dann am Fall vu Jugoslawien jo anscheinend net.

Dofir fuerdere mer d'Regierung op, eis - also dem Parlament - och e Projet de loi par rapport zu deem heiten Accord de réadmission virzeleeën, an, op alle Fall ier dass dat geschitt an ier dass d'Parlament hei eppes votéiert huet, och drop ze verzichten, fir op Basis vun deem Accord Leit zrëckzeschécken.

M. le Président.- Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Här President, viru laanger Zäit an an däischtere Momenter konnt een, ouni dass ee sech d'Fro gestallt huet, d'Lëtzebuerger Wort mat der Regierungspress gläichsetzen.

Zënter enger Rei vu Jore géif ech lech bieden, d'Lëtzebuerger Wort net als dat offiziellt Organ vun der Lëtzebuerger Regierung...

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, et handelt sech ëm en Interview mam Här Justizminister Frieden an ëm seng Äntwert.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Jo, jo. Ech hunn lech do d'Lëtzebuerger Wort zitiert an net de Justizminister.

Hätt Der de Justizminister nämlech richteg zitéiert, da kéint een hei zum Ausdrock bréngen, dass et eng europäesch Politik ass, solennellement confirméiert duerch déi 15 Regierungen virun e puer Wochen zu Sevilla, fir mat all deene Staten, wou Demandeurs d'asile, déi déboutéiert gi sinn, hierkommen, Accords de réadmission ofzeschleissen.

Zu deene 15 Regierungen gehéiere 67 Parteien, dovunner a siwe Länner gréng Parteien. Mierkt lech dat emol eng Kéier. Siwe Parteien, siwe Regierungen hunn eng gréng Participatioun an der Europäescher Unioun.

(Interruptions)

Ech gleewe ganz gären, dass Der dat net kënnt gleewen. Ech kann et och net gleewen, wann ech kucken...

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Soll ech lech all Mëssetate vun alle Chrëschtendemokraten aus Europa opzielen?

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Neen, dat halen ech net aus, mä ech hoffen awer, dass Dir et wéinstens aushaalt, fir siwe gréng Parteien...